n° 1 /2024











# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 9.2.2024

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Christiane Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°1 / 2024 - Parution: avril 2024 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport sommaire en français 4

**1. CORRESPONDANCE** 6

**2. CIRCULATION**

2.1. Confirmation de règlements d'urgence à caractère temporaire de la circulation édictés par le collège des bourgmestre et échevins
- 2.1.1. rue de la Forêt
- 2.1.2. rue Victor Tesch, rue Norbert Metz et rue Jean Berchem
- 2.1.3. rue des Écoles et rue de l'Indépendance

2.2. Approbation de règlements temporaires de la circulation
- 2.2.1. rue de la Forêt
- 2.2.2. rue Victor Tesch, rue Norbert Metz et rue Jean Berchem
- 2.2.3. rue des Écoles et rue de l'Indépendance
- 2.2.4. avenue Grande-Duchesse Charlotte

**3. ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE**

Approbation des changements à apporter à l'organisation scolaire 2023/2024

**4. FINANCES**

4.1. Plan pluriannuel de financement des exercices 2025 à 2027 – présentation et discussion

4.2. Approbation des tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et des modifications à apporter au chapitre XIV : Gaz – du règlement-taxes général

4.3. Local commercial sis, 98, avenue Grande-Duchesse Charlotte
- 4.3.1. Approbation du contrat de bail commercial avec les consorts Lutgen
- 4.3.2. Approbation du contrat de bail commercial de sous-location avec M. Gabriel Gibril Mjahed

4.4. Local commercial sis, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte – approbation du contrat de bail commercial de sous-location avec la société MeLord S.à r.l

4.5. Parcelles de terrain sis au lieu-dit « Bei Oberst Ribeschpont »
- 4.5.1. Résiliation du contrat de fermage conclu avec Monsieur Romain Breckler
- 4.5.2. Approbation du contrat de fermage conclu avec Monsieur et Madame Peter-Hoffmann

4.6. Échange de terrains sis au lieu-dit « In Ponk »
- 4.6.1. Reclassement de la parcelle de terrain du domaine communal public en domaine communal privé
- 4.6.2. Approbation d'un acte notarié d'échange avec Monsieur Albert Reiland

4.7. Emprises – Approbation d'actes notariés de vente
- 4.7.1. Solidus Real Estate S.A., avenue G.-D. Charlotte
- 4.7.2. époux Andy Uri et Estelle Venuse N'Guessan, 8, rue Jean Friedrich
- 4.7.3. Madame Cindy Dias Marques, 14, rue Jean Friedrich
- 4.7.4. Madame Liette Marin, 16, rue Jean Friedrich
- 4.7.5. Madame Maria de Lurdes Da Silva Santos, 19, rue Jean Friedrich
- 4.7.6. époux Arkin Licina et Lajla Kapetanovic, 20, rue Jean Friedrich
- 4.7.7. époux Mike Steve Nicolas Bernard et Sandra Stockreiser, 29, rue Jean Friedrich
- 4.7.8. époux José Manuel Pinto Taveira et Maria da Conceição Loureiro Pinto, 31, rue Jean Friedrich
- 4.7.9. époux Jean-Marie Him et Sandra Bohler, 39, rue Jean Friedrich
- 4.7.10. Monsieur Filipe Manuel Pinto Taveira, 41, rue Jean Friedrich
- 4.7.11. Madame Karima Paulette Boujrhal, 47, rue Jean Friedrich

4.8. Approbation du devis estimatif relatif à la construction d'une conduite de refoulement pour eaux usées entre le quartier NeiSchmelz et le bassin de rétention dans la rue du Nord – phase II (tracé allant de la route de Burange jusque dans la rue Pasteur) 12

4.9. Subsides extraordinaires à allouer

**5. URBANISME**

Approbation d'un projet de lotissement/morcellement dans la rue Mme Mayrisch de St Hubert

**6. ÉLARGISSEMENT DES COMPÉTENCES DES AGENTS MUNICIPAUX**

Point mis à l'ordre du jour par la fraction DP

**7. MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION « DÉI GRÉNG » POUR UNE SAISINE DE MONSIEUR LE MINISTRE DES AFFAIRES INTÉRIEURES AU SUJET DES PRÉOCCUPATIONS RELATIVES À LA SÉCURITÉ À DUDELANGE**

# RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol (à l'exception des points numéros 4.1 à 4.7 et 4.9 à 10 de l'ordre du jour), échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn, Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absent : Monsieur Alain Clement, conseiller communal, excusé. Délégations de vote : Monsieur Alain Clement, conseiller communal, a conféré une délégation de vote à Madame Martine Bodry-Kohn, conseillère communale pour voter pour lui et en son nom pour tous les points de l'ordre du jour. Madame Claudia Dall'Agnol, échevine, a conféré une délégation de vote à Monsieur René Manderscheid, échevin, pour voter pour elle et en son nom pour les points numéros 4 (à l'exception du point numéro 4.8) à 10 de l'ordre du jour.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

**1 – Correspondance**
Monsieur le bourgmestre porte les présentes informations à la connaissance du conseil communal :
l'échange de correspondance avec le restaurant Loxalis en ce qui concerne la problématique de stationnement de voitures dans le quartier Schmelz, comme suite à la suppression du parking St Eloi dans le cadre des travaux de démolitions et de d'assainissement entamés par le Fonds du Logement pour le développement du nouveau quartier NeiSchmelz ;
le communiqué de presse du Centre Hospitalier Emile Mayrisch sur le groupement de bureaux d'architectes et d'ingénieurs SWECO/G.A.F./S.W.A.A. choisi pour la construction du futur Südspidol, projet qui permettra de doter le sud du pays d'un hôpital moderne, couvrant l'ensemble des besoins de santé et de soins de la population, en collaboration avec tous les autres acteurs du système de santé luxembourgeois ;
l'appel de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-conseils OAI pour la remise de candidatures dans le cadre du « Bauhärepräis OAI 2024 ». Le Bauhärepräis est décerné tous les quatre ans à des maîtres d'ouvrage privés ou publics qui, à travers un projet abouti, sont parvenus à faire valoir une architecture, une ingénierie et un urbanisme de qualité. La Ville de Dudelange a soumis les projets suivants : Complexe scolaire Lenkeschléi, Maison relais Ribeschpont, Crèche Italie, Hall vestiaires-wagonnage NeiSchmelz « VeWa », Hall locomotives « Kantin op NeiSchmelz », Gite « Floater », réaménagement de la rue du Commerce et le Hall polyvalent, route de Bettembourg.

**2 - Circulation**
Pour des raisons de sécurité juridique et pour ne pas risquer des refus d'approbation de l'autorité supérieure, dus à des procédures rigides, le conseil communal est saisi de se prononcer à trois reprises sur la confirmation de règlements d'urgence, édictés par le collège des bourgmestre et échevins pour réglementer la circulation à l'occasion de chantiers et sur des règlements temporaires proprement dits.

Les décisions suivantes sont prises à l'unanimité :
1. réglementation temporaire de la circulation dans la rue de la Forêt à l'occasion des travaux de réaménagement de l'asile pour animaux par l'entreprise Sopinor pour le compte de la Ville de Dudelange, du 15 janvier 2024 jusqu'à la fin des travaux ;
2. la réglementation temporaire de la circulation dans la rue Norbert Metz, la rue Victor Tesch et la rue Jean Berchem à l'occasion de travaux de raccordements par l'entreprise Patrick Farenzena pour le compte de Post Technologies S.A. du 26 janvier 2024 jusqu'à la fin des travaux, et
3. la réglementation temporaire de la circulation dans la rue des Ecoles et la rue de l'Indépendance à l'occasion de travaux de réaménagement des rues précités par l'entreprise Sopinor pour le compte de la Ville de Dudelange du 26 janvier 2024 jusqu'à la fin des travaux.

Avec 15 voix contre 4 est en outre approuvée la réglementation temporaire de l'avenue Grande-Duchesse Charlotte. Ce règlement définit l'avenue Grande-Duchesse Charlotte comme zone piétonne du 1er avril 2024 au 30 septembre 2024, chaque fois entre 12.00 et 06.00 heures.

**3 – École régionale de musique**
Le conseil communal a approuvé en date du 24 novembre 2023 l'organisation scolaire définitive de l'enseignement musical dispensé dans l'Ecole régionale de musique pendant l'année scolaire 2023/2024 mais est appelé à se prononcer sur des modifications à apporter à cette organisation scolaire. En effet, la Direction générale de l'enseignement musical du Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse a signalé des inexactitudes au niveau de la déclaration de certains cours collectifs. Il s'agit principalement de cours d'éveil musical où les classes de l'Ecole de musique regroupent des élèves de deux niveaux (éveil 1 et éveil 2) dans une même classe. Depuis l'utilisation du nouvel outil informatique (EduMUS), la déclaration automatique du même cours présente des doublons au niveau de la durée du cours par rapport à la déclaration manuelle des années précédentes. Il échet dès lors de redresser ces erreurs.

Le conseil communal approuve dès lors à l'unanimité, le tableau rectificatif du 19 janvier 2024, établi par la direction de l'Ecole régionale de musique de Dudelange en concertation avec la Direction générale de l'enseignement musical, portant modification de l'organisation scolaire définitive de l'enseignement musical dispensé dans l'Ecole régionale de musique de la Ville de Dudelange pendant l'année scolaire 2023/2024.

**4 – Finances**

4.8 le conseil communal marque son accord à avancer la discussion et le vote sur le point numéro 4.8 de l'ordre du jour.

Les plans et devis soumis à l'assentiment de notre conseil communal concernent une canalisation d'eaux usées sous pression (conduite de refoulement) pour relier le nouveau quartier en développement « NeiSchmelz » au bassin de rétention dans la rue du Nord à Burange. Le projet est divisé en plusieurs phases en raison de son envergure. Les travaux de pose de la conduite, phase 2, sur lesquels le conseil communal est appelé à se prononcer, comporte le tronçon qui relie la route de Burange jusqu'à l'intersection de la rue Pasteur et de la rue Alexander Fleming. La deuxième phase fait suite à la première phase qui a déjà été réalisée. Une canalisation sous pression d'un diamètre de 315 mm sera posée sur une longueur d'environ 1'300 mètres. Les coûts des travaux de pose sont estimés à 3'410'000,- €, taxes et honoraires compris. Après discussion, le conseil communal approuve unanimement le devis estimatif, établi par le bureau BEST, ingénieurs-conseils de Senningerberg ;

4.1 le plan pluriannuel de financement des exercices 2025 à 2027 est présenté et discuté séance tenante. A titre d'information est reproduite ci-après la liste des grands projets de construction (dépenses extraordinaires) pour les années 2024 à 2027 avec les investissements estimatifs.

Projets votés: Bassin de rétention – Burange 9,57 millions €; Route de Boudersberg / Mont St Jean – réaménagement7,50 millions €; Rue des Ecoles/rue de l'Indépendance – réaménagement 4,06 millions €; Canalisation entre la rue des Champs et la route de Luxembourg 1,80 millions €; École Gaffelt – enveloppe thermique 3,94 millions €; École Brill – mise en conformité 7,85 millions €; Structure provisoire pour élèves (Ecole Brill/Baltzing/danse) 6,50 millions €; Extension de l'asile pour animaux 8,40 millions €; Logements sociaux (maisons) – rue Nic Bodry 8,50 millions €; Logements sociaux – rue de la Fontaine 4,84 millions €; Logements sociaux – route de Luxembourg 3,80 millions €; Nouveaux ateliers communaux – phase 1 28,00 millions €; Strutzbierg C – piscine et gymnase 23,50 millions €; Hall CAD et Centre de tennis – Stade John F. Kennedy 17,38 millions €.

Projets non-votés (estimations): Shared Space – phase 4 9,47 millions €; Conduite d'eaux usées entre le quartier NeiSchmelz et le bassin de rétention Burange (conduite refoulement) phase 2 3,66 millions €; phase 3 (total estimé 3,52 millions €) 1,70 millions €; Place Gymnich – réaménagement 1,64 millions €; Rue Gaffelt – Zone 30 – réaménagement 1,72 millions €; Inspection par caméra des canalisations 1,35 millions €; Terrain synthétique football – Stade Aloyse Meyer 0,68 millions €; Complexe scolaire Quartier Baltzing (total estimé 40 millions €) 23,70 millions €; Extension Ecole Deich (total estimé 5,5 millions €) 2,50 millions €; PAP « A Bellëg » – nouvelle crèche 4,10 millions €; Logements sociaux – PAP « A Bëlleg » – divers projets 19,10 millions €; Logements sociaux – ancienne école Echerdahl 7,60 millions €; Logements abordables – 71, rue de la Paix 0,85 millions €; Stade J. Nosbaum – buvette et tribunes 4,60 millions €.

Les points numéros 4.2. à 4.9. sont approuvés à l'unanimité des voix. 4.2 les tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et les modifications à apporter au chapitre XIV : Gaz – du règlement-taxes général pour l'année 2024 ;

4.3 le contrat de bail commercial avec les consorts Lutgen au sujet du local commercial sis, 98, avenue Grande-Duchesse Charlotte et le contrat de bail commercial de sous-location avec Monsieur Gabriel Gibril Mjahed au sujet du même local dans lequel un magasin de chocolaterie avec activités connexes sera installé ;

4.4 le contrat de bail commercial de sous-location avec la société MeLord S.à r.l. pour le local commercial sis, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte dans lequel un magasin de vêtements et chaussures, hommes et femmes sera installé ;

4.5 la résiliation du contrat de fermage conclu avec Monsieur Romain Breckler au sujet de parcelles de terrain labourables respectivement de prés, sises au lieu-dit « Bei Oberst Ribeschpont » et le contrat de fermage subséquent au sujet des mêmes parcelles de terrains, conclu avec Monsieur et Madame Peter-Hoffmann ;

4.6 en amont de l'échange de terrains sis au lieu-dit « In Ponk », le conseil approuve le reclassement de la parcelle de terrain, propriété de la Ville de Dudelange, du domaine communal public en domaine communal privé pour approuver subséquemment l'acte d'échange, passé pardevant Maître Carolo Goedert, notaire de résidence à Dudelange, avec soulte en faveur de l'administration communale de Dudelange de 3'640,- € aux termes duquel la Ville de Dudelange et Monsieur Albert Reiland échangent des parcelles de terrains au lieu-dit « In Ponk » ;

4.7 les actes de vente notariés suivants pour l'acquisition d'emprises de terrain en vue de leur intégration dans le domaine public communal : avec la société Solidus Real Estate S.A. pour un terrain sis avenue G.-D. Charlotte ; avec les époux Andy Uri et Estelle Venuse N'Guessan pour un terrain sis 8, rue Jean Friedrich ; avec Madame Cindy Dias Marques pour un terrain sis 14, rue Jean Friedrich ; avec Madame Liette Marin pour un terrain sis 16, rue Jean Friedrich ; avec Madame Maria de Lurdes Da Silva Santos pour un terrain sis 19, rue Jean Friedrich ; avec les époux Arkin Licina et Lajla Kapetanovic pour un terrain sis 20, rue Jean Friedrich ; avec les époux Mike Steve Nicolas Bernard et Sandra Stockreiser pour un terrain sis 29, rue Jean Friedrich ; avec les époux José Manuel Pinto Taveira et Maria da Conceição Loureiro Pinto pour un terrain sis 31, rue Jean Friedrich ; avec les époux Jean-Marie Him et Sandra Bohler pour un terrain sis 39,

rue Jean Friedrich ; avec Monsieur Filipe Manuel Pinto Taveira pour un terrain sis 41, rue Jean Friedrich ; avec Madame Karima Paulette Boujrhal pour un terrain sis 47, rue Jean Friedrich ;

4.9 les subsides extraordinaires suivants sont alloués : 100,- € à l'association Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung pour aider à assurer la continuité de ses activités ; 125,- € à l'association Natur & Ëmwelt ; 200,- € à l'association Thérapie Équestre a.s.b.l. afin de subventionner ses projets et interventions assistées par les animaux ; 1'000,- € à l'association LUkraine a.s.b.l. qui s'engage à soutenir la communauté ukrainienne, tant au Luxembourg qu'à l'étranger et à renforcer les liens entre les nations dans les domaines culturel, social et économique ; 500,- € à l'association Médecins Du Monde ; 1'000,- € à l'association ELA Luxembourg a.s.b.l. qui finance des projets de recherche les plus prometteurs au niveau mondial contre les leucodystrophies.

**5 – Urbanisme**

Le conseil communal approuve avec toutes les voix le projet de lotissement/morcellement présenté par la société GEOLUX G.O., pour le compte de Monsieur Jean Think de Dudelange, concernant la parcelle cadastrale N°1268/10058 de la section A de Boudersberg, situé dans la rue Mme Mayrisch de St Hubert à Dudelange. Le projet prévoit la construction de 4 maisons bi-familiales et de 8 maisons unifamiliales.

**6 – Elargissement des compétences des agents municipaux – mis à l'ordre du jour par la fraction « DP »**

La fraction « DP » a demandé la mise à l'ordre du jour du point supplémentaire au sujet de l'élargissement des compétences des agents municipaux. Ce point est sans objet, sachant que notre conseil communal a approuvé en date du 26 mai 2023 le nouveau règlement général de police de la Ville de Dudelange, lequel a érigé en infractions punies de sanctions administratives, les 17 faits prévus par la loi du 27 juillet 2022 relative aux sanctions administratives communales et à l'élargissement des compétences des agents municipaux.

**7 – Motion portée à l'ordre du jour par la fraction « Déi Gréng » – saisine de Monsieur le Ministre des Affaires intérieures au sujet des préoccupations relatives à la sécurité à Dudelange**

Après discussion, le conseil communal marque, avec 13 voix et 6 abstentions, son accord au texte modifié de la motion pour adresser une lettre à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures, ceci dans le cadre de l'organisation du commissariat de police de Dudelange. Par cette motion, le collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange est invité à demander à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures : d'annuler le retrait des agents de police de la région sud-ouest, sachant que cette équipe est en outre sollicitée par le commissariat de police de Dudelange ; de fournir à la Ville de Dudelange des explications au sujet du retrait des agents de police du commissariat de Dudelange, sachant que ce commissariat est d'ores et déjà confronté à une surcharge de travail.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.
Fin de la séance vers 12.00 heures.

***



# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 9. FEBRUAR 2024

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech begréissen Iech ganz häerzlech hei an eiser Gemengerotssitzung, wou och eng Rei Mataarbechterinnen a Mataarbechter dobäi sinn. Ech begréissen och de Vertrieder vun der Press. Fir d'Formularien: Entschëllegt huet sech den Alain Clement, an deen huet dem Martine Bodry-Kohn d'Procuratioun ginn. An d'Claudia dall'Agnol wäert am Laf vum Gemengerot misse fortgoen an hat huet dem René Manderscheid d'Procuratioun ginn, sou dass mer do par rapport zu de Prozedure korrekt sinn. Da géif ech virschloen, dass mer op den éischte Punkt iwwerginn, do sinn e puer Punkten ënnert Korrespondenz, respektiv Kommunikatioun, déi mer maache wollten.

Den éischte Punkt, Dir hutt hei e Courrier virleie vun engem Diddelenger Restaurateur deen no bei NeiSchmelz säi Restaurant huet, de Loxalis, deen eis e Courrier gemeet huet par rapport zu där Informatiounsversammlung déi mer hate ronderëm NeiSchmelz an de Parkméiglechkeeten, an transparenthalber hu mer jo dann och geäntwert, a mer wollten awer och dem Gemengerot déi Äntwert, déi mer gemeet hu virleeën. Dann och eng Kommunikatioun par rapport zu den Demanden, déi e gemeet huet par rapport zu den Aarbechten, déi ronderëm NeiSchmelz och uginn. Dat ass deen éischte Volet, also ënnert klassesch Korrespondenz.

Dann och ënner Kommunikatioun a Korrespondenz weider de Communiqué deen Der sécher schonn iwwer d'Press gesinn hutt, mir wollten Iech deen awer kloerheetshalber dohinner setzen, de Communiqué de Presse vum CHEM am Kader vun der Procédure Dialogue compétitif, dass do d'Firma SWECO a Schemel Wirtz Architectes am Kader vum Dialogue compétitif den Zouschlag kritt hu fir de Bau vum Südspidol. Dat ass déi zweet Kommunikatioun.

An déi drëtt Kommunikatioun, déi ech maache wollt, dat ass, dëst Joer organiséiert den Ordre des Architectes, den OAI, erëm de Bauhärepräis. An de leschten dee war 2020. Do hate mer jo eng Mentioun kritt ronderëm de Shared Space. Mir hu bis den 23. Februar Zäit, d'Projeten eranzereechen. Am Fong sinn et jo da Projeten, déi no 2020 entstane sinn. An do hu mer als Stad Diddeleng 8 Projeten, déi mer dem OAI zoukomme loossen an der Hoffnung, dass beschtefalls allen 8 oder mindestens 1 zeréckbehale gëtt. Den éischten, dat ass d'Schoul Lenkeschléi, d'Maison Relais Ribeschpont, d'Crèche am Quartier Italien, de VEWA, also de Vestiaire Wagonnage, wou mer zesumme mam Fonds du Logement d'Renovatioun gemeet hunn, awer och de Lokomotivatelier, wou elo d'Kantin ass, wou mer och zesumme mam Fonds du Logement gemeet hunn, de Floater, an der Rue du Commerce den abordabele Wunnraum, Wunnengen, déi mer geschafen hunn an de Hall polyvalent. Dat sinn déi 8 Projeten, déi mer dem OAI zoukomme loossen, an dann ass et un hinnen, déi néideg Selektioun ze maachen. A méi gesi mer dann am Laf vun deenen nächste Méint, wat deementspriechend zréckbehale gëtt. Dat ware mol déi 3 Kommunikatiounen ënner Korrespondenz, déi ech maache wollt. Hunn d'Kolleegen aus dem Schäfferot nach aner Punkten? Dat ass net de Fall.

## 2. CIRCULATIOUN

### 2.1. Confirmatioun vun temporäre Verkéiers-Règlements d'urgencen, déi vum Schäfferot festgehale goufen

*2.1.1. Approbatioun vun temporäre Verkéiers-reglementer – Rue de la Forêt*

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, de 15. Januar, do huet eise Chantier beim Déierenasyl an der Le'h ugefaangen, an do ass dann och d'Strooss tëschent dem Asyl an der Extensioun Wëlldéierestatioun dann och komplett fir de Verkéier a fir d'Foussgänger gespaart ginn. D'Foussgänger, déi ginn duerch de Bësch ëmgeleet an d'Stroossespärungen, déi hu mer och fréi genuch markéiert. Well mer awer, wéi sou dacks, d'Informatioune vum Start vum Chantier réischt relativ spéit kritt hunn, nämlech kuerz virun de Feierdeeg um Enn vum leschte Joer, huet de Schäfferot den 8. Januar a Règlement d'urgence missten huele bis zum Enn vum Chantier, an ech géif Iech bieden, dat herno och guttzeheeschen, fir datt et a Kraaft bleift.

Firwat? Ma mer hunn an der leschter Zäit vill Problemer mat der staatlecher Verkéierskommissioun gehat, ech kommen herno nach eng Kéier dorobber zréck, betreffend déi Règlement d'urgencen. A fir op Nummer Sécher ze goen huet de Schäfferot da lo decidéiert, dës Kéier éischtens mol e Règlement d'urgence ze huele pro Chantier mam Motif „Information tardive de l'autorité communale", wat de Gemengerot da muss approuvéieren, well mer net de genauen Datum wëssen, wéini de Chantier da wäert en Enn hunn, schreiwe mer och dran „jusqu'à la fin du chantier". Zousätzlech dozou huele mer awer och en temporäert Verkéiersreglement vum Gemengerot, wat de 26. Februar réischt a Kraaft wäert trieden, an der Hoffnung, datt dann d'Ministèren dës Kéier genuch Zäit hu fir d'Reglement ze approuvéieren. An déi Prozedur do, déi hu mer och elo fir déi 3 Règlement d'urgencen ugewannt an der

Hoffnung, datt dann eent vun deenen zwee Reglementer accordéiert gëtt an datt mer de Chantier och kënnen normal lafe loossen. A fir an Zukunft richteg dozestoen hu mer als Schäfferot och e Bréif un d' Ministesch Yuriko Backes geschriwwen, wou mer dann och op d'Problematik vun deene ville Refusen, déi mer déi lescht Zäit haten, an net nëmme mir, ech kommen herno drop zréck, och déi aner Gemengen haten dat. A mir froen, ob mer do net kéinten e Règlement-type kréien, wéi si sech dat da virstellen, wéi mir dat Reglement an Zukunft solle schreiwen, fir wa mer d'Informatiounen ze spéit kréien, datt de Chantier lassgeet, wéi mer dat da solle schreiwen, fir datt et da vun hinnen net refuséiert gëtt.

An eng weider Pist, déi mer verfollegen, dat ass datt mer och den Entreprisen, de Gestionnairë vun den Reseauen alleguer an och eisen interne Servicer nach eng Kéier mat op de Wee ginn, datt se eis solle mat Zäit matdeelen, wéini de Start vum Chantier ass. Am Beschte sou fréi wéi méiglech, fir datt de Service Circulation och genuch Zäit huet, fir d'Reglementer auszeschaffen. A fir weider Informatiounen zum Reglement ass dofir och eise Pit, eise Chef de service vum Service Circulation hei fir méi Detailer. A wéi gesot, wat d'Problematik betrëfft vun de Règlement d'urgencen a Règlement temporairen, muss ech souwisou nach eng Kéier bei deenen nächsten zwee drop zréckkommen, well mer déi nach eng Kéier musse stëmmen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Eng kleng Fro just. Kréie mir e Retour vun Iech vun der Madame Backes, wéi eng Stellungnam se dozou wäert huelen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Also mir hoffe mol datt mer e Retour vun hir kréien. A mir wollten elo vun hir am Fong net onbedéngt eng Stellungnam. Mir hu gefrot, fir eng Deliberation-type ze kréien, wat mer solle schreiwen. Dir kënnt Iech erënneren, datt ech Iech de leschte Gemengerot gesot hunn, mir hätte bei hinnen nogefrot, fir sécher ze sinn, dass mer den OK dofir kréien. Do sote se: Ah dës Kéier, do musst der en Entrepreneur draschreiwen. OK, do hunn ech elo hei gesot, mir géifen an Zukunft den Entrepreneur draschreiwen. Du hu mer en Entrepreneur drageschriwwen, mir hunn et awer nawell zréckkritt. Dofir hu mer gefrot, gitt eis e Règlement-type, wéi hätt Dir dat gär an Zukunft, an da maache mir dat. A wéi gesot, wa mir e Retour kréien, dann huele mir d'nächste Kéier déi Deliberatioune sou, also d'nächste Kéier, wa mir bis de Retour hunn, dann huele mir dat sou, wéi si eis dat virschreiwen an da kucke mer mol weider. Dat heescht, soubal wéi mir dat hu wäert dem Pit seng Aufgab an Zukunft sinn, dat Règlement-type sou unzewenden.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech hu just allgemeng eng ganz kuerz Fro zu de Verkéiersreglementer. Dat muss elo guer näischt Sophistiquéiertes sinn. Mee wier et vläicht méiglech, allgemeng heiansdo sou e Croquis dobäizekréien, wat wéi gemaach gëtt? Also ech weess, Dir maacht elo kee risege Plang fir all Verkéiersreglement, mee heiansdo da muss een op Google Maps goen a kucken, wou kënnt elo hei wéi ee Schëld stoen. Ob dat méiglech wär, en einfache Croquis dobäizeleeën, dann ass dat méi einfach ëmmer ze kucken, ëm wat et geet.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Also ech maachen de Croquis net, soss kënnt Der en net liesen, wann ech muss molen. Ech ginn d'Fro dofir weider un de Service Circulation.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Et ass méiglech, ëmmer e Croquis dobäizeleeën. Mee mam Risiko, dass en awer vläicht net liesbar ass well et zimmlech technesch ass, an et muss ee sech awer schonn e bësse mat der Matière auskennen, fir dat richteg ze verstoen. Mee et ass awer machbar.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Nach weider Remarken oder Froen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da géif ech zum Vott iwwergoen.
Wie confirméiert déi Reglementer, déi hei presentéiert goufen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

*2.1.2. Approbatioun vun temporäre Verkéiers-reglementer – Rue Victor Tesch, Rue Norbert Metz a Rue Jean Berchem*

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo normalerweis géif ech Iech lo soen, Dir wonnert Iech vläicht, firwat déi Reglementer nach eng Kéier drop sinn, well mer se d'leschte Kéier am Gemengerot scho gestëmmt hunn. Dat vum Brill an herno och dat vun der Rue des Ecoles a vun der Rue de l'Indépendance. De 26.10. hu mer dat hei gestëmmt. Mee ech si schonn um Punkt virdrun drop agaangen, mir krute leider erëm e Refus vun der staatlecher Verkéierskommissioun, obwuel mer mat hinne Récksprooch gehalen haten. An dofir hu mer dann d'Reglementer dës Kéier nach an enger neier Versioun elo drop, sou wéi mer et laut den Erklärunge vun der staatlecher Verkéierskommissioun verstanen hunn. Mir hunn nach eng Kéier mat hinnen telefonéiert. Ech muss och éierlech soen, dass mer lues a lues den Duerchbléck verléieren, wéi mer verfuere sollen, wa mer eeben d'Informatiounen, wéini de Chantier ufänkt ze spéit vum Entrepreneur kréien. Wa mer eeben da keng Méiglechkeet hunn, en normaalt Verkéiersreglement, soen ech elo mol hei, duerch de Gemengerot stëmmen ze loossen.

Déi eng Kéier soe se den Delai wär hinnen ze kuerz, wou d'Ministèren et kéinten approuvéieren, well u sech ass bei hinnen d'Waardezäit fir e Retour ganz dacks schonn 1-2 Méint gewiescht, bis mer et zréck haten. Respektiv hu si eis och alt scho mol gesot, fir si wär dat dote keng Urgence. Mir hunn eis och schlau gemaach an anere Gemengen, wéi et do ass. An do ass et deelweis änlech. Eenzel Gemengen hunn eis souguer gesot, datt se sech net méi géifen trauen, Règlement d'urgencen ze huelen opgrond vu Chantieren, eebe fir ze vermeiden, datt se déi refuséiert kréien. Méi grouss Gemengen, déi fueren awer weider, sou wéi mir et och gemaach hunn, datt se Règlement d'urgence huelen opgrond vu verspéiter Noriicht vun den Entreprisen. Eebe mam Risiko wéi mir och, datt se et da verworf kréien an nach eng Kéier mussen duerch de Gemengerot goen.

Ech hunn et bei der Rue de la Forêt scho gesot. Fir op Nummer Sécher ze goen decidéiere mer dës Kéier fir d'éischt déi Règlement d'Urgencen. Mam Motiv „Information tardive de l'autorité communale", also datt mer eebe vum Entrepreneur ze spéit Bescheed gesot kritt hunn. Dat muss dann de Gemengerot approuvéieren. An zousätzlech huele mer dann och nach eng Kéier en temporäert Verkéiersreglement vum Gemengerot, wat dann och, wéi dat virdrun, de 26. Februar wäert a Kraaft trieden, a wéi gesot, de Bréif un d'Ministesch gëllt natierlech och fir déi 2 Punkten hei. A vläicht nach eng Kéier kuerz, well et hei drop ass, ëm wat et dann am Brill gaangen ass. Et ass d'Post, déi hei Glasfaserleitunge leet. A wéi gesot, wann nach technesch Froe sinn oder allgemeng Froen, dann ass de Pit jo och hei fir kënne Ried an Äntwert ze stoen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Claudia. Sinn hei Remarken, Froen? Dat ass net de Fall. Kënne mer dann heiriwwer ofstëmmen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer Iech villmools Merci.

*2.1.3. Approbatioun vun temporäre Verkéiers-reglementer – Rue des Écoles a Rue de l'Indépendance*

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): An dann eigentlech nach eng Kéier dat nämmlecht. Ech widderhuele mech haut relativ vill. Mir kruten natierlech och dat Reglement Rue de l'Indépendance, respektiv Rue des Ecoles, wat mer hei de 26. Oktober gestëmmt hu verworf, an dofir maache mer dat nämmlecht wéi bei de Punkte virdrun, Règlement d'urgence an temporäert Verkéiersreglement. Nach eng Kéier kuerz ëm wat et gaangen ass: Hei gëtt dee Projet realiséiert, deen den 29.4.2022 scho vum Gemengerot gestëmmt gouf. Zone de rencontre an der Rue de l'Indépendance, Vergréisserung vun der Entrée vun der Plaz bei der neier Schwämm an de Reamenagement vun der Rue des Ecoles. A wa nach weider Froe sinn, wéi gesot, ass de Pit och nach ëmmer hei.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Claudia. Heizou Remarken oder Froen? Dat ass net de Fall, da kënne zum Vott iwwergoen. Wien ass mam Reglement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.2. Approbatioun vun temporäre Verkéiers-reglementer**

*2.2.4 Avenue Grande-Duchesse Charlotte*

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Dierf ech weiderfueren? Och hei widderhuelen ech mech, awer an engem anere Sënn. Am Gemengerot vum 26. Oktober hat d'Fraktioun vun Déi Gréng eng Motioun eragereecht betreffend d'Niddeschgaass am Summer. An no der Diskussioun an am Vott hate mer deemools Folgendes zréckbehalen: Vum 1. Abrëll bis den 1. September ass d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte an d'Place Kinnen vun 12 Auer mëttes bis 6 Auer moies den Dag drop tëschent der Rue Dominique Lang, der Rue du Commerce an der Place de l'Hôtel de Ville fir de motoriséierte Verkéier gespaart, mat Ausnam fir de Linnebus natierlech, de FlexBus an och den Adapto. An d'Vëloen, déi däerfen natierlech och doduerch fueren. Den FCAD Geschäftsverband an d'Stad Diddeleng déi plangen natierlech weider, wéi mer dat och an der Vergaangenheet gemaach hunn, dëse Summer Animatiounen an och Manifestatiounen am Zentrum. Et gëtt och eng Campagne lancéiert betreffend dat richtegt Verhalen an der Niddeschgaass, och dat hate mer deemools an där Motioun festgeluecht. Dir wësst, mir haten en Avis deemools och virleie vum Geschäftsverband vum 19. Oktober 2023 zu deem Thema an d'Thematik gouf och an der Verkéierskommissioun vum 13. November 2023 diskutéiert.

Wat bedeit dat elo konkret nach eemol? Ma vum 1.4. bis den 3.9. tëschent 12 Auer a 6 Auer moies gëtt d'Niddeschgaass an d'Place Franz Kinnen, d'Rue du Commerce an eng Zone piétonne ëmgewandelt, wou de Bus just an der Niddeschgaass an de Vëlo kann duerchfueren. An dofir ass et dann och verbueden op der Héicht 23, an 28, Avenue Grande-Duchesse Charlotte an 1, rue du Commerce an d'Niddeschgaass ofzebéien. Voilà, dat sinn déi Informatiounen zum Reglement. Wa lo nach Froe sinn, de Pit ass jo hei, mee d'ware schonn eng ganz Rei Froen am Oktober, respektiv an der Verkéierskommissioun an duerno beim Budget gestallt a beäntwert ginn. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Froen hu mer keng. Mer hu just eng kleng Stellungnam fir eise Vott herno ze begrënnen. De 26. Oktober haten Déi Gréng eng Motioun eraginn, wou grad emol dat heite gefrot ginn ass. Mir haten effektiv den Tour gemeet vun de Geschäfter, eenzel, ouni op d Geschäftsverband zréckzegräifen, just mol eng Kéier fir eis e Bild ze maachen. Vun all deene Geschäfter, déi mer gefrot haten, do war een eenzegen dobäi, deem et e bëssen egal war, all déi aner hu ganz kloer gesot, hiren Ëmsaz géif massiv erofgoe wann d'Strooss zou ass, och mëttes, a si hu gesot: Mir wëllen dat op kee Fall hunn. Doropshin hu mer dann och d'lescht Joer och gesot, dass mer déi Motioun net géife matdroe well dat eng schlecht Iddi ass wann d'Geschäfter keng Ëmsätz méi maachen. Der Geschäftswelt geet et schonn net extra gutt. Dat ass e schwieregt Feld. Da maachen déi Geschäfter zou, dann ass eis Strooss net méi attraktiv herno.

Mir wëllen nämlech eng Geschäftsstrooss hunn, dat ass dat, wat mir hei plaidéiert hunn. A mir maachen eis och ganz vill Méi mam City Manager fir Pop-up-Storen an Concept-Storen op Diddeleng ze kréien. Fir dass ëmmer e bësse Liewen do ass fir eis Geschäftslokaler ze fëllen. Op deem heite Wee gi mer der Tendenz awer am Fong e bësselchen entgéint, dass mer da soen, dass mer d'Strooss zoumaachen a gläichzäiteg all déi Leit, déi do schaffe soen, dass se dat net wëllen, well den Ëmsaz erofgeet. Dofir droe mer dës Motioun hei net mat. D'Madame Dall'Agnol hat just eng Kéier gesot gehat, d'Leit kéinte jo och an d'Parkhaus parke goen. Wa se géifen op Maastricht goen, da géife se dat jo och maachen. Ma du sinn ech och op Maastricht gaangen, do sinn ech mer déi Saach ukucke gaangen, dës Kéier ouni d'Fränzi. Mee effektiv, et ass en anert Konzept do hannen, et sinn aner Geschäfter do. An d'Leit déi ginn dohinner fir do anzekafen. An déi Leit déi op Diddeleng akafe kommen, wann een e bësselche ronderëm kuckt

an och sou wéi mir et mol maachen, mir ginn no der Aarbecht nach Brout sichen, eng Klengegkeet sichen. Do léisst ee vläicht d'Mamm oder d'Bom eraus, déi vläicht net méi sou gutt zu Fouss sinn. D'Kanner ginn eng Kéier schnell bei de Bäcker. Dat ass e Konzept, dee Shared Space, deen eis vun Ufank u gutt gefall huet. Mir hunn dat ënnerstëtzt an och sou finanzéiert. Et sinn iwwer 20 Millioune wann alles fäerdeg ass fir dee ganze Konzept Shared Space. Da solle mer net a Richtung Foussgängerzon goen. Obwuel ech muss soen, dass ech am Ufank och déi Iddi net schlecht fonnt hat. Fir sou moies op a mëttes zou, du hunn ech geduecht, dat ass jo awer e flotte Kompromëss.

Mee d'Geschäftsleit wëllen et net. A wann d'Geschäftsleit soen, dass se dat net wëllen, da spille mer mat ganz villen Aarbechtsplazen. An d'Geschäftswelt ass awer och e Beräich, wou's de vill verschidde Profiller vu Leit op de Marché kriss fir kënnen eng Aarbecht ze fannen. An ech fannen, dass mer dee Profil net sollen zerstéieren duerch sou Moossname wéi déi heiten. Dat ass eis Begrënnung, wisou mer dee Projet hei net matstëmmen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Mir begréissen dann, warscheinlech wéineg erstaunlech, dass dat hei am Ordre du jour steet. Mir si frou doriwwer, dass mer dee Kompromëss fonnt hunn opgrond vun eiser Motioun hin. Mir hoffen op alle Fall emol, dass dat do zu engem Succès gëtt. Et ass e flotte Schratt a Richtung méi en autofräien Zentrum, an dofir ass dat doten en éischte gudde Schratt. An där ganze Equatioun, wou mer d'Geschäftswelt zu Recht froen, wéi si et gesäit mengen ech dierf een net vergiessen, dass och ganz vill Cliente sollen an Diddeleng goen an net just Geschäftsleit. Dat heescht, et wier vläicht flott erauszefannen, ob dat do gutt bei de Clienten ukënnt, déi an d'Geschäft akafe ginn, wou sech jo och eng Partie an der Erstellung vum SUMP konnte partizipativ bedeelegen. Mir begréissen et op alle Fall a mir wäerten dat dote Reglement sécher matstëmmen. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Iergendwéi kënnt et mer vir: Und täglich grüßt das Murmeltier. Mir als LSAP begréissen et, dass mer wierklech dee Schratt nach eng Kéier maachen, an dass mer souguer méi wäit ginn an ab dem 1. Abrëll op hunn. Ech hoffen op e schéint Fréijoer an dass et bis den 30. September geet. Ech weess net, ob Der d'leschst Joer an Diddeleng waart. Wann d'Wieder schéi war, d'Duerf war voll. Voll mat Leit, déi getrëppelt sinn, déi flanéiert sinn. Kanner mam Vëlo, Kanner souguer mam Ball gespillt hunn. Saachen, déi ee scho Joren net méi gesinn huet. Et war ee liewegt Diddeleng. An ech si verwonnert wann ech héieren, dass all Geschäftsleit sollen dogéint sinn. Da froen ech mech, da sinn déi vläicht all net am Geschäftsverband oder ech roden hinnen un, dann am Geschäftsverband an de Comité ze goen. Oder vläicht sinn et och just Geschäfter, sou Butteker, déi et iwwerall gëtt an déi vläicht guer näischt mat Diddeleng ze dinn hunn.
Ech ka just soen, dass vill Leit an Diddeleng flanéieren, a wann déi alleguerten net sollen iergendwou akafe goen, dann huet dat vill Grënn. De Problem allgemeng ass, dass den Eenzelhandel all Joer 3% erofgeet. Dat läit un online Keef. A vläicht musse mer eis och all mat eiser eegener Nues huelen a kucke wou mir akafe ginn. Wéi gesot, all deene wou soen, dass se näischt géife verdénge well op eng Kéier mëttes soll zou sinn, ech kann dat net gleewe mat all deene Leit, déi ech gesinn an Diddeleng trëppelen. Mir als LSAP begréissen dat absolut a si frou, dass mer schonn ab dem 1. Abrëll hoffentlech op groussen Terrasse mat vill Sonn kënne sëtzen. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Genau wéi den Här Steffen an d'Madame Dimmer begréissen ech dat doten och. Dass ab 12 Auer schonn zou ass, dass d'Leit kënnen dobausse sëtze fir z'iessen am Summer bei hoffentlech exzellentem Wieder ouni dass se nach mussen Auspuffgasen anootmen. Mir hunn dat Thema hei schonn e puer Mol breetgetrëppelt. De Geschäftsverband wou d'Patronen dra sinn huet sech domat d'accord gewisen. Mir hunn e super Kompromëss do ausgeschafft denken ech. A vereenzelt Vendeusen, déi de ganzen Zäit an hirem Geschäft do sëtzen, déi hätte vläicht besser e bësse méi op d'Clienten duerzegoen, da géifen vläicht méi Leit bei sie an d'Geschäft erakommen.

D'Vendeusen, déi hunn och gesot, dass e gratis Parking d'Rettung wär. Mir hate bal zwee Méint e gratis Parking matten am Duerf a se soueren awer nach ëmmer alleguerten. Also, ob d'Geschäfter laafen, läit bestëmmt net dorunner, ob d'Strooss do elo op oder zou ass. Dat Dat Eenzegt wat ass, de Bierger hei zu Diddeleng, dee freet sech op alle Fall dass en iwwert de Summer kann an der Geschäftsstrooss ronderëm trëppelen ouni dass e muss fäerten, dass d'Kanner vun engem Auto iwwerrannt ginn. A mir haten och dat Thema schonn, dass d'Trottoiren elo superbreet wären, an do war deemools suguer gesot ginn dass an enger Zone mixte, wéi et am Moment do eeben ass, e Shared Space, wann een do vun Trottoir schwätzt, dann huet een d'Saach net verstanen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech briechen awer elo eng Lanz fir d'Vendeusen. Ech mengen dass déi net alleguerte géint d'Foussgängerzon sinn. Voilà, dat ass d'schaffend Vollek, déi mussen awer och e bësse verdeedegt ginn. Ech weess och net, mat wiem den Här Martini an d'Madame Kemp geschwat hunn, mee ech verstinn awer d'Ausso vum Schäfferot, dass hire Gespréichspartner eeben de Geschäftsverband ass. Mat deem ass deen heite Kompromëss ausgeschafft ginn. Sou wéi fir Déi Gréng ass dat heite fir eis e Kompromëss. Mir hate jo méi gefrot. Mee mir freeën eis och immens drop, dass dat dann elo ab dem 1. Abrëll ass, a mir freeën eis och alleguer op déi flott Terrassen dobaussen a mengen dass dat eng gutt Iddi ass. An déi béis Vendeusen, déi wäerten da vläicht och nach gesinn dass d'Leit da ganz gutt gelaunt sinn, wa se net musse virun den Autoe fort sprangen a wa se e bësse kënnen dat Ganzt genéissen, wa se laanscht Geschäfter flanéieren. A mir sinn iwwerzeegt, dass dat ganz flott gëtt. Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech hunn an dësem Bezuch eng Propos: Wier et net eng Iddi, nom 30. September eng Enquête ze maache bei de

Geschäftsverbänn an och de Geschäfter, déi do an der Strooss sinn, an ze froen, wéi se déi Period empfonnt hunn a wéi se de Verlaf vun hire Verkeef gesinn hunn? Ob se dann elo méi oder manner verkaf hu par rapport zu där Zäit wou op war. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Et ass scho vill hei gesot ginn. D'ADR begréisst natierlech och dass ab dem 1. Abréll ab 12 Auer alles zou ass. Mir freeën eis drop an dat gëtt e flotte Summer, wou vill Terrassen op sinn a vill Leit hei am Duerf wäerte sinn. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo Merci. Mir bleiwen dobäi, dass eisen Uspriechpartner de Geschäftsverband, den FCAD ass. Ech hat et d'leschte Kéier och schonn eng Kéier gesot, et ass e bësse wéi bei der Regierung, wann do eng Tripartite ass, da ka se net all eenzele Bierger froen, dann huet se Uspriechpartner, sief dat d'Beruffschamberen oder sief dat d'Gewerkschaften a sou ass dat och hei. Eis gefält dat Konzept vum Shared Space natierlech och nach ëmmer gutt an dofir hu mer jo och decidéiert, datt eeben am Summer, wa gutt Wieder ass, op ass, an am Wanter, wa méi schlecht Wieder ass an d'Leit net sou wäit wëllen zu Fouss goen aus deem ënnerierdesche Parking zum Beispill, datt se da méi nobäi kommen. Mir hoffen natierlech och wéi den Här Steffen sot, dass et dëst Joer erëm e grousse Succès gëtt. Ech mengen d'Cliente vun de Geschäfter, do ass et wéi be de Geschäftsleit selwer, wéi et heibannen ass. Du hues där enger an du hues där anerer. Du hues Leit déi sinn dofir, du hues Leit déi sinn dogéint, do huet jiddwereen e bësse seng Meenung.

Dann ass d'Wieder ugesprach gi vum Här Meyer an der Madame Spagnuolo. Also ech ka fir vill Ongléck, awer dofir kann ech net. Ech hunn och kee gudden Drot zum Wiedergott, do musst Der mat der Fraktioun, déi niewent lech sëtzt schwätzen. Mee mer ginn dovun aus, dass et jo net vum 1. Abréll bis den 30. September wäert hei am Land reenen. D'Madame Thoma huet gesot, et ass e gudde Kompromëss. Jo, wann ee vun der Gewerkschaft kënnt, da weess een, datt ee muss Kompromësser agoen. An ech mengen hei hu mer effektiv alleguerten zesummen eppes ausgeschafft, wou mer kënnen, souwuel d'Parteien, wéi de Gemengerot, de Schäfferot, de Geschäftsverband an d'Clienten domadder liewen. An d'Madame Kemp sot, ob mer duerno net sollen eng Ëmfro maachen. Also et ass jo sou, datt mer reegelméisseg Entrevuë mat Geschäftsverband hunn. All souvill Woche gesi mir eis hei an der Gemeng. A gleeft mer et, si wäerte lo schonn op eis duerkomme wa se mengen, dat do hätt lo kee Succès gehat. Da wäert dat souwisou an enger éischter Sitzung nom 30. September um Ordre du jour stoen, do sinn ech iwwerzeegt dovunner, sou gutt wéi ech déi kennen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Claudia, ech ginn nach op zwee, dräi Punkten an. Den Här Martini huet monéiert dass si bei der CSV eng Approche hätten ouni op de Geschäftsverband zréckzegräifen. Ma ech mengen et ass grad eebe wichteg, an dat ass jo virdru betount ginn, op dee Geschäftsverband zréckzegräifen, well si vertrieden d'Geschäftswelt. Dofir ass de Geschäftsverband historesch gegrënnt ginn. An ech ginn nach e Schratt méi wäit, de Geschäftsverband ass deen, mat deem de Schäfferot de sougenannten Dialogue structuré huet. A wann ee weess, wat den Dialogue structuré ass, dann ass et och wichteg, dat Verkéiersreglement, dat mer hei huelen och an deem Kontext ze gesinn. An ech deelen absolut net deen Horrorzeenario, dat Horrorbild, dat hei gewise gëtt par rapport zur Entwécklung vun der Diddelenger Geschäftswelt, also et ass keng Dämmerungsstëmmung, sou wéi Dir dat hei skizzéiert.

Wann ech e Bléck werfen an déi verschidde Walprogrammer, do ware verschidde politesch Parteien hei um Dësch, déi eng komplett Foussgängerzon wollten. Jiddweree ka jo a seng Walprogrammer schreiwe wat e wëllt. Mir hate hate ganz kloer als LSAP an eise Walprogramm geschriwwen, dass mer wéilte wärend de Summerméint mëttes zou hunn. Mir haten och an eiser Schäfferotserklärung hei an engem vun deene leschte Gemengeréit e Wee fonnt, fir eng gewësse Flexibilitéit an de Shared Space eranzeféieren, ouni d'Konzept vum Shared Space a Fro ze stellen. Also mengen ech dass dat heiten e Modus ass, eng Modalitéit ass, fir eppes auszeleeën, wou mengen ech eng Win-Win-Situatioun fir eng ganz Rei Partie prenantë ka sinn, vu dass mer dat heite jo och am Kader vun engem Dialogue structuré ausgeféiert hunn. Voilà. Dëst nach als e puer Ausféierungen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Ech hu jo hei eraushéieren, dass mer eng breet Majoritéit kréie wat deen heite Vott vum Reglement och ugeet. **Wien ass mat dësem Reglement averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun Déi Gréng, LSAP, DP, ADR an Déi Lénk. Wien ass dogéint? Dat ass d'CSV.** Villmools Merci. Ech soen dem Pit Demuth Merci fir seng Presenz.



# 3. REGIONAL MUSEKSSCHOUL

**Approbatioun vun de Changementer fir d'Schoulorganisatioun 2023/2024**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech begréissen de Direkter adjoint vun eiser regionale Musekschoul, de Laurent Felten, an et geet hei dann ëm d'Museksschoul. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Voilà, nodeems mer am Gemengerot vum 24. November d'lescht Joer dann och d'Schoulorganisatioun vun eiser Museksschoul gestëmmt haten an ageschéckt haten, do huet de Ministère eis drop higewisen, dass duerch hiren neien Outil informatique, den EDUMUS, ech menge mir haten d'leschte Kéier en long et en large doriwwer diskutéiert, eng Rei vun eise Gruppecoursen net korrekt deklaréiert gi wären. Ouni elo ze vill an den Detail ze goen, dofir ass de Laurent hei fir Iech den Outil ze erklären, wann dat gefrot ass, geet et haaptsächlech hei ëm d'Eveil musical-Coursen, bei deene mer zanter Joren d'Niveauen 1 an 2 gemëscht hunn. Vu dass déi Schoulorganisatioun awer lo net méi manuel mee automatesch iwwert deen Outil informatique erstallt gëtt, sinn do eeben déi Doublonen entstanen, déi doduerch datt mer et haut nach eng Kéier stëmmen an et verbessert hunn, dëst dann och änneren. Wéi gesot, et ass e relativ techneschen Dossier, a well et en Informatikprogramm ass mat deem ech natierlech net schaffen, mee d'Sekretariat vun der Museksschoul, respektiv eise Sous-Direkter, de Laurent, deen hei ass an de Bob, dofir ass hien och hei fir wa Froen dozou sinn, ze äntweren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Si Froen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da war dann alles kloer. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat de Changementer averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer Iech villmools Merci. An och dem Här Felten Merci fir seng kuerz Presenz.

# 4. FINANCES

**4.8. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Bau vun enger Conduite de refoulement fir Ofwaasser tëschent dem Quartier NeiSchmelz an dem Bassin de rétention an der Rue du Nord – Phas II (Tracé vun der Route de Burange an d'Rue Pasteur)**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da wollt ech dem Gemengerot proposéieren, dass mer de Punkt 4.8. wat den Devis estimatif, Phas II fir d'Conduite de refoulement ugeet, géife virhuelen. Well och eis Gemengenemployéeën, respektiv och den Här Hengen vum Bureau d'études BEST do sinn, dass mer dee virhuelen, da kënne mer och si liberéieren, éier mer de Rescht vum Ordre du jour huelen. Ech géif de Pascal Steichen, den Nic Krumlovsky vum Service Gestion et Maintien du Patrimoine begréissen an och de Fernand Hengen vu BEST.

Mir hunn haut hei en Devis virleien, dee mer stëmme solle fir d'Phas II fir de Bau vun enger Conduite de refoulement fir Ofwaasser tëschent dem Quartier NeiSchmelz an dem Bassin de rétention an der Rue du Nord. Just fir eng Kéier kuerz de Kader ze setzen. D'Phas I vun der Conduite de refoulement, déi hate mer schonn hei am Gemengerot gestëmmt. Et war jo fir Gas, Waasser, den Eclairage, dann d'Voirie fir d'Conduite de refoulement ze maachen. Dat ass jo och e Projet dee subventionéiert gëtt vum Waasserwirtschaftsamt a mir musse jo dat heiten ëmsetzen an Kader vun der Entwécklung vum Projet NeiSchmelz. Do hate mer jo och hei de Projet gestëmmt, dass mer eng Extensioun maache vum Bassin de rétention zu Biereng. Dass mer dee méi grouss maachen, dass méi eng grouss Capacitéit kënnt. An d'Conduite de refoulement, wéi gesot, déi éischt Phas déi leeft, déi ass bal ofgeschloss. An haut ass de Vott vun der zweeter Phas. An et ass jo am Fong eng Obligatioun déi mer hei kritt hu vum Waasserwirtschaftsamt fir der Entwécklung vum Projet NeiSchmelz kënnen entspriechend Rechnung ze droen.

D'Phas I, déi mer jo hei am Gemengerot gestëmmt haten, déi iwwert 1 Millioun war, déi och subventionéiert gouf, dat war haaptsächlech d'Rue de l'Etang, respektiv ronderëm de Parking Am Duerf. Bei der Phas I bleift nach e Stéck Leitung an der Rue de l'Etang ze maachen, da si mer do sou gutt wéi fäerdeg. An d'Phas II, déi geet hannert dem Hild weider duerch d'Rue Jean Berchem, Norbert Metz bis dann den Eck Rue Pasteur/ Flemingstrooss fir da lo e bëssen de Kader als Intro ze skizzéieren. Deen Devis, deen hei virläit fir déi 2. Phas, dat sinn 3,4 Milliounen Euro. Och do kréie mer Subside vum Wasserwirtschaftsamt. Et ass en zimmlech techneschen Dossier, mee huet awer mengen ech eng net onwichteg Envergure fir dass de Fonds du Logement dann och deemnächst kann de Projet vun NeiSchmelz an Ugrëff huelen. A wéi gesot, et war jo Obligatioun vum Waasserwirtschaftsamt fir iwwerhaapt dann och dem Projet NeiSchmelz d'Gewähr ze ginn. Mir haten eis jo als Gemeng och engagéiert déi 1. Phas an déi 2. Phas ëmzesetzen. Respektiv dann d'Ausweidung vum Bassin de rétention an der Rue du Nord.

Dat e bësse fir den iwwergeuerdente Kader ze setzen. An da géif ech hei eisem Gaascht, deen eis an dësem Dossier de ganzen Zäit begleet huet, dem Fernand Hengen d'Wuert ginn, fir eng Kéier duerch de Projet ze féiere vun der Phas II a fir och op déi verschidden Detailer anzegoen, respektiv dann och herno d'Diskussioun opzemaachen, wann Der da méi technesch Froen hutt.

FERNAND HENGEN, BEST INGÉNIEURS-CONSEILS: Hei ass dann nach eng Kéier dat, wat Dir lo schonn zesummegefaasst hutt, dat heescht déi 1. Phas, dat ass effektiv déi vum Quartier NeiSchmelz bis bei den Hild, do hutt der jo schonn een Deel geluecht, dat Stéck duerch d'Rue de l'Etang ass jo geluecht an elo géife mer da weiderfuere vum Hild duerch de Quartier Brill bis erop an d'Pasteurstrooss. An da kéim u sech nach de leschten Deel, deen ass duerch d'Pasteurstrooss. An deen Tracé hu mer u sech gewielt, well mer do och verschidden aner Infrastrukturen, Reewaasserleitungen a sou nach musse leeën. Dofir ass u sech deen Tracé zustane komm an och fir ze vermeiden, dass mer an der Bierengerstrooss ze laang verkéierstechnesch Problemer schafen.

Hei ass dann nach eng Kéier den Detail, dat heescht, d'Rue Jean Berchem, Rue Norbert Metz a Rue Pierre Krier. De Problem ass u sech dass mer ganz vill bestoend Reseauen an deene Stroossen hunn. Dat sinn d'Fernwärmeleitungen, dat sinn d'Gasleitungen, CREOS a Post, déi mer musse kräizen. An dat mécht de Projet e bësse méi schwiereg an natierlech och e bësse méi deier. Hei ass mol den Detail vun de Leitungen. Dir gesitt, mir wëssen u sech net ganz genau, wou déi Fernwärmeleitunge leien. Dat heescht, éier mer de Chantier ufänke musse mer Fouillë maachen an da kucken, wou déi Leitunge leie fir dass mer drënner an driwwer duerchkommen ouni dass mer do en neie Problem schafen. Dat heescht, mir sinn hei an enger mëttlerer Déift vun 1,70m bis 2,50m. Bon, d'Déift erkläert sech eeben, well mer verschidde Reseaue musse kräizen. Et ginn och 5 bis 6 Spull- a Kontrollschächt agebaut. Déi sinn einfach fir d'Bedreiwe vun der Leitung erfuerderlech, well déi Leitung dann och ab und zu muss gespullt ginn a gekuckt ginn dass keng Problemer do entstinn. Hei ass nach eng Kéier eng Zesummefaassung, wat alles wichteg ass. Dat heescht, mir leeën 1340 Meter DA315, dat heescht Aussenduerchmeesser 315, eng Drockleitung. Bon, d'Problemer déi do sinn, dat ass dass mer de Rechteckprofil vun der Diddelenger Baach musse kräizen a längs goen, an der Rue Jean Berchem zum Beispill.

Dann hu mer déi Kräizungspunkte mat der Fernwärmeleitung, wou mer musse kucken, dass mer drënner an driwwer duerchkommen. Dofir sinn e ganze Koup Fouillen erfuerderlech, wéi ech lech et erkläert hunn. An da gi 5 Schächt fir Spull- a Kontrollzwecker gemeet an et gëtt och ee Be- an Entlüftungsschacht. Um Héichpunkt ass ee Schacht erfuerderlech, wou mer d'Loft kënnen eraushuele wa Loft an der Leitung wier. Hei ass dann nach eng Kéier den Devis zesummegefaasst. Dat sinn 3,4 Milliounen. De Montant vun der Participatioun vun der Gestion de l'eau ass net ganz genau definéiert haut, well si fir d'éischt e Montant



éligible ausrechnen. Dat ass e fiktive Montant, vun deem si soen, wat déi Leitung dierf kaschten an da gi si dorobber hiren Zouschoss. Dat heescht Dir kréicht 50% vun deem Montant op deem Projet zougeschwat. An elo kënnt awer elo hei nach dobäi, dass u sech op deem Deel, wat vum Quartier NeiSchmelz kënnt, dass do keng Participatioun ass. Dat heescht vun deene 50% kritt Der just déi 70,29%.

D'Gestion de l'eau, déi huet ausgerechent, et ginn insgesamt duerch d'Leitung 75,60 Liter duerchgefouert. An déi 22,46 Liter, déi vum Quartier NeiSchmelz kommen, déi ginn dann ofgezunn. Hei sinn dann nach eng Kéier déi wichteg Kennzuelen. Dat heescht, déi 1340 Meter, 6 Spull- a Kontrollschächt. Mir mussen e ganze Koup Etat des lieuxe maachen. 55 Stéck hu mer elo mol am Devis virgesinn. Déi sinn u sech well mer duerch de Quartier Brill ginn a well mer relativ no bei den Haiser sinn. Mir hunn ofgeklärt, dass keng archeologesch Ënnersichungen noutwenneg sinn. De Problem ass, dass bei der Fernwärmeleitung net ganz genee definéiert ass, wou déi läit, dass mer do eeben am Ufank eng ganz grouss Zuel vu Fouillë musse maachen, fir dass mer dat kënne richteg definéieren. Hei am Devis hu mer einfach mol eng kontaminéiert Mass fir Schwaarzbelag virdefinéiert. An dann hu mer och virgesinn, dass mer am Kader vum Projet d'Strooss ganz nei maachen.

Déi Präisser, déi baséieren elo op Präisser vum September 2023, dat heescht, dat war do wou d'Präisser am héchste waren, dat heescht, dass mer elo éischter méi erofginn. Wéi gi mer lo weider? Den nächste Schrëtt ass, wann Dir et lo haut hei am Gemengerot gestëmmt hutt, dass mer da kënnen d'Subsiden ufroen an nach eng Kéier d'Geneemegungen à jour setzen. Dat heescht, dass mer do sou wäit fäerdeg wäerte sinn, dass mer fir September, Oktober kéinten an d'Ausschreiwung goen an dass dann de Chantier kéint am Februar 2025 ufänken. Mir rechne mat enger Bauzäit vu ronn annerhalleft Joer. Ech géif lech dann zur Verfügung stoe fir Froen.

PASCAL STEICHEN (SERVICE DE GESTION ET DE MAINTIEN DU PATRIMOINE): Wat ee ka bäifügen, dat ass den Delai. Wat de Fernand lo gesot huet, dass et d'nächst Joer lassgeet, dat ass lo spéitstens. Mir hoffe jo dass et an der AGE et bësse méi séier geet. A mir hunn dofir och schonn am Budget en Deel virgesi fir dëst Joer kënnen ze starten. Fir dass mer och zäitgerecht fäerdeg gi wann NeiSchmelz fäerdeg ass.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Moien. Merci fir d'Wuert. Merci fir déi Explikatiounen. Mir hätte zwou kleng Froen. Dat Éischt, Dir hutt vu Fernwärme geschwat. Dierf ech just froen, vu wou déi Fernwärme kënnt? Wou se produzéiert gëtt a wou se ausgedeelt gëtt? A kenn een net vun där Situatioun profitéieren, fir vläicht justement déi Fernwärme auszebreeden an och verschidden Haiser domadder unzeschléissen anstatt de Gas? An déi aner Saach war, mir hate virun dräi Joer schonn eng Demande, also eng Question hei eragereecht, andeems mer gefrot hunn datt justement an där Géigend, Pasteurstrooss a Rue Jacques Thill ganz oft an de Kräizungen Héichwaasser steet. A léise mer da mat dësem Projet de Problem? Natierlech och wëssend datt mer den Opfangbecken ausgebreet hunn, also deemnächst. A mat deem Kanal hei hu mer dee Problem dann hoffentlech net méi an Zukunft. Mee dorobber kënnt Dir dann eng Äntwert ginn. Merci.

PASCAL STEICHEN (SERVICE DE GESTION ET DE MAINTIEN DU PATRIMOINE): Et ass esou, zur éischter Fro, d'Fernwärme, de BHKW do ass d'Zentral, d'Heizung, déi gëtt jo do mat Pellets bedriwwen. Déi ass nei gemaach ginn, déi steet an der Sportshal. An d'Leitungen, déi verlafen eebe vun der Sportshal aus duerch d'Cecastrooss op d'Norbert Metz-Strooss a vun der Norbert Metz-Strooss riicht viru bis an der Flemingstrooss, ëm den Eck d'Pasteur an dann d'Dupontstrooss bei d'Altersheim. Fir do kënnen aner Leit unzeschléissen, an der Theorie kléngt dat gutt, mee et muss ee wëssen, dass d'Cogénératioun, dass dat eng Gesellschaft ass. Dat ass kee Gemengeservice, dat ass eng Société anonyme an do sinn dräi Aktionären an déi musse sech dann och eens ginn, ob dat eng gutt Saach oder eng manner gutt Saach ass. Dat ass deen éischten, juristesche Fall, dee muss gekläert ginn.

Deen zweeten ass: Et muss een och kucken, wéi et mat de Reserve steet. Mir hunn elo zwee Gemengeprojeten, déi an Aussiicht sti wéi d'Schoulen, d'Balzenger Schoul, wou mer kucken, fir deem do Rechnung ze droen, fir déi vläicht un d'Cogeneratioun unzeschléissen. Et ass méi einfach e grousst Gebai unzeschléisse wéi e ganze Koup klenger. Dat zu deem. An déi Leit, déi haut Gas hunn, déi missten dann op hir Fraisen den Uschloss fir d'Cogeneratioun finanzéieren an ech denken net dass der do vill dobäi wieren, déi dat wéilte maachen. An dann zur zweeter Fro, vum Héichwaasser. Et ass sou, mir hunn hei elo zur Phas II, déi elo hei presentéiert ginn ass geschwat. Do kënnt nach eng Phas II hannendrun, an déi Phas II, déi geet vun der Eck Flemingstrooss/Pasteur, bis duerch d'Pasteurstrooss, d'Hellengerstrooss lénks erof bis beim Bauer Bierchem geet déi duerch d'Wiss fir hanne beim Regenüberlaufbecken, fir do erauszekommen. An do ass mat ugeduecht gi fir déi Leitungen, déi Reewaasserleitungen, fir déi do ze erneieren, fir déi Problemer mat den Iwwerschwemmungen an der Pater Thill-Strooss, fir deenen entgéintzewierken. Dat ass mat geplangt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci fir déi doten Erklärungen. D'Stad Diddeleng huet scho säit iwwer 30 Joer d'Fernwärmenetz, also d'Cogeneratioun. Dat wollt ech awer hei nach soen. Et ass jo ëmmer historesch bedéngt am Centre Hartmann ugesidelt gewiescht, wou de ganze Briller Quartier wéi och d'Altersheim wéi och de Lycée Nic Biever domadder gespeist ginn. Mir waren eng vun deenen éischte Gemengen hei am Land, déi sou eppes hat. Soss nach weider Froen? Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Eng lescht Fro dann awer. Dir kënnt Iech et denken. Mir sinn do op der Haaptvélosachs, Nord-Süd am Gaang ze schaffen. Dat geet duerch de Briller Quartier. Do si mer an der Norbert Metz-Strooss dee ganzen Deel an och an der Rue John F. Kennedy, wou jo dann opgerappt gëtt. Et si scho verkéiersberouegt Stroossen, wou d'Autoe méi lues fueren, well et net sou iwwersiichtlech ass. D'Fro wär lo hei, wa schonn opgerappt gëtt, ob et méiglech wier, et do en Tick méi sécher ze maachen? Well och an deene Sens uniquen ass et net ëmmer ganz evident, den Autoen entgéint ze fueren.

Dee roude Belag deen et gëtt, do gëtt e sou ee Makadamm, Dir kennt Iech technesch besser aus wéi ech, deen einfach komplett rout ass, wou keng Faarf dropgemaach gëtt, deen ass relativ rutschfest an dat ass och d'Recommandatioun vum Ministère gewiescht, fir deen am Fong ze huelen. En ass en Tick méi deier, mee en ass méi dauerhaft an d'Autofuerer gesinn eeben op där ganzer Längt, dass dote fir de Vëlo och op ass. Virun allem an der Norbert Metz, do ass et an där enger Kéier relativ geféierlech, well d'Autoen dann net erwaarden, dass ee mam Vëlo géing kommen. An ech mengen dass do sou e faarflechen Tupfer, deen net all Kéiers misst frëschgemaach gi wierklech géing d'Saach entschäerfen. Och an der Stade John F. Kennedy, wou een dann herno rauskënnt op eng Haaptstrooss, ass do eppes matgeduecht? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir huelen déi Iwwerleeungen do einfach mol mat. Hei hu mer eng Basos vun 3,4 Milliounen am Kader vum Projet NeiSchmelz. Ech mengen et ass dat, wat am Fokus steet, fir dass dee Projet iwwerhaapt kann eng Realitéit ginn. Wa mer dat doten net maachen, dat gëtt de Projet NeiSchmelz keng Realitéit. Mir waren u sech net preparéiert op déi doten Diskussioun, well et keng Diskussioun ass ronderëm d'Verkéiersféierung mee ronderëm den Invest an den Ënnerbau fir de Projet NeiSchmelz ze erméiglechen. Mee mir huelen dat dote mat op a kucken dat.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Just nach eng Fro, Dir hutt et scho selwer e bësse gesot Här Hengen, déi Geschicht mat der Fernwärmeleitung. Ech hat dat och e bësse gelies an Ärem Rapport. Do war eng Entwurfsbeschreiwung wou Der schreift: „In dieser Straße verläuft wiederum eine Fernwärmeleitung, deren exakte Lage ebenfalls nicht bekannt ist. Die Lage der Fernwärmeleitung muss geprüft werden.“ Dat mécht mer e bëssen Angscht an där Hisiicht dass an dësem Zäitalter nach ëmmer iergendeppes ënnert dem Buedem läit, wou een einfach net weess, wou et ass. Dir maacht jo do lo e puer Suchschachtungen hunn ech gesinn, och am Kader fir déi mol plazeweis ze fannen. Ech schwätze vun deem Deel tëschent de Quierstroosse vun Ceca a vu Bessemer. An dann och

nach eng Kéier déi an der Kennedy-Strooss. Si sou Saachen net e bëssen angsttreibend, datt ee lo muss herno mat engem Retard, respektiv mat Méikäschte rechnen, wou een da seet, lo musse mer awer dowéinst dat an dat maachen an dowéinst meng Fro nach eng Kéier. Mir mécht et vläicht keng Angscht, mee ech soe just nëmmen: Kann dat keng Inzidenz hunn op d'Zäit, respektiv och d'Auswierkungen op Méikäschten? Oder hutt Der schonn am Devis e gewëssenen Montant virgesi wann Der op Problemer stousst wéi deen doten?

FERNAND HENGEN (BEST INGÉNIEURS-CONSEILS): Ech wéilt do kuerz äntweren. Dat do ass d'Problematik eeben, wou d'Leitung virun 30 Joer geluecht ginn ass, dass dat nach net sou dokumentéiert ginn ass wéi haut, dat heescht, déi Aarbechte sinn deemools nach net, wa se ofgeschloss ginn, topographesch opgeholl ginn, sou dass ee se herno kann einfach an de GIS mat iwwerhuelen. Et mécht eis u sech keng Angscht, well mer dat dagdeeglech gewinnt sinn, an dofir hu mer relativ vill Fouillë virgesinn an Dir hutt jo och gesinn, dass déi Fouillë relativ opwänneg sinn am Ufank. Dat heescht, do maache mer e ganze Koup Fouillen, an da kucke mer, ob déi Contrainten, déi mer eis festgeluecht hunn, ob déi och sou sinn, dass mer de Projet sou kënne maachen. A gegeebenefalls ass eng kleng Upassung erfuerderlech, déi een awer direkt am Virfeld mécht an déi de Projet awer och net a Fro wäert stellen. Dat dierft kee Problem sinn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Da profitéieren ech fir do unzeschléissen. Gëtt da vun deene Fouillen da lo och profitéiert fir gegeebenefalls den As-Built vun der Fernwärmeleitung sou ze adaptéieren, dass an Zukunft? Jo, Ok.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt just nach eng Bemierkung maachen, dass den Tracé e bësse bosseg ausgesäit, dat ass mer am Ufank sou opgefall, dat Gezickzacks hin an hir. Et wier natierlech méi einfach gewiescht, iwwert d'Bierengerstrooss ze fueren, mee d'Iddi déi hannendru stécht ass awer wierklech intelligent. Fir elo net nach eng Kéier déi Bierengerstrooss opzerappen, déi réischt kierzlech fäerdeg ginn ass a wou d'Infrastrukturen erneiert gi sinn, fir ze profitéieren, do, wou mer lo passéieren, fir do d'Netz wat ënnert dem Buedem ass, also d'Infrastrukture Gas, Waasser, Post, Eltrona, fir ze profitéieren an deenen dote Stroossen, wou elo do ze erneieren, wou nach net erneiert ass. An dat ass dofir eng gutt Saach. D'Diddelenger Gemeng leet jo normalerweis vill Wäert, net nëmmen op dat wat um Buedem steet fir dat gutt ze ënnerhalen, mee natierlech och dat, wat ënnert dem Buedem ass. Et ginn all Joers jo eng, zwou, dräi Stroosse komplett frësch gemaach. An dat hei ass e gudden Ulass, wou dann an engems profitéiert gëtt, wa schonn e Lach gemeet gëtt, fir do alles ze erneieren. Bravo.

PASCAL STEICHEN (SERVICE DE GESTION ET DE MAINTIEN DU PATRIMOINE): Virdru war jo och déi Fro gestallt ginn, déi Problemer déi mer hunn an der Pater-Thill-Strooss mat den Iwwerschwemmungen, dat ass eng vun den Ursaache firwat den Tracé do och laanschtgeet. Déi zweet, dass jo och gesot ginn ass, d'Bierengerstrooss ass éischtens nei an zweetens ass och de Verkéier, deen do derduerch leeft.
De Brill do ass d'Post déi derduerch geet. Mir hunn elo versicht, déi e Joer ze retardéieren, dass si zesumme mat eis geet, dass si net oprappen a mir dat Joer drop oprappen. Ech wollt dat just dobäifügen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Wa keng weider Remarken oder Froe sinn, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott géifen iwwergoen. Wien ass hei mat deem Devis fir d'Phas II vun 3,4 Milliounen averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci an ech soen dem Här Hengen, dem Nic Krumlovsky an dem Pascal Steichen Merci fir hir Presenz an hir Erklärungen.

### 4.1. Plan pluriannuel de financement vun den Exercicen 2025 bis 2027 – Presentatioun an Diskussioun

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Den éischte Punkt vun de Finanzen, dat ass de Plan pluriannuel de financement – Presentatioun an Diskussioun. De Plan pluriannuel de financement, de PPF hei fir d'Joren 2025, 2026, 2027, dee muss ee jo dem Gemengerot kommunizéiere virum 15. Februar, respektiv dann och dat an den Inneministère eraschécken. Vu dass dat hei en nei gewielte Gemengerot ass säit der leschter Gemengewal an eng Rei nei Memberen hei si wëll ech e bësse méi wäit aushuele fir och de Kader ze setze vum PPF. De Plan pluriannuel de financement, dee gouf am Kader vun der Gouvernance économique européenne agefouert, am Kader vum Pacte de stabilité et de croisssance, de sougenannte PSC. An et ass am Fong en Exercice, deen an allen europäesche Länner gemeet gëtt ronderëm d'Politique budgétaire déi een huet. An de PPF, sou wéi d'Gemengen en hei zu Lëtzebuerg sollen erstellen ass 2013 agefouert ginn.

E bëssen eng Analogie, um nationale Plang hutt der de Staatsbudget pro Joer, dee vun der Regierung presentéiert gëtt, vun der Chamber gestëmmt gëtt. An och beim Staatsbudget gëtt et e Plan pluriannuel de financement. Dee gëtt och gestëmmt vun der Chamber. Wat d'Gemeng betrëfft, dat ass de klassesche Gemengebudget. Et gett d'Presentatioun vum PPF, mee deen ënnersteet der Responsabilitéit vum Schäfferot, an do brauch kee Vott gemeet ze gi vum Gemengerot. Fir dann e bëssen den iwwergeuerdente Kader ze erklären. An d'Iddi ass am Fong dass allegeurten d'Zuelen aus dem Gemengesecteur ronderëm de PPF dem Staat zougestallt ginn, fir dass deen et dann am Kader vum Pacte de stabilité et de croissance och kann op Bréissel schécken. Et ass also am Fong eng Obligatioun, déi d'Gemengen hei hu fir deen Exercice ze maachen a fir dann déi Estimatiounen am Kader vum PPF ze erfaassen, ze chiffréieren an och deementspriechend zoukommen ze loossen.

Mir haten elo de leschte Méinden, de 5. Februar och eng Finanzkommissioun, wou mer op de PPF agaange sinn. De PPF, dat hat ech jo virdru gesot, dee gouf 2013 agefouert iwwert d'Gesetz. An et kann een am Fong och soen, ech wëll nach eng Kéier de Kader hei setzen, dass 90-95% vun de Lëtzebuerger Gemenge sech un d'Gesetz halen. An deem Sënn, d'Gesetz gesäit jo eng

Kommunikatioun vir un de Gemengerot. Dat heescht eng reng Kommunikatioun vun Estimatiounen ouni Presentatioun an Diskussioun am Gemengerot. Also eng reng Zoustellung vun den Zuelen. Hei zu Diddeleng maache mer lo säit 11 Joer, vun un dass dat Gesetz a Kraaft getrueden ass, eng Presentatioun an eng Diskussioun am Gemengerot. Bon, mir halen eis zwar net un d'Gesetz, mee et ass net verbueden, dat ze maachen, mir ginn dofir och net bestrooft. Et sinn nämlech keng Sanktioune virgesinn am Gesetz, wann een et mécht. Mee et erméiglecht am Fong verschidden eenzel Projeten ze ernimmen, déi geplangt sinn. An de Choix hei eng Presentatioun an eng Diskussioun ze maachen hei am Gemengerot ass e Choix dee mer gemeet hunn, dee Wee ze goen an dat säit gutt 13 Joer.

Wéi gesot, de PPF dat sinn Estimatiounen. Dat ass och dat wat d'Gesetz virgesäit. A wéi ech virdru gesot hunn, et brauch net vum Gemengerot gestëmmt ze ginn, mee ënnersteet der Responsabilitéit vum Schäfferot.Ech wéilt op dëser Plaz och dem Pascal Poull, eisem Comptabel a sengem Service, Merci soe fir déi Opstellung. Well et ass hie mat sengem Service, deen dat heiten och mécht. Fir hire Service ass dat vill Aarbecht. A mat engen Outil, et ass jo och agespillt ginn an Dir hutt jo och Dokumenter zougestallt kritt mat engem Outil, deen awer no 13 Joer ze iwwerdenken ass, well en a senger Ausféierung zimmlech onflexibel ass. Dat ass ee vun de Messagen, déi ee kann zréckbehalen, vun deenen déi de Budget fir de PPF erstellen, respektiv och d'Zuelen aspillen.

Ech wollt e bësse méi wäit aushuele fir Iech eng Kéier de Kader ze erklären, de gesetzleche Kader, de Choix dee mir gemeet hunn a wat deen Outil ass a wéi e sech aschreift nieft der lokaler, nationaler an europäescher Lëns. Ech mengen et ass an deem generelle Kontext och ze betruechten. Wa mer awer dann erëm op déi national, lokal Lëns zréckkommen, dann ass de Point de départ och déi Circulaire ministérielle, déi den Inneministère eis zougestallt huet de 26. Oktober. A mir beruffen eis och op déi Zuelen, notamment wat dann d'Dotatiounen ugeet vum Staat par rapport zum Fonds de dotation globale des communes, respektiv beim Impôt commercial, d'Gewerbesteier, déi spille mer an, an do gesäit een natierlech och déi Variatiounen, déi gemeet ginn insgesamt fir 2025, 2026, 2027. Beim Impôt commercial bleift dat zimmlech stabel. Et ass keng notabel Evolutioun ze verzeechnen. Beim Fonds de dotation globale des communes, do sinn awer iwwer 4 Millioune wou mer méi kréie verdeelt iwwer all déi Joren a beim Impôt foncier ass keng gréisser weider Modifikatioun. Déi Zuelen hei baséiere sech natierlech hei op d'Prämisse vum leschte Joer.

Wann een och kuckt an där Circulaire wat mer sollen aspille loosse punkto Inflatioun. Dat sinn och nach Zuelen, déi awer, wann een e Bléck geworf huet op d'Kommunikatioun déi de Statec lo virun een, zwee Deeg gemaach huet, fir 2024 op 2025, do geet jo éischter d'Inflatioun erof, also éischter eng Revue à la baisse, wat mengen ech net oninteressant ass. Dat sinn dann nei Momenter, déi am Oktober nach net waren. Mee generell befanne mir eis nach ëmmer an engem Ëmfeld vun enger No-Covid-Period. Nach ëmmer den Ukrain-Krich mat sengem Impakt, deen en huet, d'Inflatioun, d'Penurie vu Materialien, dat sinn alleguer d'Elementer déi mer kennen, déi subsequent och en Impakt op eis Budgeten hunn. Wann een dann e bëssen kuckt op déi verschidden Zuelen, wann ech e bëssen op d'Recettes ordinaires aginn. Fir d'Joer 2025 ass dat 144,4 Milliounen. An 150,4 fir 2026. An 157,1 fir 2027. Bei den Dépenses ordinaires 143,9 Milliounen. Fir 2026 150,3 fir 2027 156,9. Wéi gesot, dat sinn Estimatiounen. A beim Budget extraordinaire, bei de Recettes extraordinaires 68,9 fir 2025. 50,8 fir 2026. 38,4 fir 2027. Bei den Dépenses extraordinaires 70,7 fir 2025. 50,8 fir 2026 an 38,5 Millioune fir 2027.
Ma et mierkt een och, dat huet jo dann direkt mat de Projeten ze dinn.

Wat heescht hei de PPF fir d'Stad Diddeleng? Engersäits 2025, 2026, 2027, do fanne mer natierlech Zuelen erëm vu Projeten, déi 2023 ugefaangen hunn, déi sech dann iwwer 2 Budgetsjoren zéien. 2024-2025, Projeten, déi dëst Joer wäerten ufänken, déi dann och 2025-2026 weiderginn, respektiv Projeten, déi nach net hei gestëmmt goufen, a Planung sinn a sécherlech iergend eng Kéier am Laf vum Joer 2025 gestëmmt kënne ginn an och weider en Impakt hunn. Dat sinn d'Estimatiounen, déi mer hunn. Mir ginn herno kuerz drop an. D'Invester, déi mer hei tätegen, dat ass a 4-5 Kategorien. Dat ass virun allem de Schoulberäich, de Logement, d'Sportsinfrastrukturen, de Stroossebau an och ronderëm d'Wuel vun den Déieren. Dat sinn déi 5 Kategorien. Dat ass en Invest iwwert déi 3 Joer vu ronn 150 Milliounen Euro, dee mer hei tätegen. An am PPF fënnt een da souwuel déi Projeten erëm, déi schonn hei gestëmmt goufen, déi natierlech schonn eng Repercussioun hunn, wou ech méi konkret Zuelen hunn an dann natierlech déi Projeten, déi nach net gestëmmt goufen.

All staatlech Subsiden, als Subsiden, Recettes extraordinaires déi mer kréien hunn natierlech virun allem mat deene Projeten ze dinn, déi am schoulesche Beräich sinn. Wou mer ëmmer wëssen, dass mer tëschent 30 a 50 Prozent kënne kréien. Dat sinn déi Estimatiounen, déi mer einfach mol héichgerechent hunn. Oder aner Projeten, wou ee jo scho weess, wéi de Bassin de rétention oder de Projet, wou mer lo hei gestëmmt hunn, wou mer 50% vum Waasserwirtschaftsamt kréien. Oder bei Logementsprojeten, wou nach keen Engagement besteet vun der Regierung, mee wou mer awer wëssen, dass mer bis maximal 75% vu Subside kënne kréien. Wuel wëssend dass d'Erfarung eis gewisen huet, dass mer an der Moyenne éischter bei 65% vun de Subside leien. Respektiv och Sportsprojeten, wou een och tëschent 30 a 40 Prozent läit. Wann een e bëssen e Bléck werft op déi Projeten, déi mer schonn hei gestëmmt hunn hei am Gemengerot, dann ass dat natierlech am Kader vum Stroossebau.

D'Butschebuergerstrooss, déi am Hierscht wäert lass-goen, d'Rue des Ecoles, déi am Gaangen ass, d'Kanalisatioun Rue des Champs, an der Lëtzebuergerstrooss ronderëm eis nei Regiebetriber, awer och de Retentiounsbecken zu Biereng, dee mer ausweiden. Déi Projete goufen hei deelweis gestëmmt.

D'Gafelter Schoul, d'Briller Schoul, déi provisoresch Struktur fir d'Brill-Balzeng Schoul, d'Déierenasyl, déi Logementer an der Rue Nic Bodry, Rue Fontaine, Lëtzebuergerstrooss. Nei Gemengenatelieren, de Complexe sportif um Strutzbierg, den neien Hall fir den CAD an och fir den Tennisveräin. Ech mengen dat si Projeten, déi hei net onbekannt sinn hei am Gemengerot an déi och scho gestëmmt goufen, wou verschiddener an Ausaarbechtung si fir Ausschreiwunge respektiv anerer jo schonn am Gaange sinn.

An dann an den Estimatioune vu Projeten, déi, wéi gesot, nach net gestëmmt goufen: Do ass eng Phas 4 vum Shared Space, eng 3. Phas vun der Conduite de refoulement fir de Projet NeiSchmelz an de Bassin de rétention Biereng, eng Gymnich-Plaz, Zon 30 an der Gafelter Schoul, dann awer och de syntheteschen Terrain um Meyer. Déi nei Balzenger Schoul déi mer bauen, d'Däicher Schoul, de PAP A Bëlleg, wou mer eis och engagéiert hunn eng nei Gemengecrèche, mee och all déi abordabel Wunnengen déi stinn A Bëlleg, beim Eecherdall, an der Rue de la Paix an och de Stade Nossbam, Fussball, wou mer jo och nei Tribünen an nei Buvettë wëlle maachen. Also wann een och e bësse generell op déi heite Projete kuckt, do gesäit een dass dat Projete sinn, wou keen Nice to have sinn. Engersäits Neibaute ronderëm Schoulen, respektiv Renovatioun vun eise Quartiersschoule fir déi weider ze moderniséieren. Respektiv dann och historesch Bauten, déi zu eisem Patrimoine bâti gehéieren, déi an d'Jore komm sinn an déi mer och deementspriechend musse renovéieren, fir dass se net nach weider degradéieren. An do sinn natierlech, vu dass se bei Alter sinn an iwwert Joerzéngte schonn do stinn, sinn dat dann och méi konsequent Budgeten, déi estiméiert gi fir dat och da kënne virzehuelen.

Wéi gesot, de PPF ass eng Momentopnam. Et muss een natierlech d'Finanzsituatioun weider am A behalen. Mir gesinn awer och, dass duerch d'Invester déi mer hei maachen, de Polster, dee mer hei hate schmëlzt. Et gesäit een och bei deenen heite Projeten, dass mer och weider Empruntén viraussiichtlech brauchen, wéi gesot et sinn Estimatiounen. Mir hu jo just de Kont vum Joer 2022 virleien, da brauche mer och nach de Kont vum Joer 2023 an da kënnt jo och nach de Kont vum Joer 2024. An eisen Estimatiounen hu mer elo mol fir 2025 en Emprunt virgesi vun 51 Milliounen Euro. 2026 vun 27,2 Milliounen Euro an 2027 vun 25,7 Milliounen Euro fir déi dote Projeten ze realiséieren. An do gesäit een natierlech och dass dat bei den Annuitéite fir deen Emprunt ze rembourséieren, dass déi natierlech och an d'Luucht ginn. Fir 2025 ass eng Estimatioun vun 9,3 Milliounen am Ordinairen als Depense. 2026 12,4. 2027 14 Milliounen Euro. Dat ass dat wat geschat gëtt, wann déi Empruntén do sollten an där Héicht gezu ginn. Ob et da wierklech sou ass, dat wësse mer deementspriechend nach net, dat hänkt jo da jeeweileg vun de Konten of, wéi mer dann d'Joren ofschléissen. Wéi gesot, sou wäit si mer nach net. Dat kënnt jo nach alles am Laf vun deenen nächste Méint respektiv d'nächst Joer, wat de Budget 2024 ugeet. Dat ass dat wat ech wollt vun Ausféierunge gi par rapport zum PPF. Duerch d'Presentatioun an d'Diskussioun kritt een hei dann e gudde Krack méi wäit en Abléck an net nëmmen d'Finanzsituatioun, mee och an d'Projeten, déi de Gemengerot kënnen déi nächst Jore beschäftegen. An dat geet da sécherlech och méi wäit wéi eng einfach Kommunikatioun vu graffen Zuelen, graffen Estimatiounen ouni Diskussioun, dat heescht dat heiten ass och en Exercice, deen déi Zuelen och méi gräifbar mécht, an dat ass sécherlech net oninteressant. Da wär ech fäerdeg hei mat eiser Presentatioun a géif d'Diskussioun opmaachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Als alleréischt wëll ech och e grousse Merci ausschwätze vis-à-vis vum Schäfferot vun deene leschte Joren och schonn. Et ass wéi Dir sot, a ville Gemengen ass de PPF unter ferner liefen, just e klenge Pabeier deen ausgedeelt gëtt. Mee mir hunn awer déi Traditioun, déi mer absolut begréissen, dass mer eng Presentatioun maachen net nëmmen hei am Gemengerot, mee och schonn an der Finanzkommissioun an och eng Diskussioun hei däerfe féieren. Dat ass absolut luewenswäert, an ech denken dat ass och ganz wichteg am Sënn vun der Transparenz. Dir sot, et sinn Estimatiounen, jo, mee et gëtt awer eng Richtung un an et informéiert och de Gemengerot wéi d'finanziell Situatioun vun eiser Stad ass. An och wann et ënnert der Responsabilitéit vum Schäfferot steet, de PPF, a vum Schäfferot opgestallt gëtt ass et awer wichteg, dass de Gemengerot déi Informatiounen huet an dass mer och heibannen d'Diskussioun féieren. Well et ass jo ëmmerhin de Gemengerot, dee jo awer all Joer de Budget annuel muss stëmmen an de Gemengerot, deen och all Projet muss stëmmen.

An ech soen ëmmer, jee besser een informéiert ass, jee konstruktiver kann een eng Diskussioun féieren an och Suggestioune maachen hei am Gemengerot. An dat erhéicht d'Transparenz no baussen. An dat ass jo am Fong och dat, wat mer alleguerte wëllen. Ech menge mir hunn eis dat och op de Fändel geschriwwen als Gemeng, dass mer transparent sinn, dass mer no beim Bierger wëlle sinn. An dofir nach eng Kéier explizitt eise Merci vun der CSV fir dee Schrëtt, deen Dir scho virun zëg Jore gemaach hutt. Da kommen ech awer zum PPF. Die fetten Jahre sind vorbei. Ech mengen dat ass dat Éischt, wat ee ka soen. Den Här Buergermeeschter huet et ausgefouert, eng liicht Hausse vun den Dotatioune vum Staat, awer eng Stagnatioun vum Impôt commercial, eng substantiell Hausse vun den Dépenses ordinaires, déi 2026 net méi opgefaange gi vun de Recette ordinairen, wéi dat am Fong soll sinn, fir d'Depensen am Extraordinaire opzefänken. Mat engem Resultat ordinaire vun 2026 zum Beispill vun 52.000.- Euro bei geplangten Dépenses extraordinaires vu 50 Milliounen ass kloer, dass mer op Prête mussen zréckgräifen. Méi Prêten heescht méi Zënsen zréckbezuelen, den Här Buergermeeschter huet et gesot, méi Annuitéiten, déi eis awer belaaschten. Eis finanziell Situatioun gëtt net méi roseg. Mir musse léine goen.

2023 hu mer 40 Millioune Schold gemaach, 2024 rechne mer mat nach eemol 40 Milliounen. Den Här Buergermeeschter huet et gesot, 2025 hu mer hei 51 Milliounen ageschriwwen. Am PPF 2023 hate mer nach gemengt, mer kéime mat 42 Milliounen dovun. Mir hunn elo, fir 2026, och nach eng Kéier e Prêt vu 27

Milliounen ageschriwwen an 2027 och nach eng Kéier vu 25,7 Milliounen. Dat ass scho beängschtegend, virun allem, wann een da kuckt, wat heescht dat? D'Annuitéite sinn haut scho bei 6,6 Milliounen, 2025 komme mer op 9,3 Milliounen wa mer déi Prête mussen huelen, et ass effektiv eng Estimatioun. Mee soe mer mol Worst Case. Dann hu mer 2027 14 Milliounen, déi mer all Joer mussen zréckbezuelen. Dobäi kommen d'Personalfraisen, déi dann 2027 kontinuéierlech an d'Luucht gaange sinn an op 86,7 Millioune stinn. Dann hu mer mat den Annuitéiten, mat de Personalfraisen 100 Milliounen déi scho fort si souzesoe bei enger Dotatioun déi virgesinn ass vu 95 Milliounen. Dat ass net gutt. Mir hypothekéieren d'Invester vun eise Kanner. Dës Annuitéite vun elo, ech hat et scho bei der Budgetsdiskussioun gesot, déi Annuitéite vun deene Prêten, déi mir elo ophuelen, déi bezuelen eis Kanner bis 2044 zréck. Mir bezuele se net méi zréck, well ech hunn da 84 Joer, meng Kanner hunn iwwer 50 Joer, a meng Enkelin, déi huet awer da réischt 22 Joer. An ech soen ëmmer, mir hunn eng Responsabilitéit vis-à-vis vun den nächste Generatiounen.

Ech kommen awer nach eng Kéier kuerz zu der Virstellung vum PPF. Ech soen och dem Schäfferot villmools Merci, dass se eiser jorelaanger Fuerderung an eisem Gesouers Rechnung gedroen hunn, dass dem Gemengerot an och de Finanzkommissiounsmembere d'Dokumenter vum PPF schonn am Virfeld zoukomme gelooss gi sinn. Do soe mer explizitt Merci. Well wa mer eng Diskussioun zu deem Thema wëlle féieren, dann ass et natierlech och wichteg, dass jiddwereen um Wëssensstand ass, deen dann och eng Diskussioun erlaabt. Mir kruten, sou wéi dat sech gehéiert, souwuel den Tableau de synthèse vum PPF an de Rapport vum PPF 2023 fir och nach eng Kéier ze kucken, wéi ass d'Evolutioun am leschte Joer gewiescht. Mee dat Allerwichtegst, dat Allerwichtegst ass awer d'Opstellung vun den Haaptprojeten aus dem PPF 2024 mat hiren estiméierte Käschten.

Den Här Buergermeeschter huet et gesot, mir ënnerscheeden hei „Projets déjà votés" a „Projets non-votés". Dat gëtt eis eng Iddi, wéi vill méi deier eis scho votéiert Projete warscheinlech wäerte ginn, Wëssensstand vun haut natierlech ëmmer, a wéi vill méi deier ginn eis geplangten an nach net votéiert Projete par rapport zu de Previsiounen zum Beispill vum PPF 2023, respektiv déi Jore virdrun. Virun allem en vue vun deenen décke Prêten, déi mer an den nächste Jore mussen ophuelen an och votéieren ass et gutt, wann een déi Informatioune schonn am Virfeld huet. Ech wënsche mer natierlech, dass dat net en eemolegen Exercice war, mee dass mer an der Finanzkommissioun an och am Gemengerot déi nächst Joren ëmmer sou transparent informéiert ginn.

Virun all gréisser Invest a Changement vun der Deierecht vun de Projete géife mer eis och wënschen, an dat ass och scho vun anere Kolleegen hei am Gemengerot gesot ginn, dass mer vläicht och eng Finanzkommissioun hu fir eis nach eng Kéier méi kloer ze informéieren, wann Depassementer ustinn. Luewenswäert ass, dass am leschte Joer virun allem d'Projetsbüroe mat den Architekten an den Ingenieuren an de Responsabele vun de Projetsmanager an de Gemengerot komme fir dem Gemengerot och déi Deierecht ze erklären, wann e Projet substantiell méi deier gëtt. Munchmol war och en Depassement nozevollzéien. Wéi Imprevue bei der offener Schwämm, wou mer wierklech opgekläert gi sinn, firwat et dozou komm ass. Munchmol sinn déi Depassementer awer net prezis genuch erkläert ginn, respektiv, wat eis e bësse rose gemaach huet, dass einfach eng allgemeng Deierecht duerch eng Materialpräiserhéijung och op de ganze Projet einfach ëmgeluecht an héichgerechent ginn ass. Och wa verschidde Posten am Devis guer net vun der Materialdeierecht betraff waren. Dir kennt mäi Beispill vun den Toiletten am Hall polyvalent, déi genau sou méi deier gi si wéi de ganzen Hall, obwuel op den Toiletten am Fong guer näischt geännert ginn ass, de Präis awer vu 47.000.- Euro op 137.000.- Euro eropgedréckt gouf, ouni dass och den Architekt konnt erklären, firwat dass déi Deierecht war. A fir eebe genau sou Haussen ze hannerfroen ass eeben de Listing vun den Investissementer an déi verschidde Projeten och sou wichteg. Wat fält eis op? Kommt mir kucke fir d'éischt an de „Projets votés – Structures provisoires pour élèves Ecoles Brill, Balzing, Danse" Do hate mer am Fong 4,2 Millioune votéiert, do stinn awer elo scho 6,5 Milliounen hei am PPF.

Bei der Mise en conformité vun der Schoul Brill, do hate mer 2022 6,42 Millioune votéiert, hei stinn awer och elo scho 7,85 Milliounen dran. Dat gëtt eis eng kleng Indikatioun a wéi eng Richtung et geet, dass mer awer nach mat substantiellen Haussë musse rechnen, dass mer Devis remaniéen awer warscheinlech musse stëmmen. Hei sinn awer och nach zwee votéiert Projeten dran, wou mer awer déi Zomm déi hei steet nach net erkläert kritt hunn, bezéiungsweis de Projet nach net virgestallt kritt hunn. Wann ech kucken „Logements sociaux – Rue de la Fontaine", do hu mer jo en Haus kaaft fir 815.000.- Euro. An elo steet awer hei schonn e fäerdege Projet 4,84 Milliounen dran. Idem bei de Logements sociaux op der Route de Luxembourg, och do hate mer en Haus kaaft fir 1,1 Milliounen, hei ass awer elo e Chiffer vun 3,8 Milliounen dran. Dat wär zum Beispill och ee Punkt, wou mer frou wären, wa mer dann déi Projeten och scho virgestallt kritt hätten, dass mer wéissten, wéi komme mer op déi Chifferen, déi lo hei erwäänt gi sinn?

An op Lenkeschléi hu mer 5 Haiser kaaft fir och de Logement social. Déi 5 Haiser hunn 3,8 Millioune kascht, dat si 760.000.- Euro pro Haus, wou awer eng ganz Famill kann dra wunnen. Da muss een och kucken, wéi steet dat lo zum Beispill bei deem Invest dee lo virgesinn ass an der Fontainestrooss an an der Route de Luxembourg? Wéi gesot, do wäre mer frou, wa mer eis do och eng Kéier kéinten de Projet ukucken. Erstaunlech, virun allem awer och e bësse mat Besuergnis kucke mer zum Beispill op d'Evolutioun vun dem Präis vun den „nouveaux ateliers communaux" Phas 1. Mir hate 25 Millioune votéiert, lo si mer hei awer scho bei 28 Milliounen. Och do wäre mer frou, wa mer méi genau Detailer géife kréien. Dat sinn eebe just e puer Beispiller, wou mer frou wären, wa mer do nach eng Kéier géifen informéiert gi wéi et zu deenen Evolutioune vun dëse Präisser kéim.

Da kommen ech zu de „Projets non-votés". Dir wäert warscheinlech net erstaunt sinn, dass mir awer frou sinn, hei ze liesen: Shared Space Phas 4, 9,5 Milliounen. Also mir si frou, dass de Shared Space awer nach am Planning vum Schäfferot seng Zukunft huet. Mir hoffen nach ëmmer, dass mer keng Foussgängerzon aus der Niddeschgaass maachen, mee um Konzept Shared Space festhalen. Well den Invest ass jo net Peanuts. Mir hu scho 15 Milliounen investéiert, lo kommen nach eng Kéier 9,5 Milliounen dobäi. A wa mer lo wierklech eng Foussgängerzon wéilten draus maachen, dat wär jo e komplett anere Cas de figure, dat géif jo vill manner kaschten. Well mir hu jo hei den Invest Shared Space, dat heescht jo och, et ass e Konzept dobäi, et ass e spezielle Mobilier, eng extra Signalisatioun, spezielle Buedembelag, Haltebuchte fir déi Autoen, déi nach däerfe parken an, an, an. Da wäre mer frou, wa mer dann dozou stéingen.

An et ass och ëmmer flott ze liese wann de Schäfferot an de Buergermeeschter vu Clierf duerch de Shared Space geet an dann déi ganz frou sinn, dass se hei eng Visite détaillée de „notre zone Shared Space" kënne maachen. An dass et en Echange enrichissant mat Clierf ass, déi eng Foussgängerzon hunn an déi awer lo wëllen e Shared Space opmaachen. Just saying. Voilà. Also wéi gesot, mir si frou, dass mer dat op jiddwer Fall hei nach dran hunn, an dat ass eppes, wou mer awer voll dohanner stinn. Awer och hei bei de Projets non-votés sinn heiansdo Evolutioune wou mer awer net sou richteg novollzéien. Zum Beispill de Projet Eecherdall mat engem Logement social, dee war mol eng Kéier ugeduecht am PPF 2022 mat 4,6 Milliounen. Lo si mer hei bei 7,6 Milliounen. Och hei wäre mer frou, déi Projeten eng Kéier am Detail virgestallt ze kréien.

Dir wësst, sozial Logementer schafen, dat ass eng Prioritéit, abordabel Logementer schafen, och wichteg. Wat opfält, dat ass dass deen deiere Projet Ecole de Danse vun 9,15 Milliounen net méi an der Oplëschtung dran ass. Ech hat et scho bei de Budgetsdiskussiounen am Dezember gesot, dass et am Fong och keng Schan ass, e Projet och emol op Äis ze leeën an och de Courage ze hunn ze soen: Do hu mer lo momentan kee Geld dofir. Dat heescht net, dass een net frou ass mat der Danzschoul, mee dass mer aner Prioritéite setzen, eeben, den Här Buergermeeschter huet et gesot: Educatioun, Infrastruktur, Stroossebau, Logement, eng nei Crèche. A vläicht an e puer Joer, wann déi finanziell Situatioun vun eisem Land, vun eiser Stad nees besser ass, dass een da kann e Projet wéi zum Beispill d'Danzschoul erëm an d'A faassen. Mir sinn eise Bierger et schëlleg, fir responsabel mat eise Suen ëmzegoen. Virun allem mat eise Prêten. Well déi bezuelen, ech hunn et virdru scho gesot, eis Kanner, eis Enkelen zréck. D'Schäfferotserklärung huet e ganz wichtege Saz beinhalt: „L'endettement sera limité aux projets d'envergure." An deen zweete Saz war: „L'envergure et l'impact des frais de fonctionnement sur le budget seront pris en considération dans la planification de tout nouveau projet."

An ech denken och wann een dat kuckt hei am PPF, wann een och kuckt déi Folgekäschten, déi mer mat deene Projeten, déi mer lancéiert hunn, ech denke lo just un d'Schwämm Strutzbierg, dat ass jo och net näischt. An et ass sécher net einfach, sech eng Limitt ze setzen. Mir mussen awer spueren, mir mussen de roude Bic usetzen a mir hunn eng Responsabilitéit vis-à-vis vun den nächste Generatiounen. A mir mussen eis vläicht elo alleguer heibanne bei der eegener Nues huelen: Wéi ass et sou wäit komm? Hu mer ze grouss gesinn? Wat hätte mer kënnen ewechloossen? Mee et ass lo dofir ze spéit. Et huet jo och gutt gefluppt. Ech ka mech nach éiweg erënneren, wéi mer déi éischte Kéier d'Dotatioune vum Staat kritt hunn, déi e Seuil hate vun 100 Milliounen, du ware mer sou frou, du hu mer geduecht gehat, d'Beem déi géifen an den Himmel era wuessen. Mee dat war awer net sou. Du koum Corona, du koum den Ukrain-Krich, d'Energiekris, d'Rezessioun. An elo musse mer ëmdenken. Lo musse mer d'Brems zéien.

Ëmdenken och bei der Personalpolitik. Ech hat et och schonn an der Budgetsdiskussioun gesot. Eis zweemol iwwerleeën, ob mer e Poste schafen. Ob mer e Fonctionnairesposte schafen oder en Employé communal-Posten draus maachen. Well all Poste bezuele mer och 40 Joer laang. Mir bezuelen deene Leit 40 Joer laang Pai. An ech menge mir hate jo schonn Diskussioune gehat, wat heescht dat, eng Pai bezuelen? Dat heescht och den Impakt vun den Indextranchen opfänken, d'patronal Cotisatiounen, d'Biennallen a sou weider, ech mengen Dir gesitt et an den Estimatioune vun de Personalfraisen, och déi gi vu PPF zu PPF pro Joer kontinuéierlech an d'Luucht. Mir musse gutt Mataarbechter hunn, dat ass ganz kloer. Mir mussen awer och vläicht eng Kéier kucken, eist Personal vläicht nach méi effizient anzesetzen, nach Synergien ze schafen. Mir haten eng Kéier en Audit gemaach virun e puer Joer an ech denken, dass een do nach eng Kéier kann d'Käpp zesummestrecken. Natierlech mat de Servicer, natierlech mat de Leit, och fir do nach op e Wee ze goen dass déi Fraisen net explodéieren.

Wat vermësse mer awer am PPF? Wat steet net dran? Invester op NeiSchmelz. Jo, dat ass nach net ugefaange ginn. Mee ech denken awer, mer missten awer do schonn iwwerleeën, et ass ugeduecht, och an de Budgetsdiskussiounen hate mer jo scho rieds gehat, dass eng Schoul soll op NeiSchmelz hikommen. Mir mussen och de Stroossebau do finanzéieren. Mir hu jo gesinn hei mat der Leitung, déi mer mussen an d'Rei setzen, wéi ofhängeg mer sinn, fir dass mer kënnen ufänke mat bauen. Mir wëllen eng Maison Relais dohinner maachen. Do steet elo nach guer keen Invest dran. Och dofir wäerte mer warscheinlech Sue musse léine goen. Dann, wat mer vermëssen, et steet kee Wuert hei zum Thema Santé. Dat steet hei och am Tableau de synthèse. Santé ass mat null Euro Ausgaben hei fixéiert ginn. Den Här Buergermeeschter huet gesot, jo, de CHEM déi sinn elo frou, déi hunn ee fonnt deen dat neit Südspidol baut. Mee leider steet an deem Communiqué de presse kee Wuert weeder iwwer Nidderkuer nach iwwer Diddeleng dran, wéi et do weidergeet. An der Regierungserklärung steet awer Gott sei Dank dran, dass eng Poliklinik zu Diddeleng erhale soll bleiwen. Mee och dat ass awer och e Rôle vun eis, fir do en Invest ze plangen. An et wär vläicht och flott wann eng Kéier ee vun de Representanten

am CHEM-Conseil eis vläicht och do eng Kéier géif informéieren, wéi mer do undenken, wéi mer do plangen, wat mer wëlles hunn.

Fazit: Et gëtt net einfach. Mir liewen op Puff. Mir mussen awer de Leit dobausse klore Wäin ausschenken. Mir musse vill Sue léine goen, déi eis Kanner an Enkele mussen zréckbezuelen. Ech soen explizitt „mir", och wann de PPF ënnert der Responsabilitéit vum Schäfferot steet ass awer de Gemengerot och an der Verantwortung. Mir sinn och gewëllt, méi detailléiert eis d'Projeten unzekucken an ech denken d'Aufgab vum Schäfferot ass et natierlech och, Projeten nach méi detailléiert, nach méi ficeléiert auszeschreiwen. D'Devisen nach méi, Dir sot elo, dat ass dat Wuert wat ech ëmmer soe wat Der net gär héiert, méi akribesch ze kontrolléieren. An och bei den Devis remaniéë Poste fir Posten ze kontrolléieren. Well wéi gesot, die fetten Jahre sind vorbei. An dann nach eng kleng Suggestioun: Bei subventionéierte Projeten, wou mer wëssen, dass d'Subventioun gedeckelt ass, do musse mer vläicht och der Realitéit an d'A kucken an och mol eng Kéier erkennen dass mer eeben net ze vill extra Saachen an de Projet abauen, déi mer eeben net finanzéiert kréien. Ech gesinn zum Beispill hei mat Schrecken Complexe scolaire Quartier Balzing, Total estimé 40 Milliounen! Dobäi steet elo hei am PPF „just" en Invest vun 23,7 Milliounen.

Jo, Lenkeschléi huet 23 Milliounen deemools kascht oder 25 Milliounen. Do krute mer och net alles erëm, dat war och eng gedeckelt Subventionéierung. Mee dat ass, dat muss ee jo och soen, eng absolut Luxus-Schoul. Mir waren och immens frou doriwwer. Et ass e megacoole Projet. An deemools konnte mir eis dat och mat eise Budgetsreserve finanzéieren. Du war dat och net sou dramatesch, dass mer do hu souvill misse bäileeën. Mee elo si mer an engem anere Cas de figure. Mir musse spueren, mir mussen intelligent a responsabel investéieren. Mir verlaangen Éierlechkeet an Transparenz eis vis-à-vis, awer och vis-à-vis vun den Diddelenger Bierger wat d'Deierecht vun eise Projeten ubelaangt, wat de Planning ubelaangt. An dofir, huelt eis mat an d'Boot, eis, de Gemengerot. A mir begréissen explizitt nach eng Kéier, dass mer dës Diskussioun hei däerfe féieren. An ech denken dat ass och sënnvoll, dat ass och wichteg. An dat kann een och zu eenzele Projeten nach méi ausbauen. Mir mussen zesumme kucken, dass mer eis Budgeten déi nächst Joren intelligent opsetzen. Eis, den Diddelenger hir Suen, responsabel ausginn am Respekt vun eisen nächste Generatiounen. Well si sinn et, wéi gesot, déi déi Prête mussen zréckbezuelen. An dat däerfe mer net vergiessen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Merci fir d'Presentatioun an d'Geleeënheet, driwwer ze diskutéieren. Ech war mer net bewosst, dass et just 10% respektiv 5% vun de Gemenge sinn, wou dat iwwerhaapt zouloossen, dass ee kann driwwer diskutéieren, dass een dat sou presentéiert kritt. Och e Merci dem Här Poull fir déi Tableauen an och déi Erklärungen an der Finanzkommissioun. Ech mengen d'Madame Kayser hat et am éischten Deel vun hirer Ried erwäänt, dat ass e relativ flotte Modus fir een Abléck ze kréien, virun allem wann een nei ass. Da steet een awer e bësse verluer virun esou Zuelen, an dat hëlleft engem awer, dat Ganzt e bëssen ze verstoen an opzeschaffen. Et si mengen ech net déi einfachst Zäiten, an deene mir aktuell dra sinn. Et hat een et scho genuch an de Budgetsrieden thematiséiert, dass déi déck Joren am Fong eriwwer sinn an dass d'Polykrisen, wéi se déi lescht Jore filéiert sinn a verschiddener sinn och leider komm fir e bësse méi laang ze bleiwen, Planungen an Ausgaben allgemeng net wierklech einfach maachen. Sou hoffe mir, dass déi allgemeng Zuele vum Statec, déi den Här Buergermeeschter lo just erwäänt hat, och mëttelfristeg eis zegutt kommen. D'Situatioun vun den Tauxe beim Prêt vu Sue sinn och net méi sou gënschteg wéi dat nach virun enger Zäit de Fall war.

Bei deenen Montante vun deene mir schwätze mécht dat schonn et groussen Ënnerscheed, ob ee mat ronn 0,3% wéi dat nach 2022 de Fall war, 3,3% 2023 an 2,4% Prognos fir 2024 Sue léine geet oder awer erëm op 1,5% oder 1,6% fir 2025-2026 wäert léine kënne goen. Déi Zuelen aus der Circulaire, déi hunn ech e bëssen niewentenee geluecht. Dat gëtt jo e bëssen Hoffnung och dass de Leetzëns elo deene Prognose wäert Rechnung droen. Do gesi mer jo da geschwënn, wéi et wäert weidergoen. Mir sinn an enger Situatioun, wou ee mierkt, dass net méi vill Nice to have dran ass, well mer duerch all déi Emprunte längerfristeg eisen ordinäre Budget belaaschten. Sou gesäit ee wéi am Laf vun de Joren och mat Betruecht op d'Prognosen tëschent 2022 an 2027 eise Boni am ordinäre Budget schmëlzt. Ware mer 2022 nach bei ronn 14,5 Milliounen, plus e Recours vun 200 Milliounen op d'Reserv, da sinn d'Chifferen hei fir déi nächst 3 Joren 0,5 Millioun, 52.000.- Euro, 238.000.- Euro, ronn viraus. Bei dëse Montante si keng gréisser Ausräisser méi méiglech ausser méi e gréissere Recours op den Emprunt kënnen ze maachen.

Mir kënne keng Sue méi aus dem roude Steen dohanne schloen a sinn, wéi an der Budgetsried scho gesot, ganz mam antizykleschen Investéieren averstanen. Mir betounen awer nach eemol, dass mer wierklech mat Virsiicht op sämtlechen Eebene musse kucken, wou d'Devisen eventuell riskéieren auszeschloen an dat am Detail, d'Servicer wéi och Gemengerot ze kucken, wou een eis als Gemeng eventuell probéiert eppes opzedrécken, wat mer net wierklech brauchen. Mir hunn elo zum Deel a wäerten och nach méi spéit am Ordre du jour, mir haten et elo scho gesinn, wou ech d'Ried geschriwwen hu wousst ech net, dass de Punkt 4.8 schonn duerch wier, wat eleng den Déifbau an d'Kanalisatioun u Käschte mat sech bréngt. Dat gesäit een net, wann ee virun d'Dir geet. Déi musse gemaach ginn. Déi Aarbechte ginn ëmmer méi deier duerch d'Energie- an d'Materialkäschten, wou hirersäits erëm gedriwwe sinn duerch déi ëmmer méi Konflikter, déi ronderëm d'Welt entstinn. Och dës schéngen ëmmer méi ze ginn am Moment a leider net manner. Dobäi kënnt d'Wuesstemsspiral an där mir dra sinn, wou mir natierlech Logementer brauche fir d'Leit, wat awer mat sech bréngt, dass mer méi Infrastrukture brauchen, dass mer méi Schoule brauchen, méi Crèchë brauchen, méi e Reseau brauchen, méi grouss Kanäl brauchen an, an, an.

Déi Infrastrukturen, déi bréngen dann erëm Personalkäschte mat sech, méi Entretienskäschten, Renovatiounen. Wa mer déi eng Schoul bis fäerdeg gebaut hu muss déi éischt schonn erëm nei renovéiert ginn. Dofir ass de PPF, wann d'Gemeng och ugehalen ass, uewe vun der europäescher Instanz ugehalen ass, en ze maachen, an och wann e seng Schwächten huet, wéi de Buergermeeschter virdru gesot huet, ass et awer e gudden Outil, deen et erméiglecht, awer mol eng grob Aschätzung ze ginn op déi nächst 3 Joer. Och wann et ëmmer just, wéi elo grad gesot ginn ass, eng Momentopnam an eng Estimatioun ass. Virun allem a sou onsécheren Zäiten ass dat dann awer net vu Muttwëll.

Zum Schluss nach: Diddeleng muss weider déi flott Stad bleiwen, déi et ass, fir dass mir hei déi héich Liewensqualitéit kënnen erhalen. A mir kënnen eise Geschäfter a Betriber och en Zeechen domat setzen andeems mer lo zu deem schwéieren Zäitpunkt, wou si och schwéier Momenter erliewen einfach weisen, dass Diddeleng eng Stad ass, an déi et sech lount, ze investéieren, an déi et sech lount, vläicht den Extra-Mile ze maache well Diddeleng u sech selwer soll gleewen an u seng Zukunft. An dofir fanne mir déi dote Projektioun an déi Projete relativ flott, och wa mer eis elo nach net am Detail mat den Zuele sou ausernee gesat hu wéi d'Madame Kayser, wäerte mer bestëmmt nach Diskussiounen an deenen nächste Jore kréien. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci fir d'Wuert. E grousse Merci och un de Pascal Poull a seng Ekipp fir d'Opstelle vum Plan pluriannuel a mir begréissen dann och wéi d'CSV an déi Gréng dass et hei Traditioun ass, dass mer ëmmer kënnen diskutéieren iwwert de PPF an en net just virgestallt kréien. Als Preparatioun fir dës Interventioun, well ech net wierklech wousst, wéi sou eng Diskussioun ofleeft, hunn ech mer d'Diskussioun vum leschte Joer ugelauschtert an ech si bal vum Stull gefall, wou ech d'Diskussioun héieren hunn, well de Gros vun der Diskussioun do ass et nämlech drëm gaangen, wéi intransparent dat Ganzt gewiescht wier, well eeben de PPF an d'Lëscht vun de Projete réischt an der Finanzkommissioun virlouchen an net am Virfeld un d'Membere vun der Finanzkommissioun ofgi goufen. Well de Rapport vun der Finanzkommissioun réischt Donneschdes Owes ëm 18h38 un de Gemengerot an un d'Finanzkommissioun verschéckt gouf. Souguer d'Fraktiounsspriecherin vun der LSAP huet dee Moment gesot, dat wär effektiv aussergewéinlech knapp.

Ech sinn awer elo e bëssen iwwerrascht, dass d'CSV-Spriecherin haut sou konziliant war, well e groussen Ënnerscheed hunn ech awer elo net gemierkt. Effektiv gouf dës Kéier am Virfeld vun der Finanzkommissioun de PPF verschéckt. Dofir soe mer och e grousse Merci, well dat d'Saache schonn e bësse vereinfacht huet. Dat war awer just op Demande vun der Madame Kayser wëll ech awer soen, well dat stoung jo sou och am Mail vum Pascal Poull. A virun allem dat Dokument mat de grousse Projeten, dat d'Madame Kayser eigentlech gefrot huet, dat gouf nees net verschéckt. Dat gouf nees just an der Finanzkommissioun virgeluecht an d'Membere vum Gemengerot kruten et eigentlech réischt mam Rapport. De Rapport iwwregens, deen dës Kéier ganzer 85 Minutten éischter verschéckt gouf. Do soe mer dann awer Merci. Vläicht kënne mer eis dann eenegen, dass dat net aussergewéinlech knapp war, mee awer nach knapp. Ëmmerhin ass et dëst Joer awer duergaange fir de Rapport nach eng Kéier ze liese virun der SportlerInnenéierung. Den Här Buergermeeschter huet mech gëschter gefrot, ob ech eng Kéier wéilt de Gemengerot arbitréieren. Ech maachen dat net. Ech wëll jo net eng Kéier déi giel Kaart wéinst Intransparenz missen zéien. Dowéinst loosse mer dat dann haut sinn. Éier ech elo op de Fong vum Plan pluriannuel aginn, wollt ech awer nach eng kleng Remark maachen zur Caisse de Prévoyance vun de Fonctionnairen. Mir gesinn dass do d'Contributiounen an d'Luucht gi well mer wierklech e strukturelle Problem do hunn, well d'Zuel vun de Fonctionnairen net klëmmt.

Dat heescht, mir hunn eigentlech ëmmer manner Fonctionnairë, déi abezuelen, fir ëmmer méi Leit déi an d'Pensioun ginn. An dowéinst kënne mir als Lénk absolut net averstane si mat deem, wat d'CSV lo proposéiert huet, nämlech aus finanzielle Grënn manner Fonctionnairen anzestellen an dofir méi Employéen. Dat ass iwwregens e Virgoe wat mer souwisou scho reegelméisseg hei kritiséiert hunn. Well wann ee mengt hei lo kuerzfristeg Suen ze spueren andeems ee keng Fonctionnairë méi astellt, da gesäit een dass dat herno awer méi deier gëtt, well d'Pensioune vun de Leit mussen awer bezuelt ginn. Dowéinst ass dat an eisen A wierklech déi falsch Richtung. Et gouf lo scho gesot, wou ech mer dat Ganzt duerchgelies hunn, de PPF, do hunn ech d'Madame Kayser schonn héiere mat „Die fetten Jahre sind vorbei." Dat kënnt jo ëmmer erëm an et ass jo effektiv och esou. Mir sinn an enger anerer Situatioun wéi virun e puer Joer. Et gëtt alles méi deier. Och fir d'Gemeng sinn dat net einfach Zäiten. An et ass net Zäit, fir Suen aus der Fënster ze geheien, an do muss ee soen, dat huet d'Gemeng an deene leschte Joren och net gemaach. Gläichzäiteg gi wichteg Invester gemaach. Virun allem gëtt vill investéiert an eis Schoulen, an eis Crèchen, wat wierklech wichteg ass a wat mir nëmme kënne begréissen. Et gëtt och a sozialen an abordabele Logement investéiert. Sou lues a lues ëmmer méi. Och dat begréisse mir. An natierlech ass et och eng Prioritéit, an eis Infrastrukturen, an eis Stroossen a Gemengegebaier ze investéieren. Do hate mer an de leschte Joren deelweis e puer Problemer mat Käschtenexplosiounen, mee trotzdeem sinn dat awer wichteg Projeten a mir si ganz domadder averstanen, dass dat awer Prioritéite sinn.

Jo, mir musse méi op en Emprunt zréckgräifen. Dat mécht kee gären. Ech mengen, do si mir eis alleguer hei eens. An trotzdeem menge mir dass déi Annuitéiten, déi mer de Moment hunn, mir leien do wann ech mech net iere bei ëm déi 5% de Moment. Mir sinn do der Meenung, dass dat fir dës haiteg Zäiten net dramatesch ass a mir si ganz domat d'accord dass eebe grad elo muss investéiert ginn. Dat hunn och déi Gréng scho gesot, eng antizyklesch Politik. An dofir fanne mir dat nach ganz akzeptabel. Dowéinst gesäit ee vläicht, eng Oppositioun, dat ass net ëmmer eng Meenung. Mir gesinn dat net sou dramatesch. Mir gesinn eeben de Besoin fir en Invest an d'Zukunft ze maachen. A grad do feelt eis awer e bëssen eppes. Ech hunn elo déi grouss

Prioritéiten opgezielt. Mee wa mer lo déi Lëscht kucke mat de grousse Projeten, ech hu scho verstanen, dat si lo just ganz konkret Projeten, déi schonn an engem gewëssene Stadium sinn, mee eis feelen awer e bëssen d'Iwwerleeungen, wéi mer och an Zukunft wëllen de groussen Erausfuerderunge begéinen, déi awer op eis Stad duerkommen.

Dat eent ass de soziale Wunnengsbau. Jo, mir hunn hei ganz konkret Projeten drastoen. Hu mer am PPF och Zuele virgesinn, de Budget virgesi fir weider Projeten, wou elo nach keng konkret Projete sinn, mee fir weider Logementer opzekafen? Well ech mengen dat ass awer e wichtegen Invest dee mer brauchen, virun allem wa mer gesinn dass net virgesinn ass, dass den Impôt foncier soll weider klammen, obwuel mer wëssen, dass mer nach ëmmer Baulücke matten hei an Diddeleng hunn, dat gesi mer jo och nach spéider um Ordre du Jour. An dann e Punkt, deen awer wierklech och feelt, dat ass de Klimaschutz an d'ekologesch Transitioun. Ech mengen den Ausbau vun erneierbaren Energien, dat ass mat eng vun de gréissten Erausfuerderungen, déi eis an den nächste Jore wäert begéinen. An och do ass lo näischt Konkretes hei an ech froe mech einfach, ob do lo Iwwerleeunge getätegt ginn an ob do am PPF an deenen nächste Joren déi néideg Mëttele virgesi si fir do ze handelen. Éier elo de Virworf gemaach gëtt, mir wéilten irresponsabel mat de Suen ëmgoen: Mir sinn der Meenung dass Diddeleng ganz gutt do steet am Verglach mat anere Gemengen, groussen a klenge Gemengen. Mee de Fait dass Diddeleng sou gutt do steet, dat ass well Diddeleng och ëmmer d'Zukunft matgeduecht huet an eeben net lo muss hannendru lafen, wéi dat lo vläicht an anere Gemengen de Fall ass.

An dowéinst, wa mir vun engem Invest an d'Zukunft schwätzen, dann heescht dat jo och, wa mir Logementer schafen, a Logementer investéieren, do kréie mer jo och Suen zréck, net just déi Subsiden. Ech schwätze lo net vun de 75%. Mee och duerch de Loyer komme jo och rëm Sue ran. A wa mer vun der energetescher Transitioun schwätzen, do muss ee sech virun allem d'Fro stellen, wéi vill méi deier et gëtt, wa mer déi Invester net zur Zäit tätegen. Mir wëssen dass mer net d'Suen hunn, déi op de Beem wuessen. Dofir hu mir d'Obligatioun fir anstänneg ze plangen an alles dofir ze maachen, dass dat wat mer virgesinn an dat wat mer plangen, dass déi Käschten och agehale ginn an all Käschtenexplosioun verhënneren. Dowéinst maachen ech et elo wéi den Cicero, an ech widderhuelen, wat ech elo all Kéiers froen, dass mer eeben déi grouss Projeten, déi nach net votéiert sinn, éier se votéiert ginn, au moment utile, an enger Finanzkommissioun kënne beschwätzen. Dat gouf scho versprach. An da kënne mer eeben, wéi och d'Madame Kayser gesot huet, zesumme kucken dass mer vläicht vun Ufank un déi Projete sou plangen, dass se herno och sou kënnen agehale ginn. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Villes ass lo hei scho gesot ginn an eise Buergermeeschter ass scho ganz an den Detail agaangen vun de Schemaen an der Oplëschtung déi mer kruten an der Finanzkommissioun an och haut hei am Gemengerot. Ech wëll nach just e puer Iwwerleeunge bäifüge vun eiser Säit. Ech fänken domat un, dass och eis Fraktioun dem Pascal Poull a senge Leit e ganz décke Merci seet fir eis ëmmer sou déi Zuelen ze presentéieren. D'Recettes ordinaires, mir hunn et zougeschéckt kritt, ech widderhuele just nach ganz kuerz, dat ass de Fonds de dotation globale, do hu mer 12,56 Milliounen, déi mer weider kréien. Den Impôt commercial bleift quasi stabel. Dat ass jo och scho gesot ginn heibannen. Déi aner Saache sinn eigentlech net sou relevant fir eise Budget. Dat heescht, d'Recetten, déi mir rakréien, jo mir si frou iwwert déi 12 Milliounen, mee et ass awer och näischt, wou een elo ka vill ëmrappen domat.

D'Dépenses ordinaires par konter, déi aner Säit, dat ass besonnesch wat sech hei am Budget nidderschléit, dat ass déi Masse salariale, deen Automatisme vun de Biennallen, déi 3%. An och den Index natierlech, deen och 2025-2027 hei chiffréiert ass. An do ass och schonn an der Finanzkommissioun ugedeit ginn, eleng nëmmen den Taux deen d'Staat Diddeleng an d'Caisse de Prévoyance vun de Fonctionnairen an Employéen, dee geet vun 20,3% op 28% erop. Dat ass eng Charge supplémentaire vun der Masse salariale vu 7,7% an eleng fir 2024 mécht dat schonn 1 Milllioun aus. Also dat ass schonn eppes, wat enorm ass. Mee dat ass eeben esou. Dat kënnt op alleguer d'Gemengen zou an do kann een och net soen, d'Gemeng ass gutt oder schlecht gefouert, dat ass eeben eng Contrainte, déi op eis zoukënnt. Dann op där anerer Säit, d'Recettes extraordinaires, do ass d'Affär vun de Subsiden ëmmer erëm ugeklongen. De Buergermeeschter huet et och gesot, mir wëssen datt d'Realitéit eng aner ass wéi déi, déi um Pabeier steet. An do sti mir och net eleng hei am Land. An net manner wéi gëschter huet de Syvicol eng Stellungnam geholl an do ass och ugedeit ginn datt eebe verschidde Gemengen hei am Land Schwieregkeeten hunn, hir Projeten ze finanzéieren.

An op där anerer Säit gëtt dann och do vun de Gemengesubventioune geschwat a wéi dat gehandhaabt gëtt. Et ass éischtens mol e Problem, datt ee sech net kann drop verloosse wat ee kritt. Op där aner Säit gi se och nach ze spéit ausbezuelt. Dat heescht, do ass een herno schlecht drun, do feelt et herno ënner Ëmstänn u Liquiditéiten bei grousse Projeten. An do muss een net eleng als Diddelenger Gemeng, mee och als Gemengen am grousse ganzen eng Kéier a ganz konkret Diskussioune ragoen, well hei ass e strukturelle Problem wéi d'Gemenge mam Staat schaffen an zesummeschaffen. An ech mengen do solle mer eis och zesummendoen an dat uschwätzen. Mir mussen eis op eppes verloosse kënnen als Gemengen. A mir mussen awer och déi Suen, déi mer zegutt hunn an engem valabelen Delai ausbezuelt kréien, well soss besteet do tatsächlech e Problem an dee musse mer dann erëm opfänken duerch Tëschekreditter an hei an do, an dat fält dann och erëm op d'Gemengen zréck.
Also do mengen ech ass hei och de Staat an d'Regierung gefuerdert fir d'Gemenge sou opzestellen oder déi Zesummenaarbecht ze iwwerdenken.

Ech kommen awer dann och nach eng Kéier op d'Dépenses extraordinaires zréck. Et ass schonn e puer Mol ugedeit ginn hei, an ech si frou datt mer do

awer och fraktiounsiwwergräifend e grousse Konsens hunn, datt déi Projeten déi mer hei verwierkleche keng Luxusprojete sinn.

Also mir investéieren an eis Kanner, an d'Zukunft. Mir investéieren a Projeten, déi generatiounsiwwergräifend sinn, an eis Infrastrukturen. Ech menge wa mir e Quartier developpéieren, da musse mer eng Schoul plangen. Plange mir eng Schoul, da plange mir domadder Schoulmeeschteren oder Léierinnen. Dat heescht, dat huet all Kéiers erëm Konsequenzen op déi Joren déi kommen. Mee dat muss einfach gemaach ginn. Diddeleng wiisst, an da kéinte mer jo och soen: Da musse mer do spueren, an da baue mer eebe keng Schoul. Oder mer bauen net. Dat geet net. An dofir si mer do an engem Plan de figure wou mer ganz responsabel schaffen, responsabel och déi Projeten uginn, plangen. Dat selwecht gëllt fir d'Atelieren, dat selwecht gëllt fir Sportsinfrastrukture wann eng Stad wiisst. A mir sinn nu mol eemol e regionalen Zenter. Mir hunn och do Responsabilitéiten, ech kucken eis regional Museksschoul etc. dat heescht, de Centre culturel. Mir hunn einfach och eng aner Aufgab ze erfëllen hei an onser Regioun wéi lo iergend eng kleng Gemeng lo niewent eis.

Dann, wéi gesot, hu mer och insgesamt lo scho 17 Millioune geplangt fir soziale Wunnengsbau, déi lo scho votéiert sinn. Mir hunn nach eng Kéier 18 Millioune virgesinn am Plan pluriannuel. Dat heescht och do, soubal wéi sech e Quartier entwéckelt komme mir dann och drop zréck an huelen déi 10% déi eis zoustinn u soziale Wunnengen. Dat heescht, mir reagéieren och do direkt, wa sech déi Situatioun da sou bitt. Ech mengen ech hunn elo alles gesot hei zu eisem responsabelen Ëmgang mat eise Finanzen. An dofir ass et mer och net baang, datt mer och an Zukunft déi Projeten hei realiséieren. Et ass elo grad ugekënnegt ginn, mir leien nach guer net sou schlecht mat eise Finanzen. An näischt verhënnert jo och wann, sollt da mol eng Kéier alles erëm bloen Himmel ginn an der Weltwirtschaftssituatioun, an alleguer d'Krisen halen op an eisem Staat geet et erëm besser an eis geet et erëm besser. Vläicht souguer naiv. Ech hunn et elo liicht ironesch gesot. Mee näischt géif jo da verhënneren, datt een och géif Schold ofbauen. Dat kann ee jo maachen. Mee ech mengen awer, mir sollten awer lo hei an enger antizyklescher Politik weiderfueren an dofir, et wäert Iech net verwonneren, mee mir stëmmen dat do mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Kohn. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da soen ech deene verschiddene Parteien, déi Stellungnam geholl hunn zum PPF an déi sech hei geäussert hu Merci fir hir Ausféierungen. Do gesäit een dass d'Majoritéit, respektiv déi eng oder déi aner Oppositiounspartei, dass do ganz staarkt déi selwecht Vuë sinn. Et mierkt een awer och dass an der Oppositioun selwer, als tëschent der Oppositioun, verschidde contraire Vuë sinn, respektiv och Nuancen. Ech wäert herno nach drop agoen. Hei gëtt ëmmer vun Transparenz respektiv Intransparenz geschwat, da wann et geneem ass. Wa mer säit 13 Joer deen Exercice hei maachen da si mer ganz kloer an der Transparenz. Mir wären an der Intransparenz wa mer à la lettre, à la lettre d'Gesetz géife respektéieren, sou wéi 90% bis 95% vun de Gemengen et maachen. An ech mengen ech brauch Iech och net ze soen, wat 90% bis 95%, ech hu mat ganz ville Kontakt, vum PPF halen. Déi gi sech net déi Méi, deen Exercice ze maachen, dee mir hei am Gemengerot maachen. Dofir si mir hei ganz kloer an der Transparenz. Et kann een iwwert d'Modalitéiten diskutéieren, wéi d'Kommunikatioun vu verschiddene Pièce sinn. Mee wann hei gesot gëtt mir wären an der Intransparenz säitens vun der Oppositioun, wou mol eng Kéier giel Kaart gezu gëtt, da kann ech dat absolut net deelen. Ech mengen, wéi een et mécht, mécht een et net richteg. Mee vläicht wär dann dat Richtegt, sech un d'Gesetz ze halen. Well dat schéngt jo e Choix ze sinn, deen dës Majoritéit säit 13 Joer net geholl huet. Also si mer ganz kloer an der Transparenz, an den Debat dee mer hei féiere weist et jo ganz kloer, dass mer an der Transparenz sinn, éischtens.

Zweetens, de PPF gëtt mengen ech iwwert seng Estimatiounen eng Vue, wéi d'Stad Diddeleng sech weiderentwéckelt oder weiderentwéckele kann, a si gëtt déi Vue op 3 Joer. Si gëtt net d'Vue op 10 Joer. Wéi hei monéiert gëtt, verschidde Kreditter, déi een net erëmfënnt. An och net op 15 Joer an och net op 20 Joer. De Kader sinn 3 Joer, an d'Iddi war jo och initial, dass d'Gemenge sech och Gedanke maache wéi een da subsequent déi 3 Jore par rapport zum aktuelle Joer plange kann. An och an den Ausféierungen, déi een hei am PPF fënnt an och ronderëm déi Zuelen. Och wann de Polster dee mer haten erofgeet. Mee de Polster geet bei all de Gemengen erof, ausser vläicht bei där gréisster, déi aner Reserve-Capacitéiten huet. Mee wann een e bësse mat deenen anere Gemengen diskutéiert, da geet d'Polster insgesamt erof bei deenen, déi es nach e bëssen haten. Och dat kann eng Diskussioun sinn. An an deem Kontext an an deem Ëmfeld an deem mir eis befannen huet dës Majoritéit mat deene Projeten, déi se ëmgesat huet a wou se deelweis och, an deelweis och net, vun der Oppositioun mat ënnerstëtzt gouf, e ganz responsabelen Ëmgang gemeet mat den ëffentleche Gelder. An ech deelen net déi Aschätzung, dass hei déi zukünfteg Generatiounen hypothekéiert ginn. Keng antizyklesch Politik hei maachen, keng Projete weider realiséieren, da géife mer déi nächst Generatiounen hypothekéieren op verschiddene Punkten, an ech wäert herno drop agoen.

Ech stelle mer awer och d'Fro, wann ech liesen dass déi nei Regierung och wëlles huet ze spueren, wann ech op där anerer Säit och héieren dass en Appell gemeet gëtt un d'Gemengen, vun der viregter Regierung a vun der aktueller Regierung, och an deem Kontext nach eng antizyklesch Politik ze maachen, dass awer och dann um Niveau vun de Subsiden net gespuert gëtt. Well da géifen d'Gemengen an eng nach méi schwiereg Situatioun komme wéi mer lo sinn, an dat gesi mir da spéitstens am Mount Mäerz wann dann de Budget fir d'Joer 2024 deposéiert gëtt, respektiv dann och de PPF 2025-2026-2027. Dat e bësse méi zu de generellen Ausféierungen. Ech mengen de PPF, deen Der hei virfannt, do sinn awer och anerersäits keng grouss Inconnuen, well e beinhalt am Fong Projeten, déi hei scho votéiert goufen, awer och Projeten, déi

engersäits um LSAP-Walprogramm waren an och an der Schäfferotserklärung. Et ass an der Suite logique vun deenen Ausféierungen. An dass hei den Detail grad eeben net dran ass, ma dat huet domat ze dinn, dass et e PPF ass an net eeben e Budget a senger Integralitéit. Dat ass och deementspriechend sou, och wann een effektiv déi Froen hei stellt fir méi an den Detail ze goen. Wéi gesot, wa mer déi hei Diskussioun net géife féieren, géifen déi doten Diskussiounen och net opkommen.

Gutt. Ech géif vläicht mat der Madame Kayser ufänken, well si déi éischt Riednerin war. Jo, an eiser Schäfferotserklärung steet, dass mer den Emprunt just géifen op Projets d'envergure limitéieren ouni déi nächst Generatiounen ze hypothekéieren. Dat hunn ech uganks gesot. A wann een en Abléck huet an déi Projeten, déi hei virleien, dat sinn alleguerte Projets d'envergure, déi maassgeeblech d'Stad Diddeleng déi nächst Jore präge wäerten, well mir maachen dat jo och am Respekt fir déi nächst Generatiounen ze stäerken.
Ech wëll d'Fro stellen, wa mer se net wëllen hypothekéieren, mir hunn emol Quartiersschoulen, déi bei Alter sinn. Solle mer net an eis al Schoulgebaier investéieren? Solle mer net an eis Sportsinfrastrukturen, déi scho bei Alter sinn investéieren? Solle mer net fir déi nächst Generatioune Wunnengsbau plangen? Abordabele Wunnengsbau? Wann Der gäre wëllt net déi nächst Generatioun hypothekéiere léif CSV, do sot eis wou mer der Routstëft bei deene Projeten déi hei si konkret sollen usetzen, fir déi nächst Generatiounen net ze hypothekéieren. Do hunn ech nämlech keng kloer Ausso héieren. Mir hu jo transparenterweis Iech d'Projete gewisen, ob dat lo an der Finanzkommissioun war oder elo am Rapport vun der Finanzkommissioun. Do ass ganz kloer skizzéiert, a wéi eng Richtung dass et geet. Do si keng Pronkbauten, dat si Projeten, déi d'Stad Diddeleng brauch, fir sech kënne weiderzëentwéckelen. Wann Dir gären do iergendwou wollt de Routstëft usetzen, da sot eis bei wéi engem Projet genau a wéi een Impakt dat och huet op déi nächst Generatiounen. Dat sidd Der fräi ze maachen. Dat hutt Der bis elo awer nach net an dem Sënn gemeet.

Par rapport zu de Projets non-votés. Ech mengen do kann ee generell och soen, an Dir hat dat gesot par rapport zum abordabele Wunnraum, zu de Logements sociaux. D'Ausféierungen zu der Fontainesstrooss an an der Lëtzebuergerstrooss. Déi fënnt een an de Projets votés erëm well mer och scho Kreditter dëst Joer am Budget drastoen hunn. An Dir kënnt Iech erënneren, den Här Poull hat Iech an der Finanzkommissioun gesot, am Fong sinn dat jo Projets non-votés, well de Projet en tant que tel, mir hu jo d'Haiser kaaft, dat ass dat Eent. Mee de Projet nach net ëmgesat. Dofir ass et e Projet non-voté, mee e gëtt awer enregistréiert als Projet voté well mer jo schonn eng Acquisitioun gemeet hunn. Et ass eng technesch Saach. Dofir hat ech ganz generell am Ufank déi Approche gesot, dass den Outil net méi richteg adaptéiert ass. An dofir ass et éischter als Projet non-voté ze gesi wéi Projet voté. Et ass heiansdo e bësse cocasse, wéi den Outil vum PPF deementspriechend ass. A wann de Projet souwäit ass wäerte mer jo souwisou och an de Gemengerot komme fir e virzestellen, respektiv an enger Finanzkommissioun, wéi d'Madame Thoma et gesot huet. Mee do kommen ech herno och nach eng Kéier drop zréck. Dat selwecht gëllt fir de Projet Phas 4 vum Shared Space. Ech wëll Iech awer och hei ganz kloer soen: Et ass richteg, dass de Clierfer Schäfferot mat senge Beamten erofkomm ass a si hunn am Fong déi Modalitéit, fir mëttes eng Foussgängerzon ze hunn an déi Flexibilitéit, déi mer aféieren an dee Kompromëss, dee mer fonnt hu ganz positiv betruecht. Dofir sinn ech net ganz mat Iech averstane mat där Approche, déi Dir hei deementspriechend hat.

Hei ass d'Ufuerderung, dass de PPF soll méi am Detail sinn. Mee Dir fuerdert eppes wat et net ass. De PPF ass keen Dokument, dat am Detail ass. Et sinn, an et soll een et och sou gesinn, Estimatiounen, sou wéi d'Gesetz et och virgesäit, vun engersäits Projeten déi votéiert goufen, respektiv Projeten, déi net votéiert goufen. An effektiv, wann Depassementer si bei Projeten, da komme mer, an dat hu mer jo och systematesch gemeet, da komme mer och an de Gemengerot mam Architektebüro, mat den néidegen Experten, fir eeben dann déi néideg Depassementer och kënnen ze erklären. Wat deen anere Projet ugeet vun der Danzschoul am Quartier NeiSchmelz, do lafen einfach mol d'Etüde weider. Mee mir hu jo d'Uschafung vu Containere gemaach, déi komme jo och op den Terrain vun NeiSchmelz hannert dem Lokomotivatelier wou lo d'Kantin ass. A mir hunn dee Projet lo einfach e bëssen zréckgestallt, well mer jo och Subside kréie fir déi Containeren. A fir déi Subside kënnen ze behale muss ee se och sou eng Rei Joren notzen. Dofir huet et eis wichteg geschéngt. Net well mer net un de Projet gleewen, net well de Projet onwichteg ass, mee déi Konditioun, déi de Ministère ginn huet fir Usproch kënnen ze huele vun deene Subside muss och eng gewëssen Zuel vu Joren eng Notzung stattfannen. Engersäits jo fir de Brill respektiv da Balzeng, dat ass dat Eent an dann duerno eebe fir d'Danzschoul. An et ass an deem Kader, wou mer och de Projet zréckgestallt hunn.

Par rapport zu der Personalpolitik, dat ass dat, wat mer hei ageschriwwen hunn vun den Estimatiounen. Dass déi Weiderentwécklung, wann ee kuckt, objektiv gesinn, och vergläicht mat Gemengen, déi eis Gréisst hunn, e bësse méi kleng sinn, e bësse méi grouss sinn, da muss ee soen, dass mer an eiser Astellungspolitik déi lescht Jore ganz kloer gedaamt an och op d'Brems gedréckt hunn. Net souvill agestallt hunn, och Synergië fonnt hunn. Wann eng Evolutioun stattfënnt, da fënnt et am Kader vun de Biennalen oder vun den Indextranchen, déi een hei och am PPF fënnt, statt. Mee wou ech awer net ganz mat Iech averstane si Madame Kayser, ech sinn nach ëmmer der Meenung, dass mer eng staark a wichteg Fonction publique brauchen, an an deem Kader ass den éischte Punkt, dass ee Gemengebeamten astellt, dass et e Fonctionnaire communal ass. An dass réischt duerno gekuckt gëtt fir den Employé communal, dat ass beim Staat net aneschters wéi bei de Gemengen, den Employé communal gëtt jo ofgestallt wann ee reng, also ganz spezifesch aus engem Secteur ee brauch, do gëtt et jo déi Ouverture. Mee de Prinzip ass et, e Fonctionnaire communal anzestellen, wéi et och e Fonctionnaire de l'Etat ass beim Staat an Employé de l'Etat réischt an enger zweeter Phas. Mir

brauchen eng gutt funktionéierend Fonction publique. D'Madame Kayser seet dann och: Wat steet net dran? Mir si ganz kloer haut drop agaange wat drasteet a wat och d'Ausriichtung ass. An ech hu virdrun net fir näischt gesot, de PPF dat si wat déi nächst 3 Joer geschitt an net déi nächst 5, 10 a 15 Joer. Mir wäerte sécherlech op NeiSchmelz eng Schoul plangen, mir wäerte sécherlech eng Maison Relais plangen. Mee déi wäert sécherlech lo net 2027 do stoe wann de Fonds du Logement réischt dëst Joer mat de Sanéierungsaarbechte wäert ufänken um Site NeiSchmelz, déi och gutt 2 bis 3 Joer wäerten daueren. Dofir sinn ech e bësse perplex wann der sot dass d'Montanten oder bei de Projets non-votés d'Schoul net drasteet, respektiv d'Maison Relais net drasteet, wann ee weess, dass déi nächst Joren de Site mol fir d'éischt muss sanéiert ginn integral, éier dann drop gebaut gëtt, respektiv eng Schoul dohinner kënnt. An eng Schoul kënnt jo och réischt dohinner wann d'Leit do wunnen. Mir baue jo net eng Schoul op NeiSchmelz wann nach keen do wunnt a wann déi Infrastrukturaarbechten net gemeet sinn.

Dann däerf een awer och net Äppel mat Biere vergläichen. De Communiqué vum CHEM geet iwwert d'Südspidol an de Bau vum Südspidol an d'Attributioun vum Marché public. Net méi an net manner. Hei dann unzeféieren: Kee Wuert hei am PPF iwwert Diddeleng, respektiv iwwert Nidderkuer, dat ass e bësse mat den Hoer erbäigezu wann een och dee Kader kuckt vun deenen 3 Joer, wann een och de Kader kuckt, wou d'Südspidol brauch fir gebaut ze ginn a wann een och weess, wien d'Exploitatioun vum Spidol hei zu Diddeleng mécht. Dat ass och de CHEM. Dofir däerf ee lo hei net Äppel mat Biere vergläichen. Mee sou wéi an dëser Regierungserklärung steet dass eppes fir Poliklinicke gemeet gëtt, wann ech mech gutt kann erënneren hätt och déi viregt Regierung eppes drageschriwwen. Dat hutt Dir just vläicht vergiess ze ernimmen. Ech wollt dat hei nach eng Kéier betounen.

Da par rapport zu dem Bau vun de Schoulen. Ech mengen dat ass ganz kloer, an do hu mer jo och keen Hehl draus gemaach, dass mer nei Schoule wäerte plangen. Balzeng, do hu mer déi Estimatiounen deementspriechend dragesat. Subventionéierung, iwwert déi kann een ëmmer schwätzen. Et ass kloer, dass d'Gemengen ni genuch Subventionéierung kréien oder hunn. A mir wäerten do um Ball bleiwen och bei der aktueller Regierung, dass mer dann och sou vill wéi méiglech kréien. Ech wëll just eng generell Remark maachen. Ech hat virdru jo och d'Butschebuergerstrooss ernimmt, dat ass jo och e konsequente Montant, an ech hat dat och an der Finanzkommissioun ganz kloer gesot: Stroossebau an an d'Stroosseninfrastrukturen investéieren ass ganz wichteg. Dat hu mer och déi lescht Joren hei zu Diddeleng an dat wäerte mer och déi nächst Jore konsequent maachen. Dat sinn natierlech Projeten, déi eis insgesamt deier kaschten. Et si Projeten, déi fir d'Urainer immens vill Onannehmlechkeete mat sech brénge wa se stattfannen. Et sinn awer Projeten déi extrem néideg si fir am Déifbau, fir alles wat Waasser, Ofwaasser, Kanalisatioun ugeet, fir dass een dat mécht. Et sinn déi Projeten, déi vill zu Buch schloen, mee déi wéineg, bal guer net subventionéiert gi vum Staat. A jiddwereen ass frou wann en an engem Quartier, an enger Strooss ka liewe mat gudde Stroossebauinfrastrukturen an enger gudder Kanalisatioun an net an engem Quartier, wou een a Stroosse wunnt, déi an engem schlechten Zoustand sinn an och dat mengen ech soll een awer och hei nach kënnen ernimmen.

Dann, par rapport zu den Ausféierunge vum Här Steffen. Ech deelen do Är sachlech Approche déi Dir ginn hutt fir déi nächst 3 Joren. Diddeleng ass eng Stad, déi sech weiderentwéckele muss, an dofir ass et och grad sou wichteg, iwwert déi Projeten, déi mer hei ernimmt hu weider eng antizyklesch Politik ze maachen, Invester héich ze halen. Mee et ass richteg, wann een Invester héich hält, da bréngt dat natierlech och eng Verschëldung mat sech, déi natierlech e bësse manner tragbar gëtt wéi dat nach viru Jore war. Mee natierlech muss een en A drop halen, wann ee weider wëll un der Dynamik an un der Attraktivitéit vun der Stad Diddeleng schaffen.

Par rapport zu den Ausféierungen déi d'Madame Thoma ginn huet. Par rapport zu der Intransparenz hunn ech am Ufank mengen ech ganz kloer gesot, wat ech dovunner halen, dass mer hei ganz kloer d'Kaart vun der Transparenz spille fir dann op dat anzegoen, wat Dir hei gewisen hutt. Jo, de Volet vun der Caisse de prévoyance, d'Madame Kohn ass och drop agaangen, an d'Ausféierungen och déi de Syvicol ginn huet. Dat musse mer och am A behalen, déi Käschten, déi och op d'Gemengen insgesamt duerkommen. An ech mengen dass et elo och net onwichteg ass, dass e Gemengevertrieder an deem Comité vun der Caisse de prévoyance vertrueden ass. Well dat war jo bis elo net de Fall, well wär dat de Fall gewiescht, hätt een éischter kënnen agéieren, hätt de Gemengesecteur éischter kënnen den Alarm zéien an op déi Punkten opmierksam maachen an et hätten och éischter déi néideg Moossname geholl kënne ginn. An ech sinn absolut och bei Iech, wann Der sot, dass mer als Gemeng keng Suen aus der Fënster gehäit hunn. Well all déi Projeten, déi mer bis elo ëmgesat hunn, an dat ënnerscheet Är Stellungnam par rapport zu der CSV, do hu mer mengen ech responsabel gehandelt an och Invester gemeet an déi zukünfteg Generatiounen. Natierlech, wat de sozialen oder den abordabele Wunnengsbau ugeet, do hu mer eng ganz Rei hei opgelëscht, a wann an deenen nächste Jore sech Opportunitéite bidden, wat mer lo nach net wëssen, dofir hu mer jo ëmmer Kreditter virgesinn an eisem Budget fir de Kaf vun Terrainen oder vun Immobilien, da wäerte mir dat deementspriechend och maachen, sou wéi natierlech och de Klimaschutz an dësem Budget an an deenen nächste Budgete ronderëm erneierbar Energien och feste Bestanddeel wäert sinn, sou wéi mer dat och schonn an der Schäfferotserklärung ernimmt hunn.

An ofschléissend deelen ech déi Aschätzung vun der Madame Kohn. Mir haten dat schonn e puer Mol hei gesot. Diddeleng ass eng Gemeng, déi och regional Aufgaben huet, déi och deelweis nieft de regionalen och national Aufgaben iwwerhëlt. An dass insgesamt d'Subsidëpolitik vis-à-vis vun enger CDA-Gemeng wéi der Stad Diddeleng deem net ëmmer an deem Mooss och entspriechend Rechnung dréit. Ech mengen ech

wär op déi verschidde Punkten agaangen. Wéi gesot, dat heiten ass eng Presentatioun vum PPF, dat ënnerläit der Responsabilitéit vum Schäfferot. Mir brauchen dat heite jo dann net ze stëmmen. Mee wéi gesot, mir deelen hei verschidden Aschätzungen, verschidden Aschätzungen net. Ech wëll awer och nach eng Kéier hei betounen, et kann ee sécherlech kucken, an enger Finanzkommissioun Projeten ze presentéieren. Ech hunn awer méi wéi eng Kéier gesot, da muss ee kucken, wéini dass een dat mécht. Well mir mech ass nach ëmmer dat Wichtegst, dass fir d'alleréischt d'Membere vum Gemengerot d'Projete virgestallt kréie wann Depassementer sinn. Ech weess, dass net jiddwereen deen hei am Gemengerot ass, an der Finanzkommissioun ass. A Primautéit hunn nach ëmmer déi Leit, déi demokratesch gewielt goufen.

Dat ass lo net eng negativ Vue vis-à-vis vun de consultative Kommissiounen, au contraire, et kann ee sécherlech e Projet mat abannen, mee et muss een dann e Modus fannen, wou vläicht net d'Finanzkommissioun schonn am Virfeld d'Informatiounen huet, déi de Gemengerot méi spéit kritt. Dofir hu mer jo och de Wee gemeet fir de PPF, deen Ament wou en erausgaangen ass un de Gemengerot, och parallel der Finanzkommissioun ze schécken. Dass mer dee Parallelismus wahren. An dee schéngt mer einfach wichteg ze sinn och an dëser Diskussioun, wann och iwwer weider Projeten diskutéiert gëtt. Dëst gesot wäre mer zum Schluss vum PPF ukomm an ech géif proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn.

**4.2. Approbatioun vun den Durchlaufgebühre vum Gas an d'Modifikatioune vum Kapitel XIV: Gas - vum allgemengen Taxereglement**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir bleiwe bei de Gemengefinanzen an do geet et dann hei iwwert d'Durchlaufgebühre vum Gas. Ech mengen dir wësst dass mir als Stad Diddeleng Proprietär vum Gasreseau sinn. Respektiv dann de Volet commercial, haaptsächlech Enovos a Südgas. Déi Durchlaufgebühren, déi musse mer all Joer hei stëmmen. Déi Durchlaufgebühr déi fixéiert net d'Gemeng, mee de Regulateur, den ILR. An am Fong musse mer dat heiten dann och deementspriechend dem Exploitant weider facturéieren. An dat gëtt dann eng Recette un d'Stad Diddeleng. Déi fënnt een och an eisem Budget schonn erëm, wou deem Rechnung gedroe gëtt, well den ILR dat hei ëmmer ronderëm den November etabléiert an eis dann och zoukomme léisst, respektiv den 1. Oktober kréie mer dat matgedeelt an da spillt sech eeben an de Budget an. Dat heescht, déi Chiffere fënnt een dann och am Budget 2024. Dofir hu mer da fir dat Taxereglement hei ronderëm de Gas 3 Kategorië vu Compteuren, de G4 bis G16, dat ass Kategorie 1, dat sinn eis Haushalter. Kategorie 2, G25, G40, dat sinn d'Schoulen an déi grouss Residenzen. An d'Kategorie 3 G65, G100, G400, dat ass sou Staatslabo respektiv eis Industrien, déi een dodran erëmfënnt.

Mir hunn do eng Redevance mensuelle fixe fir d'Kategorie 1 vu 7,92.- Euro de Mount. Fir d'Kategorie 2 37,79.-. Fir d'Kategorie 3, fir de G65 127,38.- Euro, de G100 156,24.- Euro, de G400 409,7.- Euro. D'Composante volume fir d'Kategorie 1 ass 0,2. Fir d'Kategorie 2 ass et 0,1 a fir d'Kategorie 3 0,08. D'Composante capacité. Fir d'Kategorie 1 gëtt et do keng. Fir d'Kategorie 2 7,8, fir d'Kategorie 3 10,5. Dat sinn déi Zuelen, déi een hei am Taxereglement erëmfënnt a mir baséieren eis do op d'Dokument vum ILR, deen dat heite festgehalen huet. Dat zu den Ausféierungen zu der Durchlaufgebühr. Sinn do Remarken, Froen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Mir hätten hei am Fong en Incentive. Net wéi spéit wéi gëschter war och en Artikel ze liesen, dee seet, datt wann et sou weidergeet hu mer eng Erhéijung vum Gas, deen elo scho geklommen ass, vu 17%. Dat seet de Statec. An an deem Sënn kënne mir direkt näischt dofir, well et gi verschidde Facteuren, firwat de Präis vum Gas klëmmt. Mee wou mir en Impakt hätten, dat ass einfach d'Leit ze sensibiliséieren an och allgemeng, fir datt de Gaskonsum erofgesat gëtt. A wann deemnächst d'Leit eng Rechnung kréie wou de Gas erëm eropgaange wier, ass, wäert sinn, kann een e Begleitbréif mat dobäileeë fir d'Leit drop opmierksam ze maachen, datt si de Konsum kënnen erofsetzen andeem si vläicht am Albau erneierbar Energien integréieren, sief et Photovoltaik, Solarthermie oder d'Haus och sanéieren, wat dozou bäidréit, datt natierlech och de Wunnconfort verbessert gëtt. Am Neibau ass et och sou, datt ee mëttlerweil muss op erneierbar setzen. Mee dat wier awer vläicht eng Iddi, fir d'Leit drop opmierksam ze maachen an natierlech och ze soen, datt wa si eppes maachen, si och Subventioune kréien, ënnert anerem vun eiser Gemeng an och natierlech vun der Klimaagence op nationalem Niveau. Merci. Am Gréngen Haus natierlech. Do kéinte si och Informatioune kréie falls si méi Informatioune wéilten zu der Sanéierung, a wat een iwwerhaapt ka verbesseren.

PASCAL STEICHEN (SERVICE DE GESTION ET MAINTIEN DU PATRIMOINE): Ech géif versichen, dorobber ze äntweren. Dee ganze Gasreseau, dat ass eng komplizéiert Geschicht. Et muss ee wëssen, dass mir am Fong Proprietär vum Reseau sinn an dass et de Fournisseur ass, an dat si mir net méi, dat ware mir, mee dat si mir net méi, déi d'Präisser festleeë vum Gas an déi och Kontakt mam Client hunn. Dat heescht, mir hu keng Datebank méi vun de Clienten. Mir hunn am Fong nach just d'Südenergie, wéi se bis haut heescht, an d'CREOS, wat bei eis Cliente sinn, déi zwee. A mir schécken och déi zwou Facturen eraus u si. De Reseau, dat kann ee mat engem Appartement vergläichen. Mir verlounen d'Appartement. Deen, deen dran ass, dat ass Südenergie a CREOS, a vun deene kréie mir Suen. A Südenergie a CREOS, si hunn d'Datebanke vun deenen eenzele Clienten. Do hu mir guer keen Afloss an och keen Abléck dran.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi dote Prezisioun, déi net onwichteg ass. Dat heescht, och si kënnen déi néideg Virkéierungen huele fir d'Clienten, dat dann Diddelenger Bierger sinn, ze sensibiliséieren. Mee ech kann Iech awer berouegen, d'Diddelenger Bierger fanne scho säit Joren de Wee bei eise Service écologique. Ech hat an enge viregte Gemengerot jo och gesot, dass d'Unzuel vun de Baugeneemegungen, déi ech ginn

hunn, ech hat et hei am Gemengerot gesot, ech hat et och an der Bautekommissioun gesot, dass d'Unzuel vun de Baugeneemegungen déi ech ausstelle fir Photovoltaikanlagen extreem an d'Luucht gaange sinn. Zuele sinn dat wat se sinn. Ech mengen dass d'Biergerinnen an d'Bierger gutt informéiert sinn, well se de Wee bei de Service écologique fanne fir déi Berodung ze kréien. Wou se och berode ginn iwwer staatlech Subsiden an iwwert Gemengesubsiden, wann et an déi dote Richtung geet.

D'Erhéijung vun deene Subsiden an d'Sollicitatioun vum Service écologique schwätzt fir sech. Dass se vläicht e Push ginn duerch d'Kris, duerch den Ukrain-Krich, dass dat acceleréiert gouf. Mee ech mengen de Service écologique ass e feste Bestanddeel vun der Stad Diddeleng, an d'Leit wëssen, wou se e fannen. An et gëtt ganz vill a reegelméisseg sollicitéiert. Sou dass ech mir an deem dote Volet sécherlech keng Suerg maachen. Op där aner Säit muss een da soen, wann een och e Bléck werft op déi Stéit wou dann e bëssen Energieaarmut ass, dass och do eisen Office social an déi Leit, déi do aktiv sinn den néidege Soin hu fir och do Rotschléi mat op de Wee ze ginn, sou dass deen doten Deel och ëmmer gutt ofgedeckt ass vun Ufank un. Soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat dësem Règlement-taxe averstanen, also Durchlaufgebühr? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An ech soen och dem Nic Krumlovsky an dem Pascal Steichen Merci fir hir Presenz.

### 4.3. Geschäftslokal op 98, Avenue Grande-Duchesse Charlotte

*4.3.1. Approbatioun vum Contrat de bail mat de Consorts Lutgen*

*4.3.2 Approbatioun vun engem Contrat de bail de Sous-location mat dem Här Gabriel Gibril Mjahed*

### 4.4. Geschäftslokal op 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte – Approbatioun vum Contrat de bail

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer eriwwer op zwee Contrats de Bailen. Ech géif proposéieren, dass ech déi zwee zesummenhuelen, da kënne mer och eng allgemeng Diskussioun huelen. Deen ee Contrat de bail commercial, dee geet op 98, Avenue Grande-Duchesse Charlotte, et ass e Local commercial vun 102,5 m², et ass e Contrat de bail commercial, wou d'Gemeng Locataire gëtt bei de Consorts Lutgen, hei vertrueden duerch den Här Romain Lutgen an den Här Guy Lutgen. Et ass et Contrat de bail fir 2 Joer an 11 Méint an ab dem 1. Februar 2024 uleeft. Mir bezuelen do e Loyer vu 1500.- Euro ouni Chargen a mir kënnen hei eng Sous-locatioun maachen. Dat heite schreift sech also dann an an déi Kontinuitéit an och an déi volontaristesch Approche vun der Stad Diddeleng, Geschäftslokaler unzelounen, an deementspriechend och weider ze verlounen. A ronderëm déi Efforten, déi mer maache fir dann och d'Commercen, respektiv d'Geschäftswelt weider ze ënnerstëtzen, respektiv ze diversifizéieren, fir se ze stäerken.

A wat jo hei dann och flott ass, dat ass dass eise City Manager hei och den Interlocuteur an de Facilitateur ass tëschent engersäits dem Proprietär respektiv dem Geschäftsmann, dee sech do usidele wäert. An dat fënnt eebe statt am Kader vun der Sous-locatioun, déi mer hei och maache mam Här Gabriel Mjahed, deen hei zu Diddeleng gutt 6 Méint e Pop-up Store hat, de Chocolatier. Ech mengen dat ass jiddwerengem hei zu Diddeleng e Begréff. Also e Pop-up Store, 6 Méint, deen absolut gutt geet. An den Här Mjahed, dee ganz kloer gesot huet, dass en zu Diddeleng wëll bleiwen, dass e sech hei wuelfillt, dass ganz vill Diddelenger bei e ginn an och ganz flott Atelieren organiséiert huet nieft sengem exzellente Schockela huet hien och Atelieren organiséiert ronderëm de Schockela. Et sinn nei Dynamiken déi entstinn an och kloer fir déi Diversifikatioun vun der Diddelenger Geschäftswelt weider kënnen ze dreiwen an do och eng weider Nisch opmaachen.

Mee awer mengen ech virun allem och deen Esprit bäibehalen, dass mer grad eeben, mir hu virdrun iwwert de PPF geschwat, dass zu Lëtzebuerg d'Gemengen a schwieregen Zäite sinn insgesamt. Ma wann a schwieregen Zäite Jonker de Courage hunn, sech wëllen ze etabléieren, sech wëllen ze lancéieren, ma dann ass et och un der Gemeng ze probéieren, se do ze ënnerstëtzen. An dat maache mer dann och andeems mer him als Sous-locataire e progressive Loyer ubidden, sou wéi mir dat schonn op aner Plaze gemeet hunn. Fir déi selwecht Durée wou mer dann och Locataire si bei de Consorts Lutgen. Mir bezuelen hei 1500.- Euro Loyer. Wat ech vergiess hunn ze soen, d'Consorts Lutgen waren och bereet, mam Loyer erofzegoen, wat jo och positiv ass, wat jo och am progressive Loyer, dee mer an der Sous-locatioun maache jo och automatesch dann en Impakt huet.

An deen Echange, deen ee mat de Proprietäre kann hunn, effektiv och de City Manager mat hinnen hat, dréit jo dann an deem Sënn seng Friichten, dass dann och iwwert de Loyer gekuckt gëtt. Sou dass mir dann an eiser Approche par rapport zum Här Mjahed dat 1. Joer vum 1. Februar 2024 bis den 31. Dezember 2024 700.- Euro Loyer froen. Dat 2. Joer, vum 1. Januar 2025 bis den 31. Dezember 2025 1100.- Euro, an dann natierlech vum 1. Januar 2026 bis den 31. Dezember 2026 de volle Loyer, also 1500.- Euro. An de Schockelasbuttek deen ass jo op, säit dem 1. Februar leeft dat.

Da kommen ech op den zweete Bail commercial, dat ass am Fong dat Geschäftslokal, dat éischt Geschäftslokal dat mer iwwerhaapt hei am Stadkär ugelount hunn.
Dat ass dann op 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Et ass do, wou de Chocolatier elo säi Pop-up Store hat. An do si mir jo Locataire säit dem 1. Januar 2019 a maachen hei elo eng Sous-locatioun un d'Societéit MeLord s.à.r.l. hei vertrueden duerch den Här Romain Mousty. An och hei maache mer e progressive Loyer. Mir bezuele jo hei Loyer vun 3.250.- Euro de Mount. Och hei maache mer e progressive Loyer vum 1. Mäerz 2024, well den 1. Mäerz geet de Commerce op, bis den 31. Dezember 2024 vu 1500.- Euro. Vum 1. Januar 2025 bis den 31. Dezember 2025 vu 2500.- Euro a

vum 1. Januar 2026 bis den 31. Dezember 2026 vun 3250.- Euro, also och do erëm de volle Loyer. Wat hei ervirzesträichen ass, ass datt mer eng weider Lück hei zu Diddeleng schléissen an dat sollt eis eng zousätzlech Attraktivitéit ginn an der Geschäftswelt.

Ech muss soen, alleguerten déi Efforten déi gemeet goufen, fir dass mer haut dëse Contrat de bail hei am Gemengerot kënne stëmmen an och deementspriechend ofschléissen, fir dass et den 1. Mäer ka lassgoen ass iwwert ee Joer Diskussioune gefouert gi fir dass MeLord s.à.r.l. sech kann hei zu Diddeleng usidelen. A mir kréien dann endlech hei zu Diddeleng en Härekleederbuttek an och Häreschong an awer och Dammeschong. Hei kann ee mengen ech wierklech eng Nisch schléissen, déi bis elo net sou staark besidelt war wann ee kuckt par rapport zur Dammekonfektioun a wann ee sech an d'Diversitéit aschreift vun de Commercen, an der véiertgréisster Stad huet dat bis elo gefeelt. De Segment fir déi Jonk war méi ofgedeckt wéi dee fir déi vläicht och manner Jonker, oder déi déi aus dem Jonktem erausgewues waren. Ech denken dass dat hei ganz positiv ass. An am Fong ass et och hei e Geschäftsmann, dee schonn e Standbeen huet, am Osten sech en zweet Standbee wëll ginn an effektiv do un Diddeleng gleeft, an ech mengen och dat ass ganz positiv. Sou dass Diddeleng hei mat zwee Commercen definitiv méi räich gëtt.

An ech hoffen dass déi heiten zwee Commercen, mat der Ënnerstëtzung, déi se vun der Gemeng kréien, dass mer dann no 3 Joer an der Situatioun sinn dass d'Gemeng se kann zréckzéien an dass si direkte Locataire beim Proprietär kënne ginn. Mee ech mengen dass déi heiten ënnerstëtzend Approche vun der Gemeng net onwichteg ass, fir dass déi heiten zwee Projeten hei zu Diddeleng kënnen ukommen, andeems se och positiv ze bewäerte sinn. Dat sinn eis Ausféierungen, déi ech wollt ginn. D'Diskussioun ass op.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert. Nodeems ech exzellent zerwéiert gi si vun enger ganz feiner Vendeuse am Schockelasbuttek wou ech meng Chrëschtkaddoe kafe gaange sinn, wënschen ech deenen och bonne Chance an hirem neie Lokal. Déi hunn exzellent Produiten, si si ganz frëndlech am Buttek an do kritt een och vun all Präis eppes. A si huet sech extra vill Méi gemaach, fir eppes ze fannen, wat dann och an de Budget gepasst huet. Wann ee mol sou Wichtelkaddoe muss maache bei de Scouten zum Beispill, do kritt der wierklech vun A bis wat der wëllt.
Da soe mer och dem Proprietär Merci dass der do e gudden Echange hat, fir do awer kënnen entgéint ze kommen. Ech mengen dat soll een och net vergiessen.
An dann deen neie Buttek, deen dann an d'Duerf kënnt, do freeë mer eis, fir dann do kënnen akafen ze goen an ech freeë mech dann och op hire Feedback zum Shared Space an der Foussgängerzon um Enn vum Joer. Ech wënschen hinnen op alle Fall bonne Chance a mir wäerten net mësse fir och deen een oder anere Produit dohinner kafen ze goen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Also déi Foussgängerzon, déi schéngt e wierklech ze beschäftegen. De Chocolatier deen ass vun engem Shared Space an d'Foussgängerzon geplënnert. Da kënnt Der hie jo direkt froen.

Mir schléissen eis deem un, wat den Här Martini elo gesot huet. Et ass natierlech eng Plus-value dass mer déi do 2 Geschäfter hunn an och de City Manager, dass hien dat sou konnt afädelen, dat ass natierlech super. Méi ass et net.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo Merci. Also mir ënnerstëtzen dat och. Et ass sécherlech eng Plus-value fir d'Geschäftsstrooss, dat ass ëmmer gutt. Virun allem beim éischte Punkt, mam Chocolatier, do gesäit ee jo dann och dass de Pop-up Store an deem Sënn en Erfolleg war wann dat lo wierklech weidergeet. Mir ënnerstëtzen dat och allgemeng, dass d'Gemeng do duerch e progressive Loyer d'Geschäftsleit am Ufank ënnerstëtzt. Mir hunn eis just eng allgemeng Fro gestallt. Sou ee verbëllegte Loyer, dee kann ee jo bal als Subsid ugesinn. Mir deelen dat u sech. Vu dass awer déi Societéit MeLord scho säit 6 Joer e Geschäft huet, hu mer eis gefrot: Gëtt et iergendwéi Reegelen, wéi eng Geschäftsleit een ënnerstëtzt mat sou engem verbëllegte Loyer? Ech menge mir haten deemools schonn d'Fro gestallt, wou d'Madame Wickler, déi awer eng Grande-surface huet, ob déi muss e verbëllegte Loyer kréien. Mir wäerten dat mat stëmmen. Mir hunn eis just gefrot: Gëtt et do eng Reegel, déi de Gemengerot usetzt oder de Schäfferot virgesäit, wéi eng Leit ee mat sou engem verbëllegte progressive Loyer ënnerstëtzt a vu wiem ee kann erwaarden dass en de volle Loyer bezilt. Mee ech menge schonn eraushéieren ze hunn dass d'Iddi war, e Männerkleedergeschäft hei ze hunn an dass dat anscheinend net sou einfach war, fir déi unzezéien. Mee ech mengen trotzdeem, dass ee sech do muss e bësse Gedanke maachen an Zukunft.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wëll och awer nach begréissen, dass mer déi zwee Butteker hei op Diddeleng kréien. Och déi Chocolaterie mengen ech beweist jo, dass déi sech wuel hei zu Diddeleng fillen, soss géinge se do net weiderfueren. An ech sinn och frou dass se verlängert hunn, well zu menger Schan muss ech soen, dass ech bis elo nach net do war an ech elo d'Chance kréien awer, och dohinner Schockela kafen ze goen. Dat anert Geschäft, do muss ech och soen, do hate mer an der Läscht, ech wëll net soe Problemer, mee Härekleeder, dat war e bëssen e Manktem hei. An dofir begréisse mer och, dass mer erëm en Härebuttek hei op Diddeleng kréien. An ech wollt op där Plaz hei awer och eisem City Manager mol eng Kéier Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi e leescht an och dozou bäidréit, dass Diddeleng awer eng attraktiv Stad ass. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Eng ganz kleng Umierkung. Ech gesinn déi Begeeschterung hei vun all de Parteie vun der Chocolaterie an huelen dann un dass fir de Summer, fir de Sweet Festival jiddwereе frou ass. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Dimmer. Gutt, ech wëll insgesamt Merci soe fir déi grouss Zoustëmmung wat déi zwee Commercen ugeet, déi sech nei hei zu Diddeleng an dann och definitiv kënnen etabléieren. Ech mengen de Moment muss een insgesamt soen, an et huet ee jo och e bëssen déi Diskussiounen, déi ee féiert mat

Geschäftsleit, den Horeca-Horesca-Beräich ass ëmmer méi einfach ze etabléiere wéi alles wat Textilberäich ass. An et huet eng generell Tendenz, dat hunn och europäesch Studie gewisen, dass ganz oft op deene Plaze wou den Textil war, dat duerch Gastronomie, den Horesca-Beräich ersat gëtt. Well d'Horesca insgesamt méi Fluxe generéiert an aner Margen huet an den Textilberäich insgesamt schwiereg Zäiten huet. Dofir si mer och ganz frou dass mer, nieft dem Textilberäich, dee mer jo och hei an Diddeleng hunn, an do hu mer jo och agesiesse Commercen, déi scho säit Joerzéngten hei sinn an déi och awer zum Motto vun der Stad Diddeleng bäidroen an deene verschiddene Segmenter, méi am sportleche Segment oder méi am klassesche Segment. Wéi gesot, Konfektioun ass net evident an dofir si mer och frou, dass mer en Härekleederbuttek mat Schong an och Dammeschong, dass mer dat Segment hei kënnen usidelen als véiertgréisst Stad.

Par rapport zu der Ausféierung vun der Madame Thoma: Also et mierkt een insgesamt an den Diskussiounen, wa mer d'Sous-locatioun maachen, dass et fir vill, ob se lo sech nei etabléieren, wéi dat beim Chocolatier ass, oder wa se schonn e Standbeen hunn a sech en zweet Standbee wëlle ginn, dass ëmmer eng gewëssen Hesitatioun do ass par rapport zu den Ausgaben, déi 1:1 reperkutéiert ginn. Dofir huele mer einfach e progressive Loyer, well een et jo och net weess. Mir wëssen et jo och net. Mir stëmmen zwar lo hei de Contrat de bail, mee mir wëssen awer net, wéi dee Commerce sech entwéckelt. Mir hu vläicht eng Viranung, an dofir maache mer dee progressive Loyer generell fir einfach e bësse méi Loft ze ginn an dann ze kucken, wéi et sech deementspriechend weiderentwéckelt. Wann ee mierkt, dass do Hesitatioune sinn, dass een ëmmer weess, wéi de Commerce sech hei an Diddeleng entwéckelt. Mir hate jo Erfarungen, déi éischter positiver Natur sinn, mir haten awer och Erfarunge gemeet, wou mer dat heiten ëmgesat hunn, déi och lo kierzlech hei zu Diddeleng zougemeet hunn, domadder wäerte mer och an ee vun deenen nächste Gemengeréit kommen, wou méi am Kannersegment ass. Also Garantien huet een deementspriechend leider net mat all Aktivitéit, déi de Commerce mat sech bréngt. Dat sinn dann och déi Realitéiten, déi een huet.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Ech géif awer déi 3 eenzel ofstëmmen.

Wien ass éischtens mol domat averstanen, dass mer Locataire gi mam Contrat de bail mat de Consorts Lutgen? ***Dat ass unanime.***

Wien ass domat averstanen da mam Contrat de bail de Sous-location fir den Här Mjahed? ***Dat ass och unanime.***

A wien ass averstane mam Contrat de Sous-location mat MeLord s.à.r.l.? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech Iech och do villmools Merci.

**4.5. Terrainsparzelle um Flouernumm „Beim Oberst Ribeschpont"**

*4.5.1. Resiliatioun vum Pachtvertrag mam Här Romain Breckler*

*4.5.2. Approbatioun vum Pachtvertrag, dee mat dem Här an der Madame Peter-Hoffmann ofgeschloss ginn ass*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt weider. Dat ass e Contrat de fermage, e Pachtvertrag aus den 90er Joren, wou am Fong den Här Breckler eis matdeelt, dass en dee Pachtvertrag kënnegt, respektiv dann och proposéiert, dass fir agricole Aktivitéiten den Här Peter an d'Madame Hoffmann, dat ass am Fong am PAG als Terres laborables agestuuft, also d'Aménagement différé, et ass och e PAP Nouveau quartier drop am Quartier Ribeschpont, wéi gesot, dass si e Contrat de fermage kréien ab dem 15. Januar 2024. An ech mengen Dir hutt och de Contrat de fermage hei virleien. Et ass e Pachtvertrag fir ee Joer mam Här Peter an der Madame Hoffmann vum 15. Januar 2024 bis de 14. Januar 2025 an dann eng tacite Reconductioun vun engem Joer op Joer an dat, wéi gesot, fir 150.- Euro pro Joer. An dat ass am Fong da fir Terres labourables wou se dat dann als Bauerebetrib weider bedreiwen.

Ass de Gemengerot engersäits mat der Resiliatioun respektiv mam neie Pachtvertrag averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**4.6. Tosch vun Terrainen op dem Flouernumm „In Ponk"**

*4.6.1. Reklassement vun der Terrainsparzell vum Domaine communal public an den Domaine communal privé*

*4.6.2 Approbatioun vun engem Acte notarié d'échange mat dem Här Albert Reiland*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da bleiwe mer an deem dote Quartier. Reklassement vun enger Parzell. Dat ass en Acte d'échange dee mer hei maachen tëschent der Stad Diddeleng an dem Här Reiland. Engersäits eng Emprise privée vun 1,65 Ar an eng Parzell vun der Stad Diddeleng vu 6,85 Ar, wou jo de Präis vum Ar bei 700.- Euro ass, maache mer also en Echange mat engem Terrain. A wa mer dat rechnen, dann entsteet do natierlech och nach eng Soulte vun 3640.- Euro an natierlech geet dat dann an den Domaine communal. Mee hei musse mer et als éischt vun dem Domaine communal public an den Domaine communal privé huelen an da kënne mer réischt den Acte notarié d'échange vollzéien. Dat hei sinn Diskussiounen „in Ponk", dat ass 1 Ar a 85 Zentiar evaluéiert fir 1955.- Euro. An déi aner Parzell ass 4795.- Euro, sou dass mer hei deen Acte d'échange maache mam Här Reiland an eng kleng Soulte fir eis eraussprénqt.

Ass de Gemengerot mat deem Acte d'échange averstanen? Ech muss dat hei preziséieren, well mir haten eng Kéier eng Observatioun vum Ministère de l'Interieur kritt, als éischt, sidd Der averstanen dass mer e Reklassement maache vum Domaine public an

den Domaine communal privé? Dat ass den éischten. ***Dat ass Unanimitéit.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

Ass de Gemengerot mam Acte notarié d'échange averstanen mam Här Reiland? ***Dat ass och unanime.*** Villmools Merci. Da kënne mer déi zwou Decisioune sou aktéieren.

**4.7. Emprisen – Approbatioun vun Acte notarié de venten**

*4.7.1. Solidus Real Estate S.A., Avenue G.-D. Charlotte*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech op eng Rei Emprisen agoen. Dat eent ass an der 16, Avenue G.-D. Charlotte, dat ass Solidus Real Estate S.A. Dat hei schreift sech jo an an d'Acquisitioun vun den Emprisen fir als Utilité publique fir d'Integratioun an d'Voirie publique, also an d'Voirie communale. Ech huele se alleguerten zesummen. Dat sinn 0,18 Ar, 700.- Euro den Ar, dat sinn 126.- Euro. Dat ass déi eng an der Avenue G.-D. Charlotte. An da kommen der eng ganz Rei an der Rue Jean Friedrich.

*4.7.2. Bestuete Leit Andy Uri an Estelle Venuse N'Guessan, 8, rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: D'Rue Jean Friedrich hu mer jo fréschgemeet, dat ass jo eng komplett nei Strooss, déi mer do gemeet hunn, déi d'lescht Joer fäerdeg ginn ass, Enn 2022/ Ufank 2023. An do hate mer eis jo och engagéiert, vu dass mer jo an Diddeleng eng ganz Rei Stroossen hunn, déi nach a privater Hand sinn, eeben d'Proprietären ze kontaktéieren an déi Emprisen och ze kafen. An hei kommen dann elo eng Rei Emprisen an der Friedrichstrooss. Dat ass engersäits mam Här Uri a mat der Madame N'Guessan. Dat sinn 0,21 Ar, dat ass 700.- Euro den Ar, dat sinn 147.- Euro. Wéi gesot, mir hunn der haut nach e puer an d'wäerten der nach e puer an den nächste Gemengeréit nokomme fir d'Situatioun ze regulariséieren.

*4.7.3. Madame Cindy Dias Marques, 14, Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass mat der Madame Dias Marques, 14, Rue Jean Friedrich. 0,20 Ar. Dat ass de Präis vun 140.- Euro.

*4.7.4. Madame Liette Marin, 16, Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass d'Madame Marin, 16, Rue Jean Friedrich. Dat sinn 0,19 Ar, do ass de Präis 133.- Euro.

*4.7.5. Madame Maria de Lurdes Da Silva Santos, 19, Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass d'Madame Da Silva Santos, 19, Rue Friedrich. Dat sinn 0,01 Ar, dat si 50.- Euro.

*4.7.6. Bestuete Koppel Arkin Licina a Lajla Kapetanovic*, 20, Rue Jean Friedrich

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass 20, Rue Jean Friedrich, dat ass den Här Licina an d'Madame Kapetanovic, dat sinn 0,37 Ar, dat sinn 259.- Euro.

*4.7.7. Bestuete Koppel Mike Steve Nicolas Bernard a Sandra Stockreiser, 29, Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass d'Madame Stockreiser an den Här Bernard, 29, Rue Jean Friedrich, dat sinn 0,08 Ar, dat ass 56.- Euro.

*4.7.8. Bestuete Koppel José Manuel Pinto Taveira a Maria da Conceição Loureiro Pinto, 31, Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass den Här Pinto Taveira an d'Madame Loreiro Pinto. Dat sinn 0,14 Ar, dat sinn 98.- Euro.

*4.7.9. Bestuete Koppel Jean-Marie Him a Sandra Bohler, 39, Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass d'Madame Bohler an den Här Him, 39, Rue Jean Friedrich. Dat sinn 0,13 Ar, dat sinn 91.- Euro.

*4.7.10. Här Filipe Manuel Pinto Taveira, 41, Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: 41, Rue Jean Friedrich, dat ass den Här Pinto Taveira. Dat sinn 0,2 Ar, 140.- Euro.

*4.7.11. Madame Karima Paulette Boujrhal, 47, Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass d'Madame Boujrhal, 47, Rue Jean Friedrich. Dat sinn 0,6 Ar an dat si 420.- Euro.

Dat sinn déi Emprisen, ëm déi et hei geet. Ass de Gemengerot mat der Acquisitioun vun deenen Emprisen averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**4.9. Extraordinair Subsiden**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da kommen ech zum nächste Punkt. Dat sinn d'Subsiden. Do si 65.- Euro fir d'Associatioun Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung. 125.- Euro Associatioun Natur an Ëmwelt. 200.- Euro d'Association Thérapie équestre fir Projeten an Interventions assistées par les animaux. 1000.- Euro fir d'LU-Ukrain asbl fir Medikamenter. 500.- Euro Médecins du monde. An 1000.- Euro d'Associatioun ELA. Dat sinn déi Subsiden, déi mer hei am Gemengerot proposéieren.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo Merci. Dat si ganz ënnerschiddlech Montanten, virun allem wollt ech just

erauspicken déi 500.- Euro fir Médecins du monde an ech profitéiere fir ganz kuerz ze bedaueren, dass mer nach ëmmer keng legal Basis hu fir eng Couverture universelle, well da kéinte mer d'Leit méi preventiv soignéieren an missten net nodréiglech dokteren. Ech mengen dat géif fir d'Allgemengheet méi bëlleg gi wéi dat hei. Mee natierlech begréisse mer déi Subside fir Médecins du monde. Mir hunn eis souguer gefrot, firwat déi lo 500.- an anerer 1000.-.
Mee méi eng allgemeng Fro: Hu mer eng Reegel? Well hei si lo 7 verschidde Montanten. Wéi ginn déi festgeluecht?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt Fro. Et gëtt keng Science exacte. Mir alignéieren eis ëmmer e bëssen op déi Montante vun deene Jore virdrun an och en fonctioun e bësse vun der Demande vun der Associatioun par rapport zu der Envergure vun der Demande déi se maache par rapport zum Projet, wou mer probéieren eis ze adaptéieren. A mir alignéieren eis e bëssen. Et ass dat de Krittär, dee mir eis och ginn. Voilà. Et ass keng Science exacte.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, déi dote Fro, déi d'Madame Thoma opgeworf huet hate mir eis och gestallt. Mir hunn eis e bësse gefrot, sou mat 65.- Euro als Asbl, dat ass awer e Betrag, wou ee kéint einfach op déi nächst 50 opronnen. Virun allem sou 125.- do hätte mer geduecht 150.- vläicht. Well mer och net wossten, wéi dat ukënnt, wann dann als Gemeng sou e méi e klenge Betrag do rauskënnt. Dat war e bëssen dat, wat mir geschwat hunn an eebe wéi dat géing gekuckt ginn.
Mee fir de Rescht begréisse mir natierlech all Don dee gemaach gëtt, well déi do si sécher net vu Muttwëll.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Wéi gesot, mir alignéieren eis un de Jore virdrun. Et kann een natierlech eng prinzipiell Diskussioun féieren, da gëtt et e minimale Montant vun Don, deen ee ka maachen, wou ee bei 100.- Euro usidelt. Ech hu kee Problem domat. Dat kann een zréckbehalen, dass dat de Minimum ass, dee mer als Gemeng ginn. Wann Der domat averstane sidd, da gi mer an déi dote Richtung an dann déi aner Projete kuckt een eeben en fonction vun der Envergure vun der Demande vum Projet. Jo, an d'Couverture universelle. Nieft dem Pilotprojet, deen agefouert gëtt soll jo eng legal Basis kommen. Effektiv da brauche mer sou Demanden net méi an Usproch ze huele respektiv sou Subsiden.

Ass de Gemengerot mat deene Subsiden, mat deenen heite Proposen averstanen? Pardon, ech hat lo net preziséiert, dass mer hei op 100.- dann eropginn. Jo. ***Dat ass unanime.*** Merci.



# 5. URBANISMUS

**Approbatioun vun engem Lotissements- a Morcellementsprojet Rue Mme Mayrisch de St. Hubert**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass Urbanismus. Et ass am Fong d'Approbatioun vun engem Morcellement an der Rue Mayrisch de St. Hubert. Dat ass e Projet vu 4 Maisons bifamililiales an 8 Maisons unifamiliales, also an deem Sënn 16 Unitéiten, déi do entstinn. Mir haten deen heite Projet den 31. Januar an der Bautekommissioun. Et gouf och en Avis public den 8. Januar bis de 25. Januar gemeet. An eise Service Architecture et domaines huet de 26. Januar och säin Avis do ginn. Hei si mer op engem Terrain vu 57,33 Ar, also 8 Unifamilial a 4 Bifamilial. Déi 57,33 Ar, déi ginn dann hei morcelléiert. Am PAG hu mer dat och sou festgehalen am Kader vu der ganzer Prozedur, sou dass mer hei déi Demande vum Här [Think 2:41:47] virleien hunn, dee Proprietär ass fir dat heiten ze maachen. An dann entsteet och neie Wunnengsbau op där heite Parzell déide Moment fräi ass. D'Consideratioun an der Bautekommissioun war positiv, a si hunn dat heiten an hirer consultativer Approche guttgeheescht. Dat zu den Ausféierungen zu deem dote Projet de morcellement.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, ech wollt eebe just soen, mir haten dat hei schonn am PAG deemools. Et war do ganz vill Gedéngels ëm déi Bamallee, déi sollt erhale ginn, a mir hu schlussendlech eng Léisung fonnt, wou d'Wuerzele vun de Beem geschützt ginn, wou déi Bamallee kann erhale bleiwen. An dee Projet hei dee reit sech jo an un deen e bësse méi erop beim fréiere Bauer Hoffmann sengem Haff, wou lo scho ganz vill Wunnenge stinn. An dat hei geet elo an dem selwechte Stil elo bis erof. An dat ass jo alles tipptopp dat doten. Dat loosse mir duerchgoen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir loossen dëse Projet och duerchgoen a sinn u sech ganz zefridde mat deem Projet. Mir wollten awer kuerz eng Stellungnam maachen, well an der Lescht ass et an der Bautekommissioun oft zu Diskussioune komm wa sou Morcellementer komm sinn. An hei geet et jo drëms fir een Terrain ze morcelléieren. Woubäi ee muss hei betounen, datt mer vu 57 Ar schwätzen an net wéi bei aner Diskussiounen, wou mer wierklech vu vill méi klengen Terraine geschwat hunn, déi wierklech op e Minimum morcelléiert ginn.

Ech wëll awer och hei betounen datt et wichteg ass ze bauen an dat maache mir. Mir stellen eis net dogéint, och bei aner Plazen. Et ass wichteg, datt mer och méi dense bauen, et ass wichteg, datt mer eng besser Optimisatioun vum Buedem kréien. An deen heite Projet ass et gutt Beispill dofir. Et muss een och vläicht déi Fro opwerfen, ech weess, mir si just beim Accord vum Morcellement, mee vläicht kann d'Gemeng op de Wee goen, fir vläicht eent vun deenen Haiser ze kafen, fir et zu engem abordabele Präis ze verlounen oder vläicht weiderverkafen. Well et ass awer e relativ interessante PAP vun der Gréisst hir. Vum Emplacement ass et immens flott, well et ass awer trotzdeem eng Haaptstrooss, dat heescht et ass gutt ugebonnen un de Bus, mir sinn och séier op der Autobunn. An hei vläicht net fréi genuch. Et kann een drun denken, fir eventuell, wann dat Ganzt opgerappt gëtt an nei gemaach gëtt, datt hei och eng Vëlospist mat geplangt gëtt.

Ech weess, mir sinn net bei deem Punkt, mee et ass ni fréi genuch, fir dat mat op de Wee ze ginn. Dat anert ass vun der Typologie. Wann een d'Analys mécht ass et ganz interessant, well mir hunn awer unifamilial a bifamilial. Dat heescht, et kann ee soen eng Mixité sociale oder och eng Mixité budgétaire. Dat ass hautdesdaags och immens wichteg wat d'Nohaltegkeet ugeet. Et wier vläicht eng Fro, ob mer wëlles hunn hei mat Wärmepompelen ze schaffen. Dat hänkt natierlech dovun of, wéini déi éischt Demande fir de PAP gestallt gouf, ob mer déi Obligatioun dee Moment hate fir mat erneierbaren Energien ze fueren. Oder ob mer hei nach ëmmer gewëllt si fir sech un de Gas unzeschléissen. An deem Sënn ass den Impact environnemental immens interessant an immens wichteg an och Virreider an deem Sënn an als Best practice ze huelen, datt déi dicht Bamallee awer trotzdeem erhale bleift. Dat ass wierklech begréissenswäert. A fir de Projet fuere mer da just op dräi Plazen eran, fir justement kënne sou gutt wéi méiglech déi Beem ze erhalen. An dat läit villen Diddelenger hei um Häerz. Am Fong hunn ech alles gesot. Merci villmools fir d'Nolauschteren.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo Merci. Ech ka mech kuerz halen. Ech hat et virdru scho beim PPF ugedeit. Dat hei ass natierlech e Beispill, wou mer wierklech gesinn, dass mer nach Baulücken hu matten an Diddeleng an dat heiten ass net déi klengste mengen ech. Säit ech mech kann erënnere fueren ech laanscht déi Wiss, meng Mamm fiert laanscht déi Wiss an ech sëtzen hannendran an hu mech ëmmer gewonnert, dass op där grousser Wiss zwee Päerd sëtzen. Dat heescht, mir sinn immens frou dass dat heite lo endlech bebaut gëtt well d'Madame Ahmedova huet et scho gesot, mir hunn ee Problem, de Bauterrain, deen ass knapp, mir mussen deen sou intelligent wéi méiglech notzen a mir si frou dass dat heite lo viabiliséiert gëtt an dass dann hei och genuch Wunnraum geschaf gëtt. Et ass jo net iwwerdriwwen, et ass jo och alles konform souwisou. Sou dass mir ganz frou sinn, dass dat hei elo endlech ugepaakt gëtt. A mir hunn natierlech ganz grouss Sympathien a ralliéieren eis un déi Propositioun vun déi Gréng fir ze kucken, ob een do net vläicht kéint Wunnraum kafen. Merci.

Michèle KAYSER-WENGLER (CSV): Ma ech wollt awer elo mol soen, Merci dem Proprietär, dass deen awer och mol eng Kéier op de Wee geet, mol eng Konstruktioun ze maachen a Wunnraum zur Verfügung ze stellen, well et gëtt ëmmer sou gemaach, wéi wann d'Proprietäre lauter Béiser wären. An et muss ee jo och mol soen, déi zwee Päerd wäre bestëmmt och frou gewiescht, wa se hätte weider kënnen op där Wiss do sinn. Mee sécher kënnt de Proprietär finanziell hei bei där Saach gutt ewech. Mee en hätt och eppes aneschters kënne maache mat där Wiss. An dofir muss een och emol de private Proprietäre Merci soen, wa se op de Wee ginn, Logement ze schafen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Et ass just eng Klengegkeet, well mer jo ganz oft déi Diskussioun hu mat Parkplazen ewechhuelen op Plaze wou Leit wunnen. Do wunnt jo am Moment nach keen. Op de Pläng ass awer eng Bande de stationnement gezeechent. Dat heescht, wann d'Leit elo d'Pläng gesinn a se soe sech: A dat do ass jo flott, da kann ech en Auto virun d'Dir setzen, a mir kommen herno mat engem Vëloswee op där Plaz, da kréie mer Diskussiounen. Wa mer dat direkt aus de Pläng vu vireran eraushuelen, da mengen ech sinn d'Diskussiounen an den Opschrei herno manner grouss, wann d'Leit wëssen: A jo, do war jo souwisou ni eng Parkplaz virgesinn. Dat wier lo déi kleng Klamer, just fir d'Pläng. Ech mengen de Rescht, dat ass schonn alles gesot ginn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Dir kënnt Iech warscheinlech virstellen, dass ech elo ganz kuerz der Madame Kayser muss äntweren. Mir felicitéiere ganz gären dem Proprietär, dass en dat dote lo baut. Mee wéi ech virdru gesot hunn, dat hei ass eng Baulück matten an Diddeleng. An an der däitscher Verfassung steet ënner anerem: Eigentum verpflichtet. An där Meenung si mir och. A mir sinn éischter der Meenung, wa mir lo scho mol eng Spekulatiounstax gehat hätten oder en Impôt foncier op onbebautem Bauland méi héich gemaach hätten, da wär dat do vläicht schonn éischter geschitt. Mir sinn net der Meenung, dass een dem Proprietär muss Merci soen, well et ass eigentlech seng Responsabilitéit, dass en hautdesdaags bei där Logementskris déi mer hunn och säi Bauland viabiliséiert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt. Wou soll ech ufänken? Jiddweree begréisst dass de Proprietär hei seng Responsabilitéit iwwerhëlt. Ech stelle fest, dass hien déi dote Responsabilitéit iwwerhëlt, dat huet jo och domat ze dinn datt déi do Parzell, virum neie PAG war e PAP drop. An am Kader vun der Prozedur vum PAG huet de Proprietär reklaméiert, du hu mer de PAP erofgeholl, wat lo och erméiglecht, méi schnell mam Projet virunzekomme wéi wann een e PAP gemeet hätt. Dat heescht, mir hunn do agelenkt, och wann de PAG vun Diddeleng net vum ganze Gemengerot gedroe gouf, hu mer dat awer erméiglecht. Dat als e bësse méi generell Remark. Mir begréissen, datt jiddereen en faveur vun deem dote Projet ass, well hei neie Wunnraum geschaaft gëtt op enger Baulücke déi besteet, an déi dann och zousätzlech weider erschloss gëtt.

Par rapport zu deenen Demanden, déi gemeet goufen. D'Madame Ahmedova huet iwwert d'Typologie geschwat. Ech mengen dass dat net oninteressant ass. Mee de Proprietär respektéiert hei d'Prescriptioune vum PAG. Déi Méiglechkeeten, déi him gi sinn a punkto Wunnengsbau. Mir sinn hei an enger HAB1B2, dat erméiglecht bifamilial an unifamilial an dat mécht en effektiv och hei an dofir ass dat och gutt. Dir hutt par rapport zu der Energie geschwat. D'Gemeng ass jo hei net Bauhär. Et ass e Privaten, deen hei baut. An et ass och un him ze decidéieren, wéi en un d'Saach erugeet. Wann en natierlech méi op alternativ Energië geet, dat kritt e jo och Subside vum Staat. Mir hunn och Saachen an eisem PAG an eisem Bautereglement virgesinn, op déi kann een zréckgräifen. Mee mir schwätzen do net dran. D'Gemeng ass jo net de Bauhär, et ass e private Bauhär.

Et ass e puer Mol hei ugeschwat ginn an et war eis och wichteg an och eise Servicer wichteg an och déi Diskussioun, déi mir mat him haten, dass déi Bamallee erhale bleift. Do ginn och d'Accèsen aneschters gereegelt, wéi et initial war. Ech spieren hei déi Begeeschterung, dass d'Gemeng och soll uklappe fir Logement abordable. Ech wëll Iech soen, dat heiten ass kee PAP mat de klassesche Prescriptiounen. A mir kënne se sécherlech ufroen. Ech wëll awer och hei soen, mir wäerten net à tout prix e Logement do kafe wou net subventionéiert kéint ginn oder wou de Subventionnementsgrad zimmlech niddreg ass. Dat muss och kënne gewäerleescht ginn. D'selwecht wéi déi Diskussioun déi mer hate ronderëm de PAP Pasteur. Mir si gäre bereet, eng Demarche ze maachen a mam Proprietär an d'Diskussioun ze kommen. Ze kucken, wat en eis kann ubidde vu Präis. Op där anerer Säit awer och ze kucken, dass mer sou vill wéi méiglech Subsid och kréien. Je tiens compte vun der Finanzdiskussioun, déi mer virdrun haten an iwwert d'Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng. Mee ech ginn dat weider un eise Service Architecture et domaines, wa mer déi do Diskussioun féieren. An et ass natierlech och e Vëloswee do laanscht geplangt. Dat ass jo an deem Sënn en Acquis. An ech mengen dass dat net oninteressant ka ginn.

Ech mengen ech hätt lo probéiert, op all déi verschidde Punkten anzegoen a géif dann hei de Gemengerot froen, ob e mat deem Projet de Lotissement respektiv dem Morcellement vun Terrainen averstanen ass? ***Dat ass unanime.*** Ma da soen ech Iech villmools Merci.




# 6. ERWEIDERUNG VUN DE KOMPETENZE VUN DEN AGENTS MUNICIPAUX

**E Punkt, dee vun der DP-Fraktioun op den Ordre du jour gesat ginn ass**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op deen nächste Punkt iwwergoen. Dat wär dann engersäits eng Fro, respektiv e Point à l'ordre du jour vun der DP an d'Motioun vun deene Gréngen. D'Ufro vun der DP, déi ass fir d'éischt erakomm. Dofir géif ech dem Här Meyer d'Wuert gi well hien huet gefrot, dass et e Point à l'ordre du jour soll sinn, quitt dass och Froen dra sinn. Mee et ass e Point à l'ordre du jour, a wann et e Point à l'ordre du jour ass kritt dann och den Auteur fir d'éischt d'Wuert.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. In der Tat hu mir de 5. Januar dëst Joer am Tageblatt en Artikel gesi mat der Iwwerschrëft wou drasteet „25 Euro Strafe für schlechte Manieren", an deem et drëm gaangen ass, dass déi sougenannte Pecherten an der Stad Esch-Uelzecht Bousgelder fir kleng Vergoe kënne verdeelen. Bei der Kompetenzerweiderung fir d'Agent municipauxen hält sech d'Stad Esch un de Katalog mat deene 17 Verstéiss. Den Artikel hate mer bäigeluecht, wou dir déi divers Verstéiss konnt noliesen. Dee Katalog gouf vum Inneministère definéiert. Déi Froen, déi mer hei dozou wëlle stelle sinn, ob d'Stad Diddeleng virhuet, eeben och hei de Kompetenzberäich vu sengen Agent municipauxen ze vergréisseren, sou wéi dat eeben och zu Esch gemaach gouf? A falls jo, wéi eng nei Kompetenze solle si kréien? A sinn eis Agent municipauxen eventuell souguer scho forméiert ginn an deenen neie Kompetenzen? Respektiv ass virgesinn, fir dat an noer Zukunft ze maachen? A falls net, wisou gëtt dat hei zu Diddeleng eeben net ëmgesat? Wuel wëssend, dass domat eis Police entlaascht kéint ginn. An déi dann esou och anerwäerts fir méi Sécherheet kéint suergen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Meyer. Vu dass et e Point à l'ordre du jour ass, ass et jo och sou, dass och all aner Partei ka Stellung dozou huelen. Dat ass da keng klassesch Fro, wou de Schäfferot direkt drop äntwert. Ech wëll awer direkt drop äntweren, einfach fir eng Kéier de Kader ze setzen, wat awer en Afloss huet op déi ugeeënd Diskussioun. Merci Här Meyer virun allem fir deen dote

Point à l'ordre du jour. Merci och dass Der eis den Artikel zoukomme gelooss hutt, dass mer do konnten noliesen, wat zu Esch gemeet gëtt.

Ech wëll hei mol insgesamt soen, all Conseiller huet jo ëmmer d'Méiglechkeet, d'Gemengegesetz gesäit dat vir, sech un de Schäfferot ze adresséieren am Kader vun engem Point de l'ordre du jour oder am Kader vun enger Froestellung. Et schéngt mer awer wichteg ze sinn, dass wann een dat mécht, sech awer am Virfeld richteg informéiert, respektiv awer och dass ee recherchéiert am Virfeld wou een eng Fro stellt, well da géife vläicht och eng Rei Saache sech erginn, respektiv d'Froestellung wär da sécherlech eng aner oder géif an eng aner Richtung goen. Ech erkläre mech.

De 26. Mee 2023 huet de Gemengerot vun der Stad Diddeleng unanime en neit Polizeireglement ugeholl. An an deem neie Polizeireglement vun der Stad Diddeleng, wou ee kann um Internetsite vun der Gemeng nokucken, well et public ass, et ass also asehbar, do kann een noliesen, an d'Polizeireglement gouf jo och vun der Inneministesch approuvéiert, do kann een noliesen, dass déi 17 Sanctions administratives communales déi d'Gesetz virgesäit integral am neie Polizeireglement vun der Stad Diddeleng dra sinn.

Är éischt Fro, ob d'Stad Diddeleng dat virhuet. Ma d'Stad Diddeleng huet dat scho laang gemeet. Sou dass am Fong déi éischt Fro e bësse sans Objet ass, sech e bëssen eriwwregt an e bësse superfétatoire an deem Sënn ass. D'Penalitéite vu 25.- Euro, déi komme jo net vun ongeféier. Déi Penalitéite vu 25.- Euro bis 250.- Euro sinn déi Penalitéiten, déi och d'Gesetz virgesäit. An déi appliZéiert sech dann am Polizeireglement am Kapitel 7. Do fënnt een déi 17 Sanctions administratives communales. Par rapport zu der zweeter Fro. D'Kompetenzerweiderung ass jo deementspriechend gemeet ginn, well se säit Mee 2023 am Polizeireglement sinn, dat approuvéiert gouf. An eis Agent municipauxen an eise Bannhidder hunn déi Formatiounen, déi Formation spécialë matgemeet, déi den Inneministère zesumme mam INAP gemeet huet. Dat ware speziell Formatioune par rapport zu der Kompetenzerweiderung och fir déi aner Gemengen an och fir déi Escher Gemeng, déi och déi Kompetenzerweiderung guttgeheescht hunn, hunn déi och deementspriechend gemeet an och ofgeschloss.

A kierzlech sinn och eis Agents municipaux vum Geriicht vereedegt ginn an anerer sinn nach um Wee. Et si Courrieren eraus mat den Datumer, wou weiderer vereedegt ginn, sou dass dat och a Phase gemeet gouf. Mir waarden nach op eng Applikatioun vum SIGI, deen am Gaang ass fir drun ze schaffen, fir sou e Katalog vun de Sanktiounen ze maachen, wou ee sech och kann informatesch drop beruffen. Do sinn och eis Leit an aner Gemengen, déi dat gemeet hunn a Kontakt. Et gi jo och Gemenge, déi d'Sanctions administratives net iwwerholl hunn an dat vläicht nach net gemeet hunn an och net wëlles hunn, dat ze maachen. Dann ass et net d'Voie administrative déi spillt, mee éischter d'Voie judiciaire. Eis Agente sinn am gudde Kontakt mat hiren Escher Homologen a mir hunn eis elo e bëssen um Escher Modell inspiréiert, fir dee Block vun de Sanktioune kënne auszestelle fir deen ze adaptéieren un déi Diddelenger Gegeebenheeten en attendant dass déi informatesch Solutioun vum Gemengesyndikat SIGI kënnt. Sou dass eis Agents municipaux dann engersäits de rouende Verkéier kënne kontrolléieren an d'Sanctions administratives. An eise Bannhidder insgesamt d'Polizeireglement en tant que tel, sou wéi hien dat bis elo ëmmer gemeet huet, an och d'Sanctions administratives. Dat par rapport zum Bagage dee se hunn, fir dat dann elo och kënnen ze maachen. E wichtege Bestanddeel ass d'Formation spéciale an och dass se assermentéiert gi vum Geriicht.

Dofir mengen ech eriwwregt sech Är Fro 3: Falls net, wisou gëtt dat hei zu Diddeleng net ëmgesat? Wuel wëssend, dass domadder eis Police entlaascht géif ginn a si sou anerwäerts fir méi Sécherheet suerge kéint.
Ma do muss ee mol soen, dat stëmmt net sou richteg. Well och wéi et nach keng Sanction administrative communale gouf, do ass d'Police net weider entlaascht gi well d'Sanctions administratives communales agefouert goufen. Éischtens emol si se agefouert ginn, well et eng Demande aus dem Gemengesecteur war, well d'Gemenge wollte jo méi schnell iwwert Sanctions administratives kënnen zu Incivilitéite reagéieren. An et ass jo och gefuerdert gi vum Gemengesecteur well eeben d'Police, mat deene ganz villen Attributiounen, déi se huet, deen doten Deel, dee se da konnten deelweis maachen am Polizeireglement, wou jo Geldstrofen drop souzen an net administrativ Strofen, do si se am Fong net dozou komm, dat ze maachen. Dofir ass jo déi Kompetenzerweiderung vun den Agents municipaux, oder an eisem Gebrauch Pecherte genannt, komm, fir der Police eng Aarbecht ofzehuelen, déi se ëmmer nach konnt maachen, mee wou se ni dozou komm ass fir se ze maachen well se eng Panoplie vun Attributiounen huet.

An de Virdeel hei ass jo duerch déi Kompetenzerweiderung, dass mer net an d'Procédure judiciaire gi mee éischter an d'Procédure administrative an eeben iwwer administrativ Sanktiounen tëschent 25.- an 250.- Euro och dann d'Agents municipaux och éischter kënnen agéieren. An et muss ee jo och soen, d'Gesetz gesäit dat vir, dass och mat de Sanctions administratives d'Police weider kompetent bleift. Och d'Police kann d'Sanctions administratives deementspriechend ahnden. Dat heescht alle béid kënnen deementspriechend virgoen. An ech hoffe jo dann och, wann Der sot a schreift „wuel wëssend, dass eis Police domat entlaascht géif ginn a se sou anerwäerts fir méi Sécherheet suerge kann", dass dat jo hoffentlech um Territoire vun der Stad Diddeleng ass an net um Territoire vun anere Gemengen. Do maachen ech dann och de Lien mat der Diskussioun, déier duerno wäerten hunn. Spaass bäi Säit. Ech mengen dat war déi drëtt Äntwert op Är drëtt Fro wou ech hei wollt ginn. Ech wollt direkt äntwere fir einfach schonn direkt de Kader ze setzen, wou mer lo dru sinn. A wann natierlech elo nach aner Gemengeconseilleren hei wëllen d'Wuert ergräifen, da kënne si dat roueg maachen, well et jo e Point à l'ordre du jour ass.

MARC MEYER (DP): Ech soen op alle Fall scho mol Merci fir alleguerten déi do Informatiounen, well déi hat ech in der Tat net, soss hätte mer dat selbstverständlech

alles e bëssen anescht formuléiert gehat. Ech hunn elo eng Fro, ech weess awer net, ob een déi hei beäntwert ka kréien. An zwar ass dat, wann e Bierger sech un d'Police wennt, dat ass jo normalerweis fir de Bierger déi éischt Kontaktstell, wéinst Lärmbelästegung oder soss iergendeppes. Gëtt d'Police déi Dossieren dann direkt un d'Pecherte weider oder këmmere si sech generell dann awer selwer dorëm? Well wann deem sou ass, dann hunn eis Beamten zwar déi néideg Formatiounen an och Kompetenzen, mee se kommen net dozou, d'Aarbecht ze verriichten oder wéi? Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci fir d'Wuert. Also den Här Buergermeeschter huet am Fong scho gesot wat ze soen ass, dass mer eeben hei zu Diddeleng natierlech de Kader, dee vum Inneministère gesat ginn ass ëmgesat hunn an eisem neie Polizeireglement, wéi och nach eng Kéier ënnersträichen, dass mer dat hei unanime approuvéiert hunn am Mee. An ech denken déi Diskussioun ass jo nach net fäerdeg mat de Kompetenze vun den Agents municipauxen. Mir haten dat och an den Diskussiounen, déi mer am Mee hate gesot, dass awer nach gewësse Limitten do sinn. Wann zum Beispill en Hondsbesëtzer säin Hond iergendwou seng Dechete hannerloosse léisst, da kann de Pechert zwar soen, du gëss elo bestrooft. Mee wat d'Limitt ass, dat ass dass en d'Identitéit vum Proprietär net däerf kontrolléiere well dat ausserhalb vu senger Kompetenz ass.

Dofir denken ech, dat heiten ass, dat hu mer och scho gesot am Mee, e gudden éischte Schrëtt, awer mir mussen och nach kucken, wéi mer den Agent och schützen, wann deen dann zum Beispill blöd ugemaach gëtt a Frechheete gemaach kritt, dee kann da mol net deejéinegen zur Rechenschaft zéien oder soen: Wie bass du iwwerhaapt? Wéi gesot, et ass e gudden éischte Schrëtt. Et ass vun de Gemengen aus och gewënscht gewiescht. An et ass eng Affaire à suivre. Mee mir sinn op jiddwer Fall frou, dass momentan eis Agents municipaux och vereedegt goufen an och déi Formatioun matgemaach hunn. A mir halen déi Saach positiv am A a kucken, wéi herno och d'Kompetenzen nach wäerten erweidert ginn oder awéi eng Richtung sech dat nach wäert entwéckelen. Mee wéi gesot, dat ass sécher eppes, wat op Regierungsniveau muss gemaach ginn a mir hunn Eist als Diddelenger Gemeng mengen ech gemaach an doriwwer si mer och frou. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Kayser. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Madame Kayser, ech mengen do si mer eis eens par rapport zu der Fro vum Här Meyer. D'Gemeng, de Buergermeeschter ass do de falschen Adressat. Wann de Bierger sech un d'Police wennt, da muss d'Police kucken, wat se domadder mécht. De Bierger kann eng Plainte maache wéinst Lärmbelästegung, dat geet dat Richtung Voie judiciaire. Oder d'Police, ech hunn et virdru gesot, souwuel d'Agents municipaux wéi och d'Police kënnen eng Sanction administrative ausstellen. Also kann d'Police dat och deementspriechend maachen. Et ass also an hirem Ermiesse fir do ze kucken.




## 7. MOTIOUN, DÉI VUN DER FRAKTIOUN „DÉI GRÉNG" ERAGEREECHT GINN ASS FIR ENG SAISINE VUM HÄR INNEMINISTER BEZÜGLECH D'SÉCHERHEETSBEDENKEN ZU DIDDELENG

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op deen nächste Punkt, dat ass d'Motioun, déi Déi Gréng eragereecht hunn iwwert d'Sécherheetsbedenken zu Diddeleng. An do géif ech dann hei den zwee Auteure vun där Motioun d'Wuert ginn. Een ass nach do. Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo de Rappel vun de Pecherten ass ukomm, d'Madame Ahmedova ass kuerz eraus. Also zu der Motioun, déi mer eragereecht hunn, ech mengen Dir hutt se geschéckt kritt. Ech wäert déi lo hei e bësse virliese mat de jeeweilege Gedanken, déi mer eis gemaach hunn zu deenen eenzele Punkten.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, mir hunn eis erlaabt, dës Motioun, mat deem, ech ginn et zou, e bësse räissereschen Titel, eranzereechen, well mer denken alleguerten heibanne kënne mer net zefridde sinn domat, dass den Inneminister d'Polizisten aus dem Süden an eeben och vun Diddeleng ofzitt fir Symbolpolitik an der Stad ze bedreiwen. Mir stelle fest dass aus dem Regionalbüro Süd-West mat Sëtz zu Esch-Uelzecht, zu deem och d'Kommissariat Diddeleng gehéiert, Polizisten ofgezu gi si fir Kolleegen aus der Stad ze ënnerstëtzen. Dëst ënner anerem wéinst dem Duerchsetze vun dem sougenannten Heescheverbuet, der Drogekriminalitéit an der illegaler Migratioun an der Stad Lëtzebuerg. An der Annex vun der Motioun hutt Der den Artikel vum 1. Februar 2024. Mir hu bewosst d'Heescheverbuet aus der Stad aus eiser Motioun elo eraus gelooss well dat näischt mat eiser Kommunalpolitik ze dinn huet.

Mir stellen awer fest, dass d'Penurie u Polizisten um Terrain trotz massivem Rekrutement an de leschte Joren nach ëmmer net komplett opgefaange konnt ginn. De Minister Kox hat zwar an der leschter Regierung eng Rekrutéierungsoffensiv, andeems ab 2020 en netto Zouwuess vun 180 Poliziste vereedegt gi sinn, wann een d'Ofgäng ewechgerechent huet. Dat ware jo deemools bei der Question parlementaire vun der CSV

och déi Zuelen, déi si du kritt hunn. Laut Recrutement pluriannuel soll dës Rekrutéierung weidergefouert ginn an och d'Agents municipaux kruten, mir hu virdrun driwwer geschwat, weider Kompetenzen. Dass nach net alles roseg ass, och net zu Diddeleng, liese mir mat Bedaueren och vun Zäit zu Zäit an der Press. Mir stellen deemno fest, dass nach den 20. Januar 2024 matten am Dag et zu Diddeleng zu Déifstall a Kierperverletzung komm ass. Och hei an der Annex den Artikel vun RTL Lëtzebuerg vum 24. Januar.

Et ass mat Bedauere fir déi Betraffe wou mir sou Artikele liesen. Et geschitt zu Diddeleng wéi och op anere Plazen zu Lëtzebuerg an iwwerall soss och do wou Leit sinn, sinn och ëmmer e puer onéierlecher drënner, an do ass Diddeleng keng Insel. Mir hunn dës Quell net dragesat fir op den, oft vu riets kommenden, polemeschen Zuch opzespringen, ma ganz einfach fir ze weisen, dass och Diddeleng net op hir Poliziste verzichte kann. Mir brauche se all déi mer hunn. Domat si hir wäertvoll Aarbecht kënne maachen, wéi een dat bei deem éischte Fait divers jo och gesinn huet aus dem Artikel, wou d'Persoun herno konnt ermëttelt ginn. Mir stellen awer och fest dass am Walkampf, an net just am nationale Walkampf, och am kommunale Walkampf, virun allem d'elo Regierungsparteien d'CSV an d'DP awer och d'riets Partei ADR mat Walpanneauen a Programmpunkten eng Drokuliss eropbeschwuer hunn hannert där ee sech heiansdo d'Fro gestallt huet, wéi düster hire Bléck op Diddeleng ass.

Mir stellen deemno fest dass d'Regierungsparteien CSV an DP an de jeeweilege kommunale Walprogrammer ëmmer e grousse Wäert geluecht hunn op d'Sécherheetsgefill an Diddeleng. „Méi eng grouss Policepresenz, fir dass d'Bierger sech méi sécher spieren" huet d'CSV gesot. „Mir engagéieren eis fir dass d'Police erëm méi Presenz weist an hirem Motto „No beim Bierger" gerecht gëtt", huet d'DP gemengt. „Der Police déi néideg Mëttelen an Ënnerstëtzung ginn" huet et vun der ADR geheescht. Dëst ass och genotzt gi fir Wielerstëmmen ze kréien. Also déi Parteie wou d'Leit mat méi Policepresenz zu Diddeleng gelackelt hunn, zéien eis op nationalem Wee, wou se um Pouvoir sinn, lo Ressourcen of. Dat kënnen déi jeeweileg Lokalsektiounen dach net matdroen. Op der Géigesäit stelle mer fest, dass déi aner Parteien hei an der Ronn, déi Gréng, d'LSAP, déi Lénk hiren Desaccord mat dem Inneminister senge Mesuren allgemeng schonn a sämtleche Medien, sief et Radio, Tele, Maniffen a Social Media geäussert hunn.

Dëst bréngt eis dozou ze schlussfolgeren, dass, an all eisen ënnerschiddleche politeschen Ausriichtungen déi mer hunn, Konsens besteet dass Diddeleng aktuell net op Polizisten am Kommissariat verzichte kann. Zouginn. Ech hätt dës Zeil och als Iwwerschrëft vun der Motioun kënnen huelen, ma ech hu mer geduecht, de Regierungsparteien an der ADR hir Walkampfrhetorik hei ze iwwerhuele fir se ze iwwerzeegen, géint hir national Parteilinn a fir déi Diddelenger Wielerschaft ze stëmmen. An zesumme géinge mer dann de Schäfferot invitéieren, am Numm vum Gemengerot, e Schreiwes un den Inneminister ze maachen an deem mir fuerderen, dass d'Ofzéie vu Polizisten aus der Regioun Süd-West réckgängeg gemaach gëtt, well dës Ekipp och fir d'Kommissariat Diddeleng zoustänneg ass. Weider wéilte mer eng Prise de position kréien an där de Minister erkläert, wisou am Süden an notamment zu Diddeleng d'Sécherheet vun de Bierger op d'Spill gesat gëtt, an dat gëtt se wann ee Polizisten ewech bestellt jo iergendwéi schonn, andeems Beamten ofgezu ginn an d'Beamte weider surchargéiert ginn. Well si hunn all Hänn voll ze dinn. An der Annex hunn ech alles drugehaangen, an och déi jeeweileg Walprogrammer, op déi ech mech beruffen. Voilà. Dat war eis Motioun. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci deene Gréng fir déi Motioun. Et ass eng Motioun, déi ze diskutéieren ass. An ech ginn dovun aus, datt verschidde Parteien, déi hei interpelléiert goufe bestëmmt wäerte wëlle Stellung dozou huelen.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Also d'Police soll rëm no beim Bierger sinn. Effektiv steet dat an eisem Walprogramm an dozou sti mer och. Et gesäit een awer schonn eng Zäitche laang keng weider Poliziste méi hei duerch Diddeleng lafen an dat huet net elo réischt ugefaangen. Déi Polizisten, déi an d'Stad beruff ginn, à tour de rôle an temporär selbstverständlech, am Artikel steet do schonn emol vun Enn Februar an enger éischter Phas. Wat déi zweet Phas lo ass, dat weess ech net. Et ka jo sinn dass bis dohinner déi Stagiairen, déi rekrutéiert gi si fir den Effectif vun der Police ze hiewe vläicht scho mat hirem Stage fäerdeg sinn an déi dann dohinner affectéiert ginn, fir d'Situatioun an der Stad weiderhin an de Grëff ze kréien. Et muss een op alle Fall soen, an do hat ech och nach dës Woch mam Familljeminister rieds, dee sech erëm e Bild um Terrain maache gaange war, dass besonnesch an deene méi däischteren Ecke vun der Stad, wou vill Drogekriminalitéit ass, dass do d'Situatioun extrem uerg ass an och hien iwwerrascht war dass hei zu Lëtzebuerg sou eng Situatioun existéiert.

Bei senger éischter Visitt huet hie praktesch kee Polizist begéint, néirens. An hien huet gesot, déi Situatioun hätt sech mëttlerweil verbessert, et wären erëm Polizisten do. An, an engem rezenten Artikel huet ee jo och scho vun Aktioune gelies wou d'Police eppes ënnerholl huet virun allem beim Kampf géint d'Drogekriminalitéit, Gewaltdoten, illegal Migratioun a sou weider. An déi Aktiounen hu jo och schonn zu Succèse gefouert. Selbstverständlech hätte mir sécher alleguer léiwer wa vun haut op muer mir näischt dir näischt e ganze Koup méi Polizisten do wären, déi och hei zu Diddeleng no beim Bierger wären, fir eis Diddelenger och nach besser kënnen ze schützen. Well hei zu Diddeleng lafe jo och mol Saachen, déi net solle sinn. Et sinn der hei zu Diddeleng, déi erschoss gi sinn, mam Messer gepickt gi sinn, iwwerfall gi sinn a sou weider a sou fort. Jo, an der Strooss, déi bei de Buergermeeschter féiert ass een erschoss gi virun net allze ville Joren. Neen den Här Buergermeeschter war et net. An ech hat och an enger vu mengen éischte Rieden hei am Gemengerot dat schonn erwäänt gehat.

Du war gemengt ginn dass et fréier, an den Achtzeger Joren, nach méi schlëmm war. Mee et muss ee jo net

ëmmer waarde bis et komplett eskaléiert, bis eppes ënnerholl gëtt. Wéi gesot, ech hätt och léiwer, déi Poliziste wäre rëm hei zu Diddeleng fir eis Leit ze schützen. Mee et muss ee wëssen dass e ganz grousse Prozentsaz vun den Diddelenger och an d'Stad schaffe geet. An déi mussen och do geschützt ginn. An aktuell ass d'Situatioun an der Stad wesentlech méi uerg wéi hei zu Diddeleng. An och d'Schüler déi dohi gi fir an d'Schoul ze goe mussen do geschützt ginn. An ech hoffen, wéi gesot, dass déi Polizisten, déi dohinner ofberuff gi sinn déi Situatioun kënnen an de Grëff kréien, dass se rëm schnellstméiglech kënnen heihinner zréckkommen. Zu deem, wat déi Gréng do fuerderen ass natierlech fir mech an éischter Hisiicht méi wichteg ze froen, wat déi 2. Phas ass an ob d'Saach domat gedoen ass. Well Enn Februar, dat ass an zwou Wochen, a wa bis dohin eventuell schonn erëm alles gekläert ass, dann hu sech déi aner Froen vun deene Gréngen, déi se wëllen un de Minister schécken, eventuell och eriwwregt. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ganz kuerz. Mir jäizen hei no méi Polizisten. Ech weess awer aus Erfarung, well ech eng Damm kennen, déi réischt kuerz vereedegt ginn ass, déi wuessen net op de Beem. Déi Polizeischoul, déi huet keng Honnertdausend zur Verfügung. An et sinn der och vill, déi net vereedegt ginn, well se dee Studium net packen. Also dat ass eng Zuel, op déi mer keen Afloss hunn. Mir hätte gär méi Polizisten, mee et ass net sou einfach fir déi auszebilden a bis zum Schluss ze bréngen. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Ech wëll just hei zu engem Wuert eppes soen. Illegal Migratioun. Dann hieft et mir. Et gëtt keng illegal Migratioun. Et gëtt Migratioun an dat ass e Mënscherecht. An ech wëll dass dat endlech ophält, dass mer vun „illegaler Migratioun" schwätzen. Well da sëtzt de Gros heibannen illegal warscheinlech, well hir Elteren oder Grousselteren illegal hei a Lëtzebuerg komm sinn. An dat ass mer immens wichteg, dass mer domat ophalen. Et gëtt Migratioun. Dat heescht, déi Leit, déi vläicht illegal hei am Land sinn, dat ass eng aner Geschicht. An do ginn et och Gesetzer, déi kënnen applizéiert gi wa Leit opgegraff ginn a si hu kee Statut oder si däerfen net hei sinn oder hire 3-Monats-Visa ass ofgelaf. Wat och Amerikaner kënne sinn an Englänner mëttlerweil, wa se méi wéi 90 Deeg hei am Land sinn, well se iwwert hiren Touristevisum eraus sinn. Dat heescht, dat sinn och „illegal" Leit sou gesinn. Dat heescht, dat ass mir immens wichteg, dass mir dat op deem Punkt wierklech änneren.

Wat elo d'Polizisten ugeet an der Stad, an ech sinn an deem Quartier zënter 28 Joer. An ech gesi Villes an ech wëll just soen, dass mer och e bësse mussen oppassen, op wat mer eis ëmmer bezéien an net ëmmer Artikelen entweeder aus Zeitungen eppes ofliesen oder mat engem Familljeminister op Plaze soi-disant kucke ginn, mee wierklech vläicht mat de kompetente Leit op d'Plaze kucke ginn an och Saachen hannerfroen an op béid Säite kucken, éier mer ëmmer erëm sou Saachen an de Raum geheie well mer eppes an engem Essentiel, an engem Tageblatt oder mat engem Familljeministère gesinn hunn. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Also ech wëll just fir d'éischt betounen, als ADR si mir keng riets Partei, mee eng konservativ Partei. Do soll een awer schonn en Ënnerscheed maachen. A mir sinn och op jidde Fall fir d'Verbesserung vun der Sécherheet vun eisen Awunner hei zu Diddeleng a fir méi eng staark Polizeipresenz. Dat heescht och wuelverstanen, zu Fouss. Dass d'Polizisten och emol e bësse méi zu Fouss present solle sinn. Well am hellen Dag gi souguer Leit iwwerfall an och an de Parken zerschloen. Dat ass ganz schlëmm. Op där anerer Säit begréisse mir dat awer och dass Policepatrullen hir Kolleegen an der Stad ënnerstëtze fir déi organiséiert Mendicitéit ze bekämpfen, so wéi och d'Drogekriminalitéit an ënnert anerem aner Delikter. Ech soe Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. Wéinst aneren, ënnert anerem taktesche Grënn, kënnen d'Detailer iwwert d'Zesummesetzung vum Dispositif net matgedeelt ginn. Well de Sécherheetsimpakt huet sech an dem Communiqué vun der Police sou duergestallt. D'Zuel vun deenen 176 Patrullen, déi an deem Dispositif renforcé aus der Press genannt gi musse relativéiert ginn. Well am Communiqué de presse vun der Police vum 2. Februar steet: Gëtt d'Policepresenz progressiv renforcéiert an de Quartiere Gare, Bouneweg an Uewerstad. An dat tëschent 07h00 an 20h00. Weider heescht et, datt eng limitéiert Zuel u Polizisten aus anere Regioune virgesinn ass. D'Extrapolatioun vun dëser Zuel op e Mount ass net richteg an induzéiert a Feeler am Bezuch op d'Envergure vum Renfort, dee vun deenen aneren Unitéiten a Regioune gemeet muss ginn. Ënnerstrach muss ginn, dass d'Policeservicer operationell bleiwen an datt d'Personal aus anere Regiounen turnusméisseg an d'Stater Kommissariaten an den Asaz geschéckt ginn. En plus ass et net eng permanent Mesure. Eigentlech ass et och keen neie Moment. Als Beispill fir gréisser Eventer oder fir Gefaangenentransport ginn ëfters Polizisten ofgezunn. Och aner fréier Ministeren hunn och sou gehandelt.

D'Sécherheet ass eng Noutwendegkeet fir all Mënsch. Et ass wichteg, datt mir eis sécher fille kënne wa mir an eisen Haiser sinn a wa mir eis an eiser Gemeng beweegen. D'Onsécherheetsgefill vun de Bierger ass grouss. Fir eng méi grouss Policepresenz fir dass d'Bierger sech méi sécher spieren, sou wéi et och an eisem Walprogramm steet, begréisse mir, datt en neit Policekommissariat op d'Fohrmannsplaz kënnt, dat vum Lëtzebuerger Staat gebaut gëtt. Doduerch kritt d'Police modern Infrastrukture fir hiren Aufgaben nozekommen a méi Visibilitéit. Mir begréissen och d'Sensibiliséierungscampagne zum Thema Abréch um Moart. Zum Schluss wëll ech nach soen, dass d'Sécherheetsgefill vun de Bierger wichteg ass. D'Extrapolatioun vun der Zuel vum Renfort vu Polizisten aus deenen anere Regiounen an Unitéiten op e Mount net richteg ass an en plus, wéi scho gesot, ass et keen neie Moment, well och soss Poliziste fir gréisser Evenementer ofgezu ginn an op eng aner Plaz gesat ginn. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools Merci. An och e ganz grousse Merci un Déi Gréng fir dës Initiativ, déi mir ganz interessant fannen. Wourëms geet et am Fong? Hei geet et drëm, dass den Inneminister Polizisten ofgezunn huet aus de Regiounen. Et gouf elo grad gesot, dat gëtt reegelméisseg gemaach fir gréisser Eventer, mee dat hei gouf awer scho méi oder manner offensichtlech gemaach, fir en ëmstriddent Heescheverbuet ëmzesetzen. Déi Gréng hunn elo gesot, dat ass lo net direkt a Kontakt mat eiser kommunaler Politik, mee trotzdeem, et ass ëmstridden, et ass onmënschlech a virun allem ass et ëmstridden, ob et eng legal Basis huet. An et si Polizisten ofgezu gi fir e Bild vun enger „propperer" Haaptstad ouni Aarmut an ouni Misär duerchzesetzen, kënschtlech duerchzesetzen. An dat eeben op Käschte vun anere Regiounen am Land, déi dann anscheinend nëmmen zweetrangeg sinn, well do jo Poliziste solle ofgezu ginn. Dat heescht am Fong si mir ganz, ganz d'accord mat dëser Motioun. Den Här Steffen huet et scho gesot, verschidde Formulatiounen, déi sinn e bësse räisseresch.

Anescht wéi et lo hei an der Motioun steet, si mir als Déi Lénk net der Meenung, dass mer Sécherheetsbedenke missten hunn hei zu Diddeleng. A virun allem si mer der Meenung, dass een net soll opgrond vun engem eenzele Fait divers lo sou Schlëss zéien. Mir versti wou déi Formulatioun hierkënnt, dat huet den Här Steffen jo och erkläert. Mee ech mengen dass dat net déi richteg Taktik ass, well mer mierke jo och elo schonn erëm hei an der Diskussioun, dass riets Discoursen oder Parteien, déi riets Discoursë féieren, sech bestätegt fille wa mer op déi dote Schinn ginn. Doweinst si mir mat de Formulatiounen net ëmmer ganz d'accord. Mee och wa mir hei net Chicago sinn an net der Meenung sinn, dass d'Leit hei andauernd erschoss ginn, natierlech si mir déi véiertgréisst Gemeng am Land an natierlech brauche mir a sou enger grousser Stad Polizisten, dat wëlle mir guer net a Fro stellen. An natierlech ass et inakzeptabel, déi einfach ofzezéien, fir auf Biegen und Brechen eng ideologesch Mesure an der Haaptstad duerchzesetzen.

Wat e bësse feelt an där ganzer Diskussioun elo, virun allem bei deene Parteien, déi d'Poliziste sou a Schutz huelen oder mengen, si géife fir d'Poliziste schwätzen. Wat ass dann d'Vue vun de Polizisten an dëser Diskussioun? Zum Enge si se net zefridde mam Heescheverbuet, well dat ganz onkloer ass fir si. An zum Aneren, dat ass elo schonn ugeklongen, mir hunn e Personalmangel bei der Police, an dee gëtt hei kënschtlech verstäerkt. Jo, et ass gesot ginn, dat gëtt reegelméisseg gemaach, mee mir mussen hei wëssen, et gëtt de Personalmangel kënschtlech verstäerkt. Et ass gesot ginn, d'Kommissariater, déi bleiwen operationell. Mee dat heescht, déi eng, déi ofgezu ginn, déi mussen den Heescheverbuet duerchsetzen, wou se net wëssen, wéi se et sollen duerchsetzen. An déi, déi heibleiwen, déi hunn natierlech méi Aarbecht, well d'Aarbecht op manner Leit verdeelt gëtt. Dat heescht, fir et mat de Wierder vun der Presidentin vun der SNPGL ze soen: D'Police huet de Schwaarze Péiter.

A wann ech dann elo nach héieren, dass der DP hir Léisung ass, Stagiairen oder Leit, déi just fäerdeg si mam Stage an d'Stad ze schécken an déi kënne sech elo mam Heescheverbuet ausenanersetzen, fannen ech dat lo net grad déi allerbeschten an déi allerschlauste Léisung fir de Problem. Doweinst, mir hu lo keng kloer Ëmformuléierungen, déi mer wäerte proposéieren, well mer meng kleng Zéif seet, dass vläicht schonn aner Ëmformuléierunge wäerte proposéiert ginn. Mee ech mengen, wa mer de räissereschen Toun zum Deel kënnen e bëssen ofschwächen, da wäerte mir op alle Fall déi Motioun matdroen, well mer am Fong ganz domadder d'accord sinn. Merci.

MARC MEYER (DP): Voilà. Also net Stagiairen, mee Leit déi hire Stage ofgeschloss hunn, déi also vollwäertege Polizist sinn a sécherlech genau sou gutt si wéi alleguer hir aner Kolleege well se eng exzellent Formatioun genéissen. Just nach eng Saach. Dir wësst, d'DP steet och fir eng Gemengepolice. An eng Gemengepolice, déi da soe mer mol „ënnert dem Kommando" vum Gemengerot a Schäfferot gestanen hätt, déi hätt hei mat Sécherheet net sou einfach kënnen ofgezu ginn.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Ech soen der Madame Thoma Merci, well si relativ gutt ergänzt huet, wat mir och dobäi geduecht hu bei där doter Motioun. Zu der Ëmformuléierung, ech mengen ech hat schonn an den Ausféierungen e bësse gesot, do beharre mer net drop. Et geet ëm d'Essenz. De räissereschen Toun war e stilistescht Mëttel hei fir e bëssen och d'Diskussioun ze lancéieren an och e bëssen déi eenzel Positiounen erauszekëddelen. Dee Punkt, op deen ech nach wéilt agoen, virun allem bei den Ausféierunge vun der Madame Kemp, dat ass, do wou et eis e bëssen drëms geet, dat ass dass een net kann op där enger Säit no méi Police jäizen, wéi et een arrangéiert bis d'Walen, an duerno a Kaf huelen, dass se awer vun Diddeleng ofgezu ginn. Fakt ass, et sinn och Diddelenger Polizisten dobäi, déi an deem Roulement mat dra sinn. Fakt ass och, et ginn der net genuch. Ech mengen dat ass och elo betount ginn, och den Henri Kox konnt se net aus dem Steen schloen an och deen nächste ka se net aus dem Stee schloen.

Ech menge wann e Manko do ass, deen nach verstäerkt gëtt wann ee Leit ofzitt, dann dréit dat net bäi zur Attraktivitéit zum Beruff wann een andauernd an enger Surcharge leeft an dauernd den Dossieren hannendru muss hechelen, ass dat och wansinneg onattraktiv fir jonk Leit an dee Beruff do eranzeklammen, wann ee vu vir era weess, dass een der Aarbecht net Här a Meeschter gëtt. Dofir géing ech dat Argument e bësse relativéieren. Ech géing och dat anert e bësse relativéiere vun der Madame Kemp, dass et dat och schonn op anere Plaze ginn ass, dass Polizisten ofgezu gi sinn, notamment fir Gefaangenentransporter. Ech denken och un déi grouss Demonstratiounen an der Stad, déi jo waren. Dat ass alles richteg, mee dat war nach éischter sou am Gemengewuel vun engem Land Lëtzebuerg. Hei ass et jo wierklech sou Kommunalpolitik, déi mat de Mëttele vum ganze Land gefouert gëtt. An dat ass e bëssen eise Kritikpunkt, firwat dann elo de Süde muss asprange fir d'Stad. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci och fir d'Wuert. Ech géif emol deen Term anescht nennen. Wann ee seet, d'Poliziste ginn ofgezunn. Ech mengen d'Poliziste gi rekrutéiert, fir hir Kolleegen ze ënnerstëtzen. Ech mengen et muss een et sou gesinn. An der Stad Lëtzebuerg ass e Problem mat Drogekriminalitéit, mat Sécherheet. Am Garer Quartier fillen d'Leit sech net wuel. Et war eng Geschäftsfra, déi och e Restaurant hei zu Diddeleng hat, déi huet dës Lescht nach gesot gehat an et stoung och an der Press, där hire Restaurant ass zweemol iwwerfall ginn hannereneen. Et sinn 200 bis 250 Demonstranten, déi fir e séchere Garer Quartier demonstréiert hunn. Dat däerf een net vernoléissegen. Hei zu Diddeleng sinn nach keng 200 Leit op d'Strooss gaange fir fir méi Sécherheet hei zu Diddeleng ze protestéieren. Well déi heite Leit, déi hunn d'Flemm. Déi wunnen do, déi hunn hir Geschäfter do. Et ass schued, dass d'Fabienne lo fort ass. Ech mengen hatt weess et jo och am beschten. Do ass et heiansdo net méi vivabel. A wann elo eng staark Policepresenz an der Stad gefuerdert ass vun der Buergermeeschtesch, do geet et jo net nëmmen ëm dat berüümt Heescheverbuet. Dat hunn Déi Gréng jo och gesot, dass dat lo net prioritär ass. Et steet jo och genau dran, dass et och ëm d'Drogekriminalitéit geet an d'Illegalitéit vu verschiddene Leit, déi do wunnen.

Also wéi gesot, op der Gare hunn d'Leit d'Flemm. 200 bis 250 Leit waren op där Demonstratioun fir méi Sécherheet am Garer Quartier. A fir déi Leit, fir deenen och rëm eng Kéier eng gewësse Qualité de vie zréckzeginn, ass et eebe wichteg, dass eng Policepresenz do ass. Dat hei ass punktuell, fir ee Mount ass et ugesat gi fir ze kucke wat een do ka maachen, virun allem fir d'Drogekriminalitéit an och déi aner Kriminalitéit e bëssen an de Grëff ze kréien. Mir mussen elo mol ofwaarden, wat duerno geschitt. A wéi gesot, ech sinn der Meenung dass dat do éischter ass, d'Polizisten, déi ginn net ofgezunn, mee si ginn hir Kolleegen ënnerstëtzen an enger nobeler Saach. Sou géif ech dat gesinn. An nach e ganz kuerzt Wuert. Am Géigesaz zu eisen nationale Kolleegen hate mir och explizitt dat heite gesot gehat, wéi mer eist Diddelenger Policereglement votéiert hunn, dass mir als Diddelenger Sektioun net dofir si fir eng kommunal Police ze kréien. Mir sinn dofir fir déi „richteg", déi offiziell Police ze verstäerken. Dass déi net op de Beem wuessen, dat ass wéi an all Branche. D'Dokteren, d'Infirmièrë wuessen och net op de Beem. Mee da muss een eng flott Politik maache fir de Rekrutement, de Beruff interessant duerstellen, uerdentlech bezuelen, ech mengen dat ass och wichteg, an dann hoffen ech awer, dass mer genuch Leit kréien, fir d'Police déi do ass ze verstäerken. Voilà. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt nach e puer Iwwerleeungen hei bäisteieren. Mir hu lo vill hei iwwert d'Gemeng Lëtzebuerg geschwat an hir Problemer. An ech mengen déi kënnen nëmme geléist gi wa permanent do opgestockt gëtt. Wa mir hei lo ufänken aus anere Gemenge punktuell, wärend e puer Stonnen, Leit dohinner ze schécken, dann ass de Problem falsch ugepaakt. A wann dann och nach gesot gëtt: Mir renforcéieren elo d'Kontrollen tëscht 07h00 an 20h00 owes. Wat ass dat? Dat ass guer näischt. Ech mengen hei soll national gekuckt gi fir um Terrain vun der Stad Lëtzebuerg deementspriechend d'Policepresenz eropzesetzen. Mee fir elo nach eng Kéier hei op d'Motioun zréckzekommen. Mir mengen awer och datt dee Problem do net geléist gëtt wann zu Diddeleng Personal ofgezu gëtt. Fir d'Motioun nach eng Kéier, ech mengen och, an de Buergermeeschter wäert dat lo sécher maachen, eis Proposen zum Text virschloen. Mee am Prinzip si mir awer och op der Säit, datt mir mengen datt dat do net d'Léisung ass fir d'Personal hei ofzezéie fir an der Stad Problemer ze léisen. An dofir si mir am Prinzip bis op e puer kleng Saachen, déi missten ajustéiert ginn, duerchaus mat där Motioun d'accord.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Ech géif vläicht och reagéieren, wat d'Proposen zu der Motioun ugeet oder Ëmformuléierungen, duerno dozou kommen, well ech awer vläicht och nach eng Rei Elementer hei an d'Diskussioun bréngen respektiv par rapport zu enger Rei Punkte wëll reagéieren. Diddeleng ass net de Bronx, wann ech den Här Meyer héieren. Loin de là. Ech wëll dat hei kloer an däitlech soen. Diddeleng ass awer och keng Insel. Diddeleng ass déi véiertgréisst Stad an an de Stied, kriminologesch gesinn, wou vill Leit wunnen, do geschéien och Infraktiounen. Dat ass e ganz normale Fait. De Fait awer dass an deene leschte Joren och ganz vill jonk Familljen op Diddeleng komme weist dass Diddeleng eng sécher Stad ass. Datt et eng Stad ass mat enger héijer Liewensqualitéit, an dofir fannen ech et dramatesch wann hei an den Ausféierunge vu verschiddene politesche Parteien mat den Ängschte vun de Leit gespillt gëtt. An et spillt ee mat den Ängschte vun de Leit, wann een eenzel Faiten héichstiliséiert an dorausser mécht wéi wann dat eng Generalitéit wier. Dat condamnéieren ech absolut. Ech hu kee Verständnes dofir.

Ech hu kee Verständnes dofir well natierlech, wann ee Fait héichstiliséiert gëtt well e säi Wee an de Policebulletin fënnt, well dann d'Medien et opgräifen, da schüürt dat e subjektiivt Onsécherheetsgefill. Wann een awer iwwert e gewëssen Zäitraum kuckt, statistesch gesinn, natierlech Faite stattfannen, mee déi dann objektiv e ganz anert Bild ginn. A wann een och an Diskussioun ass mat der Police, an als Buergermeeschter hunn ech ganz vill, ganz reegelméisseg a ganz gudde Kontakt mat der Diddelenger Police, ass Diddeleng mengen ech awer an deem Sënn eng ganz sécher Stad. An dofir, dat wat hei gesot gëtt kann ech an deem Sënn net am Raum stoe loossen. D'Diddelenger Police, dat muss een awer och soen, ass jo och ganz engagéiert. Et si ronn 40 Polizisten déi hei schaffen. A wann der ofgezu ginn, da muss ee generell wëssen dass d'Charge de travail bei der Diddelenger Police generell zimmlech héich ass.Dofir ass jo och déi Demande gemeet ginn, nieft der genereller Rekrutéierungsphas déi gemeet gëtt landeswäit sollen der jo och op Diddeleng kommen. An da muss ee sech der Situatioun stelle wa scho Personalmangel ass, eng Charge de travail, déi generell héich ass, wann do Leit ofgezu ginn, wou jo offiziell ni gesot ginn ass, wéi vill Leit et sinn, mee et goufen der jo ofgezunn, och wann et nëmme punktuell ass.

Da probéieren déi aner Kolleegen déi hei present sinn um Terrain, déi Polizisten, hir Aarbecht sou gewëssenhaft ze maache wéi et geet an déi Charge de travail, déi dann nach méi héich gëtt, sou gewëssenhaft ze maachen, dass se kënnen d'Sécherheet garantéieren um Territoire vun der Stad Diddeleng. An net nëmme vun der Stad Diddeleng, well de Raum méi wäit geet, dat ass jo och Beetebuerg, Réiser a Fréiseng, wou se ofdecken. Dofir och kee Verständnes dofir, wann hei gesot gëtt och nëmmen temporär oder kucke fir eng zweet Phas. Hei gëtt oft vu aneren Evenementer geschwat. Gefaangenentransport, do gëtt et eng speziell Unitéit an der Police, déi dat och mécht, respektiv och fir d'Rapatriementer. Ech hätt Verständnes dofir, schonn eleng wann et eng Question de sécurité nationale wier. De sécurité nationale. Si mer hei bei enger Question de sécurité nationale? Ech mengen net.

Et ass natierlech eng Situatioun, wou sécherlech net glécklech ass, wou och mol muss agéiert ginn. Mee wou awer, ënnert dem Pretext vun engem Heescheverbuet nach aner Aktioune mat dobäi kommen. Dofir och vun eiser Säit aus och eng gewësse Sympathie fir déi dote Motioun. Mir sinn eis alleguerten heibanne da vläicht eens. Mir hätte gäre méi Polizisten, et ass jo eng Rekrutéierungswell déi am Gaangen ass. A wann een och méi Poliziste kritt, dann ass et och wichteg, dass se kënnen hir Aarbecht a gudde Konditiounen ausféieren. An dass en neit Polizeikommissariat, Madame Kemp, hei op Diddeleng kënnt, dat kënnt op Initiativ vun der Gemengeféierung bei deene jeeweilege Regierungen. An ech hoffen, dass déi aktuell Regierung och deen dote Projet ëmsetzt. Well och déi véiertgréisst Stad brauch fir hir Polizisten optimal Aarbechtskonditiounen an dat muss natierlech och iwwert gutt Infrastrukture gewäerleescht ginn. Ech menge wann ee weess, dass d'Police am fréiere Gebai vun der Gendarmerie ass, da weess een, wéi al dat Gebai ass, fir dat deementspriechend do och kënnen ze maachen. Ech wëll dat Bild iwwert d'Stad Diddeleng ganz kloer relativiséiere an hunn, wéi gesot, kee Verständnis dofir. An da muss ech och soen: Komm mer rieden eis et hei net schéin, och an der Police selwer rumouert et, wou effektiv Kolleeginnen a Kolleege wéinst där nobeler Saach, wou Dir hei sot Madame Kayser, vun hire Servicer ofgezu ginn, also et ass kee schéint Bild, dat sech de Moment hei zeechent. An ech mengen ech hätt schonn alles gesot, a wëll net widderhuele wat scho gesot gouf.

D'Sécherheetsgefill, dat ass zu Diddeleng do, et soll een net mat den Ängschte vun de Leit spillen an et och net opkomme loossen, dass d'Police hei d'Aarbecht net géif maachen. Si assuréieren hiren Daily Business. Mee op alle Fall, wann et eng Question de sécurité nationale wär, vollste Verständnes. Mee an dësem Kader awer deementspriechend manner. C'est un peu du jamais-vu, dass sou Diskussiounen op eemol um lokale Plang gefouert ginn. Vun un dass ech an der Politik sinn hat ech nach ni déi Situatioun, dass déi sou vill accaparéiert huet an och sou vill Onmutt bréngt op villen Niveauen. Ech mengen dass et aner Léisunge brauch fir déi Problematik déi an der Stad ass, fir déi kënnen unzegoen. Mat sécherlech Aktioune vun der Police déi do ass, awer och mat enger ganzer Rei soziale Mesuren.

Mee wéi gesot, mir haten ëmmer sou déi Situatioun, dass de ganz rar a Gemengeréit Diskussioune gefouert hues iwwert Situatiounen an anere Gemengen, in extenso mat enger nationaler Implicatioun. C'est du jamais-vu. Dat ass eng Première vun do un, wou ech politesch aktiv sinn, dass dat deementspriechend de Fall ass. Voilà. Ech mengen ech hätt alles gesot wat ze soe wär.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mee da misste mer jo am Fong soen, nämlech dat wat ech als Alleréischt geduecht hunn, mir si keng Chambre bis. Wann Dir lo sot, dat hei ass éischter eppes wat national eng Problematik ass a wat muss vläicht an der Chamber diskutéiert ginn, da kann een och soen: Ma ass déi Motioun iwwerhaapt recevabel?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, si ass recevabel, well de Buergermeeschter kann ëmmer e Courrier maachen un den Inneminister fir Erklärungen ze froen. L'un n'exclut pas l'autre.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech wollt och nach eng Kéier de Fokus drop bréngen: Mir hu lo ganz vill iwwert d'Stad geschwat an ech wollt awer rappelléieren, dass mir gewielte Mandatairë si vun der Stad Diddeleng an net vun der Stad Lëtzebuerg. An dohier wier et jo an eisem Sënn, dass mer einfach mol géingen e Bréif maachen, an eise Wonsch no méi Police, deen Dir hutt an och vun deem Zréckkréie vu Police wou mir hei constatéieren ass, dass mer déi erëm zréckkréien, dass mer dat a Form vun engem Bréif un de Minister maachen. Dat ass jo u sech de Ophänkert gewiescht, firwat déi Motioun eragereecht ginn ass.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, ech mengen da komme mer lo zu der Motioun. Den 3. Considerant stellt fest, dass den 20. Januar 2024 matten am Dag zu Diddeleng, also et ass richteg, dass dat geschitt ass, ech hu virdrun d'Ausféierung gehat, wann een en eenzele Fait héichstiliséiert, da gëtt een e falscht Bild. An dofir wier hei d'Propos, dat deementspriechend erauszehuelen. Sidd Der domat averstanen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Dat ass fir eis OK, ech menge mir haten dat jo als Beispill opgefouert an och drënner erklärt, dass mer net wéilte mat der Quell op dee riets-polemeschen Zuch opsprangen. Dat ass fir eis OK, wann dat erausfält. Also net déi ganz Motioun, gell.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Bon, beim 3. Considerant do wollte mer de leschten Deel sträichen, e bësse méi sachlech. Dir hutt d'Walprogrammer zitéiert, dat ass jo faktuell a soll am Considerant och faktuell bleiwen, dofir hu mer deen doten Tiret erausgeholl. Dat ass déi zweet Propos. Dann, d'Invitten. Dir hat ursprénglech 3 Invitte gemaach. Also 2. Also d'Invitt un de Schäfferot, den 1 huele mer ewech. Dat brauche mer net. Da schreift Der: Courrier am Numm vum Gemengerot un den Inneminister ze maachen an deem gefuerdert gëtt, dass d'Ofzéie vu Polizisten aus der Regioun Süd-

West réckgängeg gemaach gëtt, well dës Ekipp och fir d'Kommissariat Diddeleng gebraucht gëtt. An da war jo Är Formulatioun eng Prise do position vum Minister wou erkläert gëtt wisou am Süden an notamment zu Diddeleng d'Sécherheet vun de Bierger op d'Spill gesat gëtt andeems Beamten ofgezu ginn a Beamte weider surchargéiert ginn. Dass den Inneminister der Stad Diddeleng déi néideg Erklärungen zoukomme léisst betreffend dem Ofzéie vu Policebeamte vum Diddelenger Kommissariat, deen elo schonn enger Surcharge de travail ausgesat ass. Voilà. Dat waren d'Proposen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech fannen d'Propos gutt esou. Kënne mer just nach eng Kéier den Titel kucken? Well ech hat deen och relativéiert a mengen Ausféierungen, da géinge mer deen och änneren. Sécherheetsbedenken zu Diddeleng war, wéi ech a mengen Argumentaire gesot hunn, éischter esou räisseresch formuléiert, fir d'Diskussioun hei e bëssen unzestoussen. Ech géif dann einfach eng méi sachlech Formulatioun proposéieren aus deem leschte Punkt vum Argumentaire. Wat hate mer do geholl?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Betreffend d'Ofzéie vu Policebeamten zu Diddeleng.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo genau, maache mer et sou.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat ass sachlech. Da bleift déi ganz Motioun an engem ganz proppere sachlechen Toun, Kader. Well dass hei am Fong de Schäfferot de Courrier soll maachen, et ass jo och sou dass mer déi heite Motioun dann och drunhänken an déi soll dann och schonn hir Sachlechkeet hunn. Net ze räisseresch sinn a provokativ sinn. Et soll jo och, wa mer déi Motioun hei wäerte stëmmen, an ech ginn dovun aus, dass verschidde Votte wäerte kommen. Ech weess, dat gesi mer. Mee et soll ee jo och weider am Dialog bleiwen. Et si jo eng Rei Projeten, déi an der Maach sinn.

Engersäits d'Polizeikommissariat, dat vun der Regierung soll hei gebaut ginn. Wou initial och mol d'Iddi war, dass d'Gemeng et soll bauen. Mee ech menge finanziell kéinte mer dat net stemmen an hunn och d'Expertis net fir e Polizeikommissariat ze bauen, respektiv géife mer jo och mat der Police a mam Inneministère zesummeschaffe well mer jo och an der Schäfferotserklärung e Plan local de sécurité ausschaffen. Also mir sinn elo deen een op deen aneren ëmmer ugewisen, och wa mer lo hei ganz kloer weisen, dass e bëssen den Discordance ass um Niveau vun enger Rapproche par rapport zu enger Politik déi d'Stad betrëfft, déi awer en Impakt huet um Diddelenger Territoire. Dofir ass dat e bësse méi Sachlechkeet, déi mer hei an déi Motioun erabréngen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Also mir sinn domat averstanen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Dann erklären ech lo kuerz, firwat mir eis gläich beim Vott wäerten enthalen. Mir sinn der Meenung dass mer eis Nopeschgemengen net sollen am Stach loossen, dass mer deenen ëmmer solle weider hëllefen. Wéi Dir lo gesot hutt: Mir si keng Insel. Also wann ee ronderëm e Problem huet, da musse mer deenen och hëllefe goen. Am Spidol ass et och esou, ech huelen dat als Beispill, well ech do schaffen. Wa mol eng Kéier e Service sou wéi beim Covid massive Personalausfall huet, wou massiv aner Problemer op eis duerkommen, da gëtt och deen een oder anere Service restrukturéiert, dee gëtt och mol reduzéiert am Effectif fir deenen aneren Unitéiten hëllefen ze goen an duerno gëtt eng Basis opgebaut, fir dass et nees an all Service anstänneg leeft. Sou wéi dat och do bei eis gelaf ass, denken ech dass dat och hei am Land mat der Police kéint goen. Just op engem anere Level, enger anerer Dimensioun. A mir sinn net der Meenung, dass mir eisen Nopeschgemengen net sollen hëllefen, wa se Hëllef brauchen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo just dass hei den Ënnerscheed ass, wat Dir sot si Facteurs exogènes, déi do spillen an hei sinn et Facteurs endogènes, hei ass am Fong de Point de départ e komplett aneren. Et ass unhand vun der Politik vun der Stad Lëtzebuerg, dass dat heiten a Kraaft trëtt. Et sinn net Facteurs exogènes, déi ausserhalb vum Territoire vum Land Lëtzebuerg stattfonnt hunn.

MARC MEYER (DP): Jo ganz kuerz. Wéi gesot, wa mir eng Kéier gréisser Suergen hei zu Diddeleng hunn, gréisser Problemer, Drogekriminalitéit oder wat och ëmmer, da si mir och frou wa mir Support kréie vun anerwäerts. Also ech mengen dat gesäit jo jiddwereen an.
An hei ass et jo wéi gesot kuerzzäiteg. Déi Phas 1, déi dauert bis nach 2 Wochen. D'Fro wär eigentlech: Ass et domat gedoen? Oder geet et duerno weider?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dat musst Der den Inneminister froen Här Meyer an net de Buergermeeschter vun der Stad Diddeleng.

MARC MEYER (DP): Dat ass richteg.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech hat lo deen negative Punkt. Mee effektiv, mir begréissen awer dee Saz wou drasteet, dass mer gären Erklärungen hätten, wéi ee sech dann d'Zukunft dovunner virstellt. Et ass jo am Fong de Resumé vum leschte Saz do. Dat gëtt jo dann och eng Erklärung drop zu deem, wat elo grad gesot ginn ass. Eis Leit hei zu Diddeleng, déi maache jo eng gutt Aarbecht a si sollen och eng kleng Perspektiv hunn, eng Vue hunn, wéi et mat hirer Aarbecht weidergeet a wéi hir Charge de travail herno gemanagt gëtt. Voilà. Do kréie mer d'Äntwert jo dann.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech mengen d'Positioun vun Déi Lénk, déi hunn ech virdrun erkläert. Mir musse lo net méi am Tour dréien. Ech sinn da frou ze confirméieren, dass mir mat där ëmformuléierter Propos och d'accord sinn a mir dat och wäerte matstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. OK, ech mengen da wäre mer zum Schluss ukomm. Da géif ech proposéiere mat deenen Ëmformuléierunge vun der Motioun, dass mer déi ganz Motioun, samt den Ëmformuléierungen zum Vott stellen.

***Wien ass mat där dote Motioun averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun Déi Gréng, LSAP an Déi Lénk. Wien ass net domat averstanen? Wien enthält sech? Dat ass d'DP, d'ADR an d'CSV.***

Da maache mir deen dote Courrier, a wa mir d'Äntwert kréie wäerte mer mer och natierlech dem Gemengerot dat alles zoukomme loossen. •

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# **Et si un conseil de base indépendant et gratuit** vous permettait d'améliorer l'efficacité énergétique de votre logement ?




**Notre commune et Klima-Agence, une collaboration énergique**

Ensemble, nous vous accompagnons pour trouver les solutions qui correspondent à vos projets d'habitat, de mobilité durable, et ainsi consommer mieux et moins.

Abordez les étapes nécessaires pour réussir votre projet de rénovation énergétique, de construction durable, découvrez les aides financières disponibles pour chauffer votre logement grâce aux énergies renouvelables et produire votre électricité à partir du soleil, ou faites-vous conseiller pour réduire vos dépenses énergétiques et passer à une mobilité électrique en toute facilité !

Prenez rendez-vous avec votre conseiller Klima-Agence dès aujourd'hui, pour une visite à domicile, une vidéoconférence ou un conseil par téléphone.

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90




# LÉIF BOMA, LÉIWE BOPA,

## LOOSST IECH NET BEDUCKSEN!

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**ZESUMME FIR IECH**
POLICE.LU

POLICE
LËTZEBUERG